

DE FUUSS

INFORMATIONEN AUS DER GEMENG WALDBËLLEG

3 | 2021

BULLETIN
COMMUNAL





DËST STEET HEI DRAN

D'Wuert vum Redaktiounscomité 2

D'GEMENG LA COMMUNE

Rapporte vun de Gemengerotssätzungen	4
Les rapports des réunions du conseil communal	18
Dem Schäfferot seng Äntwerten	32
Les réponses du conseil échevinal	34
Zivilstand / État civil	36
Mir gratuléieren	37
Nationalfeierdag – 22. Juni 2021	38
Schnelltester vun der Gemeng	40
En neien Trakter!	40
Den neie Schäffen	41
Interview Léon Neuman	42

SCHOUL & MAISON RELAIS ÉCOLE & MAISON RELAIS

Beien am C1	45
C1: Visite bei de Pompjeeën	46
Den C2 zu Munzen	47
Den C2.2. am Beetebuerger Märchepark	48
C4: De Verkéiersgaart	50
Hëllef him, hëllef richteg	51
Minnemusée Rëmeleng	51
Ausfluch op de Stauséi	52
Merci	53
Maison relais	54
Ofschloss vum Cycle 4.2.	56
Clôture du cycle 4.2.	56
Musekschoul	58

VERÄINER ASSOCIATIONS

CIGR Mëllerdall	59
Turnveräin Ëmmer Fit	60
Société préhistorique luxembourgeoise	61

KULTUR A GESCHICHT CULTURE ET HISTOIRE

2022: De Renert feiert Gebuertsdag	62
150 Joer RENERT – ee Réckbléck an een Ausbléck	64
Dem roude Léiw säi Kamp	74
D'Buch iwwert de Michel Rodange a seng Heemechtsgemeng	75
Fox-trails, -tales & trots	76
50 Joer Lycée Michel Rodange	78
Jonke Fiisschen, wann s du dem Rodange säi Schatz wëlls fannen ...	78
FortificatiOns	79
D'Hougeriicht op der Fielsser Strooss	80

LIEWEN AN DER GEMENG VIE RURALE

De Concours	82
Olga Goedert, Hobbybeiefra zu Chrëschtnech	84
Projet Akerblumm	86
Kalatou Asbl	88

KLIMAPAKT PACTE CLIMA

Nei Besetzung vum Comité beim ORT Regioun Mëllerdall	90
Klimapakt um Facebook	90
Tour du Duerf 2021 / Tous à bicyclette	91
Beweeg dech – Woch vum 7. bis den 13. Juni 2021	92
Mount vum Bongert	93
„Natura 2000 verbindet“	94
De Vëlosummer 2021	96

WAT ASS LASS? QUE FAIRE?

Wat ass lass?	98
Restaurants	99
Lost & Found	99

VILL FREED BEIM LIESEN!
BONNE LECTURE !



D'WUERT VUM REDAKTIOUNSCOMITÉ

Elo ass et erëm un der Rentrée, d'Schoule sinn erëm un, den Trafic ass net méi gemittlech, mat der Längt vun den Deeg a mam Wieder geet et de Bierg erof. Mee a puncto Sonn ware mer jo wierklech net verwinnt dëse Summer.

Am Contraire: Leider krute mer alt erëm eng Kéier dee Phänomen vu Schluetreen ze erdroen, deen de 14. Juli zu ganz schlëmmen Iwwerschwemmunge gefouert huet. Bei eis ass et haaptsächlech laanscht d'Sauer zu immense Schied komm. An Däitschland an an der Belsch kouw et zu Zerstéierungen an Doudesfäll, wéi ee sech et virdrun net virstelle konnt, an déi ee just aus Krichssituatioune kennt.

Mir sinn hei zu Waldbëlleg dës Kéier relativ gutt ewechkomm. Am Mëllerdall kouw et natierlech zu Iwwerschwemmungen, déi och erëm de Camping an eenzel

Haiser haart getraff hunn. Et sinn awer net déi selwecht grav Schied entstanen ewéi déi leschte Kéier den 1. Juni 2018.

Déi vill Mesuren hunn hir Friichte gedroen. Et kann een d'Iwwerschwemmungen laanscht déi Schwaarz Iernz net vermeiden, mee et sinn awer déi néideg Virkéierunge getraff ginn, fir datt d'Waasser net méi esou vill Steng an Holzstécker matrappt, déi dann un den Infrastrukturen déi vun 2018 bekannte Schied uriichten.

Wat heescht dat fir d'Zukunft? Et ass jiddwerengem kloer, datt mer mussen domadder liewen, datt et all puer Joer zu esou Situatioune kënn. Domat sinn natierlech haaptsächlech d'Existenz vun de Camperen laanscht d'Waasser op ville Plazen a Fro gestallt. Fir de Schutz vun Haiser kann ee sech e Beispill u gelongene Mesuren huelen ewéi zum Beispill zu Angelduerf. An et dierft wuel kaum



D'Redaktiounsekipp ass ewéi gewinnt déi heiten:

Marc Barthelemy (Supervisioun),
Maxime Bender (Kultur),
Corinne Meyers (Schoul a
Maison relais, Veräiner),
Isabelle Oberlé (Geschicht a Kultur),
Damaris Pletschette (Liewen am
Dueref, Fotoen),
Karin Enser (Korrekturen)

Grafesch Gestaltung:
Susanne Hangarter

Drock: Imprimerie de l'Est,
Iechternach.

Responsabelen Editeur:
Gemeng Waldbëlleg

An en décke Merci un d'Ekipp
aus der Gemeng, déi eng ferm
Hand mat upeekt:
Martine Dimmer, Kim Ruppert,
Pit Beckené, Filipe Soares,
David Sonnetti

nach een net dru gleewen, datt mer mam Klimawandel eng Partie negativ Konsequenze mussen iwwert eis ergoe loossen.

An der Gemeng gött et Neies: en neien Trakter, an en neie Schaffen!

Nodeems an der leschter Nummer den Éierebuergermeeschter Gérard Bender e schéinen Artikel iwwer den Hentgesbau geschriwwen hat, ass et dës Kéier den Éierebuergermeeschter Jean-Luc Schleich, deen d'Gebuerts-dagsjoer vum Renert alaut. Leider gött et och eng trauereg Nouvelle: Den Éierebuergermeeschter Edouard Lies ass grad ewéi och seng Fra dëse Summer verscheet. Mir kommen an enger nächster Nummer dorobber zréck.

Fir d'Redaktioun: Marc Barthelemy

Ënnerschriwwen Artikelen drécken d'Vuë vum Auteur aus a ginn ënner senger Responsabilitéit publizéiert.



D'GEMENG // LA COMMUNE

RAPPORTE VUN DE GEMENGEROTSSÄTZUNGEN

Dës Rapporten gi vum Gemengesekretariat geschriwwen, vun de Conseillere nogekuckt a vun der Buergermeeschtesch autoriséiert. Si baséieren op den Deliberatioune vum Conseil, woubäi de geneeë Wuertlaut vun den Decisioune an engem Dossier festgehalten a vun de Conseillere ënnerschriwwen gëtt. Deen Dossier kann all Bierger op d'Gemeng kucken goen.

Dës Rapporten sinn a méi enger verständlecher Sprooch mat méi Explicatioune geschriwwen ewéi déi offiziell Deliberatioune. Dofir sinn déi Lëtzebuergesch an déi Franséisch Versioun net ëmmer genee identesch. Et zielt dann déi Franséisch Versioun, déi dorop baséiert, wat an der Gemeng am Dossier vun den Deliberatioune festgehalten ass.

GEMENGEROTSSÄTZUNG 2021/3

Sëtzung vum Donneschdeg, 29. Abrëll 2021

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
 // BOONEN Serge,
 // MOULIN Théo, Schäffer,
 // BARTHELEMY Marc,
 // BENDER Maxime,
 // MEYERS Corinne,
 // MICHELS Mike,
 // THOLL Jean-Joseph,
 // TOBES Romain, Conseillere,
 // DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt: /.

Dagesuerdnung

2021-03-01 Froe vum Gemengerot un de Schäfferot.
 2021-03-02 Bewëllegung vun engem Leasingvertrag.

2021-03-03 Prinzipiendecisioun iwwer d'Astelle vun engem gemeinsame Beroder „Naturpakt“ fir den Natur- a Geopark Mëllerdall.
 2021-03-04 Ufro fir d'Primärschoul vu Waldbëlleg während de Schouljoeren 2021/2022 an 2022/2023 dierfe weider ze besichen, nom Plënnere an eng aner Gemeng.
 2021-03-05 Avenant zum Policereglement vun der Gemeng Waldbëlleg vum 20. Juli 2020.
 2021-03-06 Avenant zum Gemengereglement iwwer d'Affiere fir finanziell Hëllef fir physisch Leit am Kader vun der Promotioun vun der rationeller Benetzung vun der Energie an d'Opwärtung vun erneierbaren Energien am Wunnberäich vum 17. Juli 2019.
 2021-03-07 Bewëllegung vun zwee Tauschcompromisen.
 2021-03-08 Ëmklasséiere vun enger Parzell zu Chrëschtnech aus dem öffentleche kommunale Besëtz an de private kommunale Besëtz.
 2021-03-09 Ufro fir d'Deele vun engem Terrain zu Chrëschtnech.
 2021-03-10 Entscheidung iwwer d'Ausüben oder d'Zeréckriede vum Virkafsrecht
 2021-03-11 Ufro fir den Accord fir d'Streck „Mullerthal-Tour“ während dem Vëlossummer 2021 fir de Weekend vum 31. Juli op den 1. August 2021.
 2021-03-12 Avis zum nationale Plang fir d'Organisatioun vun den Hëllefsgeschechtere.
 2021-03-13 Konventioun iwwer d'Zurverfügungstelle vun enger Chaudière, déi mat Holz aus dem Entretien vun de Gréngfläche gespeist gëtt.
 2021-03-14 Konventioun vum Joer 2021 mam Office social Fiels.
 2021-03-15 Aussergewéinlech budgetär Ofännerung.



- 2021-03-16 Subsidienufro vun der a.s.b.l. Kalatou, déi hire Sätz zu Waldbëlleg huet.
- 2021-03-17 Subsidienufroen.
- 2021-03-18 Verschiddenes.

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir deen heite Punkt op d'Dagesuerdnung vun der haiteger Sëtzung bäizesetzen:

- 2021-03-19 Propose fir d'Ännere vum Standuert vum Bushaischen beim ale Paschtoueschhaus zu Chrëschtnech.

1. Froen un de Schäfferot

D'Buergermeeschtesch deelt mat, datt de Schäfferot innerhalb vun engem Mount schrëftlech op déi gestallte Froen vun de Conseillere Barthelemy, Bender, Michels an Tobes äntwert, déi si eraginn hunn.

De Schäfferot huet esou op d'Froe um 23. Mäerz vun de Conseillere Bender, Michels an Tobes geäntwert:

Op eis Fro vum Gemengerot vum 7. Februar iwwer méi politesch Objektivitéit a feelende Remarquen an de Rapporten huet eis de Schäfferot den 1. Mäerz a senger Äntwert erkläert dat d'Opname gelauschtert an archivéiert ginn.

Mir hunn déi heite Fro, déi an eiser Fro vum 7. Februar net beäntwert ginn ass:

- *Wei ass et méiglech, datt komplett Diskussiounen an Argumentatiounen net an de Rapporten optauchen, an datt mir esou ëmmer erëm mussen dowéinst nofroen?*

De Schäfferot deelt lech mat, datt de Rapport, deen am De FUUSS publizéiert gëtt, kee Verbatim ass. De Rapport ass geduecht, fir de Bierger d'Decisiounen, déi de Gemengerot hëlt, matzedeelen. All Member vum Gemengerot kritt de Rapport am Virfeld geschéckt an huet d'Méiglechkeet, fir Ännerungen ze proposéieren.

Op eis Fro vum Gemengerot vum 7. Februar iwwer méi politesch Objektivitéit a feelende Remarquen an de Rapporten huet eis de Schäfferot den 1. Mäerz a senger Äntwert erkläert, datt et nach ni Usus war Diskussiounen a Froen zum Budget nidderschreiwen. Och ass erkläert ginn, datt de Budget an enger Aarbechtssëtzung duerchgeholl ginn ass. Mir wëllen als Conseilleren drun erënneren, datt d'Aarbechtssëtzunge fakultativ sinn an dem Public net zougänglech. De Bierger huet e Recht ze wëssen, wéi eng Froe gestallt ginn, an doduerch sollen a mussen och Froen zum Budget an enger Gemengerotsëtzung gestallt ginn.

Mir hunn déi heite Fro dozou:

- *Gesäit de Schäfferot eng Aarbechtssëtzung als eng Reunioun, wou alles ofgekläert gëtt an de Gemengerot just fir ofzestëmmen?*

Heirop äntwert de Schäfferot, datt d'Arbechtssëtzung fakultativ ass a soll derzou déngen, fir déi verschidde Projeten, déi d'Gemeng realiséiert, respektiv de Budget eng Kéier zesummen duerchzegoen. An den Aarbechtssëtzunge ginn d'Conseilleren informéiert iwwer de Suivi vun de Projeten an iwwer den Detail vum Budget a si kréien do och hir Froe beäntwert, déi se eventuell hunn. Am Gemengerot kënnen weider Froe gestallt ginn, et ass net esou geduecht, datt de Gemengerot just dofir do ass fir ofzestëmmen.

Am Gemengerot vum November 2020 krute mir d'Informatioun, datt d'Bushaischen, dat vis-à-vis vum Hotel an der Rue des Romains zu Haler steet, kéint ewechgeholl ginn. Am Gemengerot vum Dezember 2020 krute mir d'Informatioun, datt dës Busarrêt eventuell kéint reaktivéiert ginn. Aktuell gesäit dës Bushaischen am Kär vum Duerf zimmlech knaschteg aus.

Mir hunn déi heite Froen dozou:

- *Gëtt d'Bushaischen elo ewechgeholl?*
- *Falls d'Bushaischen awer reaktivéiert gëtt, kéint et dann zäitno gebotzt ginn?*

De Schäfferot äntwert heirop, datt d'Bushaischen net ewechgeholl gëtt, an datt et den 19. Mäerz vum technesche Service gebotzt ginn ass.

2. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de Leasingvertrag, deen tëschent dem Schäfferot an der BNP Paribas Lease Group Luxembourg S.A fir e Montant vun 128.000,34 € ofgeschloss gouf, ze bewëllegen. Dës Vertrag gouf fir d'Uschafung vun engem Trakter fir den techneschen Déngscht gemaach a soll bannent 36 Méint ofbezuellet ginn.
3. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averstännis ze gi fir d'Astelle vun engem gemeinsame Beroder „Naturpakt“ fir den Natur- & Geopark Mëllerdall.
4. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de Punkt betreffend d'Ufro vun enger Famill, fir datt hirt Kand d'Primärschoul vu Waldbëlleg während de Schouljoeren 2021/2022 an 2022/2023 dierf weider besichen och nom Plënnere an eng aner Gemeng, op d'Dagesuerdnung vun der nächster Gemengerotssëtzung ze reportéieren.

5. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de proposéierten Avenant zum Policereglement ze approvieren. Dës Avenant besteet doran, den Artikel 16 vum Policereglement vun der Gemeng Waldbëlleg ze sträichen, deen doranner besteet, fir eeler Leit oder Leit mat engem Handicap vun der Obligatioun ze dechargéieren, d'Trottoiren an d'Rigole virun hirem Haus propper ze halen. De Gemengerot argumentéiert, datt dës Leit d'Méiglechkeet hunn, op de Service de Proximité zrëckzegräifen, dee vun der Gemeng finanziell ënnerstëtzt gëtt.

6. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de proposéierten Avenant zum Gemengereglement iwwer d'Aféiere fir finanziell Hëllef fir physisch Leit am Kader vun der Promotioun vun der rationeller Benetzung vun der Energie an d'Opwärtung vun erneierbaren Energien am Wunnberäich vum 17. Juli 2019 ze approvieren. Domat gëtt ënner dem Artikel 4 Konditiounen a Modalitéite fir d'Bewëllege vun esou enger finanzieller Hëllef, d'Mentioun d'finanziell Hëllef gëtt just fir nei Gefierer bewëllegt derbäi gesat.

7.

- a) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averstännis ze ginn zum Tauschcompromis vum 1. Mäerz 2021, mat deem d'Gemeng Waldbëlleg vun enger Persoun eng Emprise kritt, geleeën an der Sektioon B vu Waldbëlleg an um Kadaster agedroen ënner der Nummer 510/4592 mat enger Gesamtfläch vun 3 Zentiar. Am Géigenzuch kritt dës Persoun vun der Gemeng Emprisen, geleeën an der Sektioon B vu Waldbëlleg an um Kadaster ënner den Nummeren 510/4592, mat enger Gesamtfläch vun engem Zentiar an 510/4573 mat enger Fläch vun 18 Zentiar.

- b) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averstännis zum Tauschcompromis vum 1. Mäerz 2021 ze ginn, mat deem d'Gemeng Waldbëlleg vun enger Persoun déi heite Parzellen kritt, mat enger Gesamtfläch vun 1 Hektar, 45 Ar an 92 Zentiar, geleeën um Territoire vun der Gemeng Waldbëlleg:

- Nr. 1114/3501, Sektioon D vum Mëllerdall, Lieu-dit Mëllerdall, mat enger Fläch vun 0 Hektar, 10 Ar an 20 Zentiar.
- Nr. 1114/3499, Sektioon D vum Mëllerdall, Lieu-dit Mëllerdall, mat enger Fläch vun 0 Hektar, 12 Ar an 10 Zentiar.

- Nr. 1060/4495, Sektoun B vu Waldbëlleg, Lieu-dit In Landschett, mat enger Fläch vun 0 Hektar, 79 Ar a 44 Zentiar.
- Nr. 1060/4496, Sektoun B vu Waldbëlleg, Lieu-dit In Landschett, mat enger Fläch vu 96 Zentiar.
- Nr. 1061/506, Sektoun B vu Waldbëlleg, Lieu-dit In Landschett, mat enger Fläch vun 10 Ar.
- Nr. 1062/511, Sektoun B vu Waldbëlleg, Lieu-dit In Landschett, mat enger Fläch vun engem Ar an 72 Zentiar.
- Nr. 1079/3164, Sektoun B vu Waldbëlleg, Lieu-dit In Landschett, mat enger Fläch vun 31 Ar a 50 Zentiar.

Dës Persoun kritt am Géigenzuch vun der Gemeng Waldbëlleg déi heite Parzelle mat enger Gesamtläch vun 1 Hektar, 89 Ar a 50 Zentiar:

- Nr. 933/2824, Sektoun B vu Waldbëlleg, Lieu-dit In Dixent, mat enger Fläch vu 24 Ar an 30 Zentiar.
- Nr. 933/2825, Sektoun B vu Waldbëlleg, Lieu-dit In Dixent, mat enger Fläch vun 1 Ar a 65 Zentiar.
- Nr. 933/2826, Sektoun B vu Waldbëlleg, Lieu-dit In Dixent, mat enger Fläch vun 1 Ar a 55 Zentiar.
- Nr. 800/1542, Sektoun A vun Haler, Lieu-dit Kleiner Seitert, mat enger Fläch vun 1 Hektar an 62 Ar.

8. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averstännis ze gi fir d'Ëmklasséiere aus dem ëffentleche Gemengebesëtz an de private Gemengebesëtz vun der Parzell 8/4694, geleeën an der Sektoun C vu Chrëschtnech mat enger Fläch vun 42 Ar. Dat ass, fir dës Parzellen am Kader vun engem Immobilieprojet eventuell ze veräusseren.

9. De Gemengerot entscheet eestëmmeg mat 8 Stëmmen, säin Averstännis ze ginn, fir den Terrain 554/4602, geleeën an der Sektoun C vu Chrëschtnech mat enger Fläch vun 8 Ar an 18 Zentiar an zwee ze deelen. Geméiss dem Artikel 20 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 huet d'Buergermeeschtesch bei dësem Punkt de Sall verlooss an huet weder un den Diskussiounen nach um Vote vun dësem Punkt deelgeholl.

10.

a) De Gemengerot entscheet eestëmmeg mat 8 Stëmmen, säi Virkafsrecht betreffend d'Parzell, déi um Kadaster ënner der Nummer 554/4602 agedroen ass an an der Sektoun C vu Chrëschtnech läit an eng Fläch vun 8,15 Ar huet, net geltend ze maachen. D'Buergermeeschtesch huet och bei dësem Punkt, geméiss dem Artikel 20 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, de Sall verlooss a weder un den Diskussiounen nach um Vote deelgeholl.

b) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säi Virkafsrecht betreffend d'Parzell 421/4698, déi an der Sektoun C vu Chrëschtnech läit an eng Fläch vu 6 Ar a 50 Zentiar huet, net geltend ze maachen.

c) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säi Virkafsrecht betreffend d'Parzell 289/4655, déi an der Sektoun B vu Waldbëlleg läit an eng Fläch vu 6 Ar a 64 Zentiar huet, net geltend ze maachen.

11. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, déi proposéiert d'Streck „Mullerthal-Tour“ fir de Weekend vum 31. Juli op den 1. August 2021 am Kader vum Vëlossummer unzehuelen an déi komplett Spärung (C,2a) vum CR 121 ronderëm de Schéissendëmpel, an zwar vun der Vugelsmillen an de Blummendall, mat Betonsbléck ze froen, fir den Tronçon ofzesécheren.

12. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, den nationale Plang vun der Organisatioun iwwer d'Hëllefdsdëngschter (PNOS), esou ewéi e vum Inneministère gemeinsam mam CGDIS ausgeschafft gouf, unzehuelen, a säi Wonsch auszedrécken fir eng previsible Gestoun vum Budget, mat Bedenke vum Wuesstem vun de Gemengecontributiounen iwwer déi nächst fënnf Joer.

13. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Konventioun ze bewëllegen iwwer d'Zurverfügungstelle vun enger Chaudière, déi mat Holz aus dem Entretien vun de Gréngfläch gespeist gëtt. Dës Konventioun gouf de 15. Mäerz 2021 tëscht dem Syndicat pour l'aménagement et la gestion du Parc naturel, dem Natur- & Geopark Mëllerdall an der Gemeng Waldbëlleg ofgeschloss.

14. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Konventioun vum gemeinsamen Office social an der Fiels fir d'Joer 2021 ze bewëllegen. Dës Konventioun ass den

3. Mäerz 2021 tëschent dem Staat, den affiliéierte Gemengen an dem gemeinsamen Office social vun de Gemengen Aerenzdall, Fëschbech, Hiefenech, Fiels, Noumer a Waldbëlleg ofgeschloss ginn a reegelt d'Relatiounen tëschent deenen dräi Parteien betreffend d'Organisatioun an de Finanzement vun den Aktivitéite vum Office social.

15. De Gemengerot entscheet eestëmmeg d'Schafe vun engem extraordinaire Budgetsartikel fir eng Recette vum Staat fir eng Etüd iwwer d'Schütze vun der geplangter Kläranlag zu Chrëschtnech géint Iwwerschwemmungen, mat engem Montant vun 45.000,00 € an engem ausseruerdentlechen Artikel fir d'Virfinanzéierung vun dëser Etüd mat engem Montant vu 45.000 €.

16. De Gemengerot entscheet eestëmmeg mat 8 Stëmmen, der A.s.b.l. Kalatou e Subsid an Héicht vu 500 € zouzespriechen. Geméiss dem Artikel 20 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hält de Conseiller Michels weder un den Diskussiounen nach um Vote vun dësem Punkt deel.

17. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, deenen heiten Associatiounen e Subsid vu 75 € zouzespriechen:

- Médecins du Monde Esch-sur-Alzette
- Association de soutien aux travailleurs immigrés (Asti)
- Fondation Autisme Luxembourg

- Sécurité routière Luxembourg
- Care Luxembourg
- Amnesty International Luxembourg a.s.b.l.
- Frères des Hommes Luxembourg a.s.b.l.
- Île aux clowns.

18. De Conseiller Michels renseignéiert sech iwwer d'Aarbechten, déi beim Fussballsterrain zu Chrëschtnech gemaach ginn. D'Buergermeeschtesch erkläert, datt dës Aarbechten am Kader vun der Installatioun vun enger Pack up-Station op dëser Plaz gemaach ginn. Et gëtt eng Beliichtung bei der Grillplaz amenagéiert an déi bestoend Beliichtung gëtt duerch eng LED-Beliichtung ersat. Nodeems Renseignement bei der Post nogefrot goufen, huet dës matgedeelt, datt keng Bréifkëscht bei der Pack up-Station géif opgeriicht ginn, soss misst déi am Duerf ewechgeholl ginn.

De Conseiller Michels gratuléiert dem Schäfferot fir d'Schafe vun engem Aarbechtsgrupp fir deen neie Projet vum Ausbau vun der Schoul an informéiert sech iwwer de Suivi an de Projet vun enger Crèche. D'Buergermeeschtesch deelt d'Iddie mat, déi de Schäfferot erakrut an iwwer déi bis elo diskutéiert gouf. Si erkläert, datt de Gemengerot informéiert gëtt, esoubal dës Iddie méi konkret sinn. Si ënnersträicht d'Wichtigkeet vun der Preparatioun vun dësem Projet.

De Conseiller Tobes wëllt wëssen, ob d'Rumeur richteg ass, déi kurséiert iwwer d'Vergréisserung



vun der Buvette vum Fussballsterrain, an zwar datt d'Realisatioun vun dësem Projet Verspéidung kritt huet. D'Buergermeeschtesch erkläert, datt den Ingenieurbüro an der Tëschenzäit gewiesselt gouf an datt d'Schätzung vun de Käschten, déi vum Architektbüro gemaach gouf, ze niddreg erschéngt. De Conseiller freet, wien d'Limitatiounsschëld vun der Vitesse op 50 km/h mat engem Froenzechen op enger öffentlecher Plaz an der Moellerdallerstrooss zu Chrëschtnech opgestallt huet. Hie renseignéiert sech ausserdeem iwwer d'Prozedur, déi anzehalen ass fir e Punkt op d'Dagesuerdnung vun enger Gemengerotssëtzung bäizesetzen. D'Buergermeeschtesch erkläert, datt d'Gemengegesetz virum interne Gemengerotsreglement zielt, an datt d'Prozedur d'selwescht anzehalen ass ewéi et bis elo gemaach gouf. De Conseiller Barthelemy proposéiert, fir dat internt Gemengerotsreglement an der nächster Sëtzung an dësem Sënn ofzeänneren.

De Conseiller Bender deelt mat, datt hien et schued fënnt, datt den Outil sms2citizen net dacks genuch gebraucht gëtt, an datt et wichteg wier dësen Outil ze promovéieren, fir e Maximum vu Bierger ze errechen. De Conseiller Barthelemy proposéiert, fir dës Prozedur am nächste Gemengebuert De FUUSS ze rappelieren. De Conseiller Bender freet och, wéi eng Firma mat den Aarbechte vun der Spillplaz am Mëllerdall beoptragt gouf an ob dës Aarbechten am Delai, also virum Kollektivcongé, kéinten ugoen. De Schäfferot erkläert, datt dem Iwwerprüfungsrapport no vun den Offeren, Entrapaulus Construction déi interessantst Offer gemaach hätt, an datt den Ufank vun den Aarbechten der öffentlecher Ausschreiwung no fir dës Summer fixéiert ass. De Conseiller Bender freet, wéi eng Aarbechte Richtung Mëllerdall op Héicht vum Dixebuer ausgefouert ginn. De Schäfferot klärt op, datt dës Aarbechte beim Dixebuer ausgefouert ginn, fir d'Oflafe vum Waasser erëm hierzestellen.

De Conseiller Barthelemy schneit d'Thema u vum Noloosse vum Loyer vun der Brasserie Heringer Millen bis eng méiglech Reouverture, well de Service op der Terrass erëm funktionnéiert. Hie proposéiert während der nächster Sëtzung iwwer dës Punkt ze deliberéieren, fir e partielle Loyer ze froen, wann déi aktuell Situatioun unhält, an där just d'Terrassen dierfen ophunn. De Gemengerot begréisst dës Propose. D'Buergermeeschtesch deelt mat, datt d'Gemeng d'Buden, déi um Chrëschtmaart am Mëllerdall ëmmer gebraucht ginn, un den Exploitant vum Restaurant Gudde Kascht vun Haler verléint huet,

fir datt dësen dodra ka seng Clienten zerwéieren, a fir esou dës Restaurant an der schwieriger Situation ze ënnerstëtzen.

- 19.** Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot, fir deen heite Punkt op d'Dagesuerdnung vun der Sëtzung bäizesetzen:

Propose fir d'Ännere vum Standuert vum Bushaischen beim ale Paschtoueschhaus zu Chrëschtnech.

De Gemengerot entscheet eestëmmeg, Renseignement bei de Ponts & Chaussées anzehuelen iwwer eng eventuell Méiglechkeet, fir dat Bushaischen ze réckelen.

GEMENGEROTSSËTZUNG 2021/4

Sëtzung vum Donneschteg, 20. Mee 2021

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
 // BOONEN Serge,
 // MOULIN Théo, Schäffen,
 // BARTHELEMY Marc,
 // BENDER Maxime,
 // MEYERS Corinne,
 // MICHELS Mike,
 // THOLL Jean-Joseph,
 // TOBES Romain, Conseilleren,
 // DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt: /.

Dagesuerdnung

- | | |
|------------|---|
| 2021-04-01 | Organisatioun vum Fundamental fir d'Schouljoer 2021/2022: Lëscht 1, Propositioun fir d'Neizoudeeling vu 5 Kandidaten op déi fräi Schoulmeeschtesch/Léierinne-Posten am Fundamental. |
| 2021-04-02 | Ufro fir d'Pensioun vum Chef vum techneschen Déngscht. |

- 2021-04-03 Ernenne vun engem Gemengenemployé am Gehaltsgrupp B1, fir de sozialen an edukativen Ënnergrupp fir 40 Stonne pro Woch, deen dem Syndicat d'initiative vun der Gemeng Waldbëlleg zur Verfügung gestalt gëtt.
- 2021-04-04 Froe vum Gemengerot un de Schäfferot.
- 2021-04-05 Einnamen.
- 2021-04-06 Zousätzlechen Devis fir de Projet fir d'Leitung vum Waasserbehälter Saitert-Waldbëlleg.
- 2021-04-07 Zousätzlechen Devis fir de Projet fir de Leitungsuschluss STP Mëllerdall un de Waasserbehälter am Saitert.
- 2021-04-08 Ufro fir an der Schoul zu Waldbëlleg kënnen ze bleiwen fir d'Schouljoeren 2021/2022 an 2022/2023 nom Plënneren an eng aner Gemeng.
- 2021-04-09 Avenant zum Text vum Règlement d'ordre intérieur vum Gemengerot vum 7. Februar 2019.
- 2021-04-10 Projet fir d'Erëmpbaue vun der Bréck am Kalkewee zu Waldbëlleg.
- 2021-04-11 Entscheidung iwwer d'Ausüben vum Virkafsrecht.
- 2021-04-12 Montant deen u verdéngschtvoll Sportler ausbezuel gëtt.
- 2021-03-13 Subsidufroen.
- 2021-03-14 Verschiddenes.

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemeengesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Maxime Bender a Marc Barthelemy d'Buergermeeschtesch schrëftlech gefrot fir folgende Punkt op d'Dagesuerdung bäizesetzen :

- 2021-03-15 Touristesche Schëlde am Mëllerdall.

1.

- a) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, der Madamm Mandy Hemmen e fräie Posten (C2-4 100%) am Fundamental vun der Gemeng Waldbëlleg zouzedeele.
- b) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, der Madamm Elisabeth Reichling deen 1. fräie Posten (C2-4 100% A21-22) am Fundamental vun der Gemeng Waldbëlleg zouzedeele.

- c) De Gemengerot entscheet mat 7 Stëmmen, der Madamm Anne Roeder deen zweete fräie Posten (C2-4 100% A21-22) am Fundamental vun der Gemeng Waldbëlleg zouzedeele.

- d) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, dem Här Mike Goebel e fräie Posten (C2-4 SUR 100% A21-22) am Fundamental vun der Gemeng Waldbëlleg zouzedeele.

- e) De Gemengerot entscheet eestëmmeg, der Madamm Corinne Jaas e fräie Posten (C2-4 75% A21-22) am Fundamental vun der Gemeng Waldbëlleg zouzedeele.

2. De Gemengerot entscheet eestëmmeg dem Här Fernand HUSS, Chef vum techneschen Déngscht, seng Ufro fir op den 1. Dezember 2021 an d'Pensioun dierfen ze goen, ze bewëllegen.

3. De Gemengerot nominéiert eestëmmeg den Här Fränk DIEDERICH vu Chrëschtnech vum 1. August 2021 un als Gemengenemployé op eng 40 Stonnen Tâche. Dëse Poste gëtt dem Syndicat d'initiative vun der Waldbëlleger Gemeng per Detachement zur Verfügung gestalt.

4. Folgend Fro ass vun de Conseillere Bender, Michels an Tobes gestalt ginn:

„Ginn et lwwerleeungen ënner wéi enger Form Nationalfeierdag kann ofgehaale ginn?“

De Schäfferot informéiert, datt e Konzept fir Nationalfierdag ausgeschafft gëtt. Et ass eng Videoopnam mam Gemengerot a mat enger Ried vun der Buergermeeschtesch un d'Awunner geplangt. Während dem Film solle Fotoen a verschidden Opnamen, déi um Territoire vun der Gemeng gemaach ginn ageblend ginn. En ëffentlecht Fest fënnt net statt, well d'Unzuel u Partizipante limitéiert ass an eng Usammlung vu méi Leit un d'Konditioun gebonnen ass, datt dës musse Sëtzplazen zougewise kréien währenddem och d'Mask muss gedroe ginn an den néidegen Ofstand muss agehale ginn.

5. De Gemengerot bewëllegt d'Einnamen vun 2020 vun der Gemeng.

6. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, den zousätzlechen Devis fir de Projet fir d'Leitung vum

Waasserbehälter Säitert-Waldbëlleg fir e Montant vu 432.692,91 €, ze appouvéieren.

7. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, den zousätzlechen Devis fir de Projet fir de Leitungsuschluss STP Mëllerdall un de Waasserbehälter am Säitert fir e Montant vu 403.659,36 €, ze appouvéieren.
8. De Gemengerot hält keng Entscheidung, mat 4 Stëmme dervir a 4 Stëmme dergéint an enger Enthaltung, fir der Ufro nozekommen, fir datt e Kand, wat an eng aner Gemeng plënnert während de Schouljoeren 2021/2022 an 2022/2023 ka weider hei zu Waldbëlleg an de Fundamental goen. Dëse Punkt ass op d'Dagesuerdnung vun der nächster Sëtzung verluecht ginn, déi op de 17. Juni fixéiert ass a wann de Vote nees esou ausgeet, zielt déi Stëmm vun der Buergermeeschtesch zweemol.
9. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de proposéierten Avenant zum interne Reglement vum Gemengerot vum 7. Februar 2019 ze appouvéieren. Dësen Avenant besteet doran, den Artikel 4 ze sträichen.
10. De Gemengerot gëtt säin Averstännis zum Devis vun 245.700,00 € betreffend de Projet iwwer de Reamenagement vun der Bréck am Kalkewee, dee vum Büro Best ausgeschafft ginn ass.
11. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, zeréckzetriede vu sengem Virkafsrecht betreffend zwou Parzellen, déi um Kadasteramt ënner den Nummeren 906/2403 a 906/2404 an der Sektioon A vun Haler agedroen sinn an eng Fläch hu vu 5 Ar a 55 Zentiar a vu 5 Ar 47 Zentiar.
12. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, der Madamm Sarah de Nutte e Virement an Héicht vun 250 € fir hir aussergewéinlech sportlech Verdéngschter ze accordéieren.
13. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, der Croix Rouge e Subsid an Héicht vu 75 € zousesprieche.
14. De Conseiller Barthelemy deelt mat, datt d'Scannen vum Gemengebiet iwwer e Leader Projet realiséiert a finanzéiert gëtt. Verschidde Bicher, iwwer d'Geschicht vun der Gemeng Waldbëlleg ginn och digitaliséiert, dëst awer op Käschte vun der Gemeng. Hie freet, ob eventuell nach Conseillere aner Bicher iwwer d'Gemeng hunn, déi kéinten interessant sinn a solle

gescannt ginn. Beim Verëffentlechen um Internetsite vun der Gemeng ass et wichteg d'Auteursrechter ze respektéieren. Hien invitéiert och déi Conseillere, déi a verschiddene Kommitteeën vertraude sinn, de järeleche Rapport eranzeginn fir dësen am De FUUSS ze publizéieren. Fir dem Probleem vum Eichenprozessionsspinner entgéintzewierken, proposéiert de Conseiller Barthelemy fir Brutkëschte laanscht d'Weeër ze hänken fir d'Reproduktioun vun de Schielmeesen ze fërderen, déi den natierleche Feind vun dëse Schädlinge sinn.

De Conseiller Bender freet nom Kredit, deen um Budget vun 2021 fir lokal Veräiner am Kader vum Covid-19 virgesinn ass, an ob d'Opdeelung heivu scho bekannt ass. D'Buergermeeschtesch erkläert, datt bis elo nach keng Demande diesbezüglech erakomm ass an de Schäfte Boonen informéiert, datt de Schäftefirer d'éischt wéilt d'Evolution vun der Pandemie ofwaarderen, ier zesumme mam Gemengerot iwwer d'Opdeelung vun de finanziellen Hëllefene un déi lokal Veräiner entscheet gëtt.

De Conseiller Bender freet ob de Syndicat d'initiative scho seng Generalversammlung ofgehalen hätt. Hien erënnert un d'Konvention tëschent dem Syndikat an der Gemeng, laut wéienger de Syndikat säi Bilan muss bis den 31. Mäerz virstellen. D'Buergermeeschtesch erënnert de Responsablen nach eemol heirun an deelt mat, datt eng Reunion wäert organiséiert gi mam Concertatiounskomitee mam Thema Suivi vum Chantier vun der Spillplaz.

De Conseiller Bender informéiert, datt am Alewee, Richtung Bësch ëmmer méi Leit campéieren. De Schäfte Boonen deelt mat, datt et gutt wier direkt de Fierschter oder d'Police heiriwwer ze informéieren, fir datt déi kënnen Kontrolle maachen. D'Buergermeeschtesch léisst wëssen, datt bei der Präitelerbréck och reegelméisseg Camping-carene halen, an datt d'Police dëse Leit recommandéiert dës Plaze bis deen Dag drop ze verloossen.

De Conseiller Tholl freet ob et méiglech wier e Schëld bei der Kierch a beim Kierfecht zu Haler opzehänken, wat et ënnerseet op dës Plaze mam Camping-car ze parken, well och hei campéiert gëtt. D'Buergermeeschtesch deelt mat, datt si dëst un de Responsablen vum techneschen Déngscht weidergëtt.

D'Conseillère Meyers renseignéiert sech iwwer de Sujet vum Loyer vun der Brasserie Heringer Millen.

D'Buergermeeschtesch informéiert, datt dësen erëm säit Mëtt Mee, zënter der Reouverture vun der Brasserie, fälleg ass.

D'Buergermeeschtesch informéiert iwwer eng Ausstellung vum Natur- a Geopark Mëllerdall, déi am Trifolion zu lechternach stattfënnt. Si deelt mat, datt d'Reunioun vum Natur- a Geopark Mëllerdall weider stattfannen, déi vum Club Senior sinn e puer Mol reportéiert ginn. Si deelt och mat, datt d'Gemeng invitéiert ass de fënnfjäregen Tourissemplang fir d'Joeren 2023-2027 bis de 15. Juli ze presentéieren.

De Conseiller Michels renseignéiert sech iwwer d'zertiféiert Auto-Schnelltester, déi d'Gemeng proposéiert. D'Buergermeeschtesch äntwert, datt d'Gemeng d'Beamte bei der Santé deklaréiert huet an datt dës d'Resultater vum Test kënnen certifiéieren. D'Tester ginn op Rendez-vous an der Cafeteria zu Waldbëlleg gemaach, freides vu 16.00 bis 19.00 Auer a samschdes vu 17.00 bis 19.00 Auer.

Fir transparent ze sinn, huet de Schäfte Moulin annoncéiert, datt hien a seng Famill entscheet hunn an eng aner Gemeng wunnen ze goen an datt hien dowéinst misst als Schäffen, Conseiller a Verrieder a verschiddene Kommitteeën, demissionéieren. D'Buergermeeschtesch deelt mat, datt iwwer de Suivi entscheet gëtt, esoubal den Datum vun der Demission bekannt ass.

15. De Gemengerot entscheet eestëmmeg d'Verieder vum Schäffen- a Gemengerot ze beoptragen de Projet fir touristesch Schëlde, geméiss engem gemeinsame Modell innerhalb vun de Kommitteeë vum Natur- a Geopark Mëllerdall, dem ORT Lëtzebuerger Schwäiz an dem Leader Region Mëllerdall, esou wéi de Ministère an anere Gemengen ze presentéieren.

GEMENGEROTSSÄTZUNG 2021/5

Sëtzung vum Donneschdag, 17. Juni 2021

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
 // BOONEN Serge,
 // MOULIN Théo, Schäffen,
 // BARTHELEMY Marc,
 // BENDER Maxime,
 // MEYERS Corinne,
 // MICHELS Mike,
 // THOLL Jean-Joseph,
 // TOBES Romain, Conseilleren,
 // DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt: /.

Dagesuerdung

2021-05-01	Froe vum Gemengerot un de Schäfferot.
2021-05-02	Informatioun vum Schäfferot un de Gemengerot.
2021-05-03	Provisoresch Schoulorganisatioun 2021/2022.
2021-05-04	Entwécklungsplang iwwer d'Schouletablisement fir d'Joeren 2021-2024.
2021-05-05	Plang fir d'ausserschoulesch Betreierung fir d'Joeren 2021-2022.
2021-05-06	Ufro fir d'Bleiwien an der Schoul zu Waldbëlleg fir d'Schouljoeren 2021/2022 an 2022/2023 nom Plënnere an eng aner Gemeng.
2021-05-07	Restantenétat 2020.
2021-05-08	Projet fir d'Astandsetzung vun der Bëllegerbaach no den Iwwerschwemmunge vum 01.06.2018 an der Gemeng Waldbëlleg.
2021-05-09	Järleche Plang fir 2022 iwwer d'Aarbechten un de Feldweeër.
2021-05-10	Décompte vun den Aarbechte fir de Reprofilage an de Goudronnage vun dräi Feldweeër.
2021-05-11	Bewëllegung vun engem Tauschvertrag.
2021-05-12	Bewëllegung vun engem Kafvertrag.
2021-05-13	Bewëllegung vun engem Ierfpachtvertrag.

- 2021-05-14 Entscheidung iwwer d'Ausüben oder d'Zeréckriede vum Virkafsrecht.
- 2021-05-15 Konventioun iwwer d'Zësammenaarbecht am Kader vun der selektiver Collecte vum Plastik fir d'Opwärtung vun dësem.
- 2021-05-16 Subsidufroen.
- 2021-05-17 Verschiddenes.

1. De Conseiller Tobes renseignéiert sech iwwer d'Aarbechten, déi zu Chrëschtnech op Héicht vun der Kläranlag am Gaange sinn. D'Buergermeeschtesch informéiert, datt déi bestoend Zoufuerleitung vun der Kläranlag erneiert gëtt. Ausserdeem deelt si mat, datt d'Plaz bei der Uelegsmillen sech net besser eegent fir d'Installatioun vun där neier Kläranlag. De Sigest géif gären deen ursprénglech derfir virgesinne Site bäibehalen. Eventuell Ännerunge vum Bau ginn analyséiert.
2. De Schäffe Moulin annonciéiert, datt hien seng Demissioun vu senger Fonktioun als Schäffen eraginn huet. Dëse Courier ass fir Approbatioun un den Inneministär weidergeleet ginn. Während der nächster Gemengerotssëtzung, déi op de 14. Juli 2021 fixéiert ass, gëtt e Remplaçant designéiert. Den Här Moulin kann eréischt als Conseiller demissionnéieren, wa säi Remplaçant als Schäffe vereedegt gouf.

D'Buergermeeschtesch informéiert, datt d'Gemeng vu Wiesen Piront Constructions SA viru Geriicht zitéiert gouf am Kader vu Baumängel, déi der Firma vu Bierger aus der Gemeng betreffend en Eefamilljenhaus zu Haler, virgehait ginn. D'Firma léisst d'Gemeng an dësem Zësammenhang intervenéieren, well dës de Bau autoriséiert an de Bebauungsplang geneemegt huet.

D'Buergermeeschtesch deelt mat, datt den Educatiounsministère d'Preventionsmoosname géint de Covid-19 iwwerschafft huet. D'Droe vun der Mask ass just nach bei Aktivitéiten dobannen obligatoresch, Reuniounen a Persoun si bis zu 50 Leit autoriséiert, fir kollektive Sport ass d'Unzuel vu Schüler, déi deelhuelen net méi limitéiert a pedagogesch Sortien a Schoulfester sinn erëm erlabt, ënner Virbehalt vum Respekt vun de sanitäre Moosnamen.

3. De Gemengerot hält d'Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2021/2022 eestëmmeg fest.

4. De Gemengerot bewëllegt den Entwécklungsplang iwwer d'Schouletablissement fir d'Joeren 2021-2024, dee vum Schoullkomitee opgestallt gouf.
5. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, de Plang fir déi ausserschoulesch Betreierung fir d'Joeren 2021-2022 unzehuelen.
6. De Gemengerot entscheet mat 6 Stëmme (d'Buergermeeschtesch Henx-Greischer, d'Schäffen Boonen a Moulin an d'Conseillere Barthelemy, Meyers an Tholl géint 3 Stëmme (d'Conseillere Bender, Michels an Tobes), eng Ufro fir d'Weiderféiere vun der Schoul zu Waldbëlleg fir d'Schouljoeren 2021/2022 an 2022/2023 nom Plënnere an eng aner Gemeng net ze acceptéieren
7. De Gemengerot entscheet eestëmmeg :

- d'Chiffre wéi a folgendem Tableau vum Restantenetat unzehuelen

		Gewéinleche Service	Ausseruerdentleche Service
Provisoresch Reprisen	130.255,62 EUR	130.255,62	
Hannerloosse vu Scholden	559,00 EUR	559,00	
Total	130.814,62 EUR	130.814,62	

- dem Schäfferot d'Averständnis ze ginn fir geriichtlech géint d'Schëldner virzegoen.

De Gemengerot beoptragt de Schäfferot, dem Besëtzer vum Golf a vun de Gebailechkeeten op 1, Rue des Rochers am Mëllerdall e Courier ze schécken deen dësem matdeelt, datt wann d'Rechnungen, déi hien der Gemeng schëlleg ass bannent engem Mount net bezuelt sinn, d'Waasser vum Golf ofgespaart gëtt an dat vum Clubhouse, vum Hotel a vun der Residenz am Mëllerdall reduzéiert gëtt.

8. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, säin Averständnis ze gi fir de Projet vun der Astandsetzung vun der Bëllegerbaach no den Iwwerschwemmunge vum 01.06.2018 an der Gemeng Waldbëlleg. Dëse Projet gouf vum Nordservice vum Wasserwirt-

schaftsamt ausgeschafft mat engem Gesamtmontant vun 772.728,49 € inklusiv TVA.

- 9.** De Gemengerot hält de Programm fir d'Astandsetzung vum Wee „Beim Heffinger Moor“ zu Chrëschtnech, deen op enger Längt vun 800 Meter en neie Profil kritt, esou wéi vum Wee „auf der Kaul“ tëscht Chrëschtnech a Freckeisen a mat Schlaken opgetippt gëtt iwwer eng Längt vu 620 Meter, eestëmmeg fest.
- 10.** De Gemengerot gëtt säin Averstännis zu der Ofrechnung vun den Aarbechten fir de Reprofilage an de Goudronnage vun de Feldweeër „Bei der Bourwies“ „Kilker“ an „Aale Wee“ an Héicht vun 73.907,69 €.
- 11.** De Gemengerot gëtt säin Averstännis zum Tauschvertrag vum 6. Mee 2021, laut wéi engem d'Gemeng Waldbëlleg eng Parzell, geleeën an der Sektioon B vu Waldbëlleg an um Kadaster ënner der Nummer 445/4797 mat enger Fläch vu 15 Zentiar agedroen, géint eng Emprise tauscht geleeën an der Sektioon B vu Waldbëlleg an um Kadaster ënner der Nummer 453/4800 agedroen mat enger Fläch vun 28 Zentiar.
- 12.** De Gemengerot gëtt säin Averstännis zum Kafvertrag vum 26. Abrëll 2021, laut wéi engem d'Gemeng Waldbëlleg folgend Parzelle verkaf kritt :
- No 694/2006, geleeën an der Sektioon A vun Haler mat enger Fläch vun 83 Ar,
 - No 229/2074, geleeën an der Sektioon A vun Haler mat enger Fläch vu 65 Ar
 - No 228, geleeën an der Sektioon A vun Haler mat enger Fläch vun 20 Ar,
 - No 227/1375, geleeën an der Sektioon A vun Haler mat enger Fläch vu 85 Ar,
 - No 1114/3498, geleeën an der Sektioon D vum Mëllerdall mat enger Fläch vu 14 Ar

zum Präis vun 135.600,00 € (253 Ar x 500 € + 14 Ar x 650 €).

- 13.** De Gemengerot entscheet mat 6 Stëmmen (d'Buergermeeschtesch Henx-Greischer, d'Schäffe Boonen a Moulin an d'Conseillere Barthelemy, Meyers an Tholl) géint 1 Stëmm (de Conseiller Tobes) an 2 Enthaltungen (d'Conseillere Bender a Michels), fir säin Averstännis ze ginn zum Ierfpachtvertrag vum 6. Mee 2021, mat deem d'Gemeng Waldbëlleg eng Parzell, geleeën an der Sektioon B vu Waldbëlleg an

um Kadaster ënner der Nummer 443/4796 agedroen, mat enger Fläch vun 63 Zentiar, fir eng Dauer vu maximal 99 Joer verlount.

- 14.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg vu sengem Virkafsrecht betreffend d'Parzelle mat den Nummern 245/2378, 245/2381, 245/2399 et 245/2400, geleeën an der Sektioon A vun Haler mat enger Fläch vun 10 Ar an 92 Zentiar, zeréckzetrieden.
- 15.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg säin Averstännis ze ginn zu der Konventioun tëschend der Gemeng Waldbëlleg an der Asbl Valorlux am Kader vun der selektiver Kollekt vum PMC (plastiks Verpackungen, metalle Këschten, Kartone vu Gedréns) fir dës weider ze verwäerten. An dëser Konventioun hu béid Parteie festgehalten an engem géigesäitegen Intérêt zesummenzeschaffen.
- 16.** De Gemengerot entscheet eestëmmeg folgende Veräiner e Subsid an Héicht vu 75 € zouzesprechen:
- Aide aux enfants handicapés du Grand-Duché a.s.b.l.
 - Parkinson Luxembourg a.s.b.l.
- 17.** De Conseiller Bender renseignéiert sech iwwer d'Reouverture vun der Gemengeverwaltung. De Schäfferot deelt mat, datt d'Verwaltung erëm während den Öffnungszäite fir de Public op ass, ouni musse virdrun e Rendezvous ze huelen. Hie freet och wéi ee Projet beim Raider am Mëllerdall ausgefouert gëtt. De Schäfferot erklärt, datt hei eng Statioun fir Véloen ze flécken installéiert gëtt. Ausserdeem ginn d'Conseillere doriwier informéiert, datt de Chantier fir d'pedagogesch Spillplaz um Site vun der Heringer Millen an deenen zwou bis dräi folgend Woche wäert ufänken.

De Conseiller Michels informéiert, datt d'Gras déi zwou Säite laanscht de Feldwee „Beim Basséng“ zu Waldbëlleg immens héich wier an datt dat misst geméint ginn. De Schäfferot leet dem techneschen Déngscht dëst Uleies weider.

D'Buergermeeschtesch deelt mat, datt Biopoubelle bei de Kierfechter aus der Gemeng opgestallt goufe fir de Gréngschnatt ewechzegeheien. Si wëllt gären drop opmierksam maachen, datt d'Blummendëppen net gläichzäiteg an dës Poubelle solle geheit ginn.

GEMENGEROTSSÄTZUNG 2021/6

Sätzung vum Mëttwoch, 14. Juli 2021

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschtesch,
 // BOONEN Serge,
 // MOULIN Théo, Schäffen,
 // BARTHELEMY Marc,
 // BENDER Maxime,
 // MEYERS Corinne,
 // MICHELS Mike,
 // THOLL Jean-Joseph,
 // TOBES Romain, Conseillere,
 // DIMMER Martine, Sekretärin.

Entschëllegt: /.

Dagesuerdning

2021-06-01 Propose vun engem Kandidat fir d'Ernenne vun engem Schäffen.

Geméiss dem Artikel 13, Paragraph 2 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, freet Buergermeeschtesch de Gemengerot fir folgenden zousätzleche Punkt op d'Dagesuerdning vun der Sätzung ze setzen:

2021-06-02 Ufro fir d'Unhuele vu Kanner, déi net an der Gemeng wunnen, an der Grondschoul vu Waldbëlleg fir d'Schouljoer 2021/2022.

2021-06-03 Froe vum Gemengerot un de Schäfferot.

2021-06-04 Bewëllegung vun enger Konventioun fir d'Waasserversuergung mat der Äerenzdallgemeng.

2021-06-05 Projet fir d'Vergréisserung vum Gemengenhaus.

2021-06-06 Bewëllegung vun engem Kafvertrag.

2021-06-07 Unhuele vun enger Mentioun, déi d'Regierung invitéiert den Échéancier an d'Taxe vun der europäescher Direktiv betreffend déi kommunal Offalldéponien zu Lëtzebuerg ze respektéieren.

2021-06-08 Ufro fir d'Bewëllegung vun engem Morcellementsprojet vun Terrainen zu Waldbëlleg.

2021-06-09 Festleeë vun den Taxe fir d'Gewerbsteier fir d'Joer 2022.

2021-06-10 Festleeë vun den Taxe fir d'Grondsteier fir d'Joer 2022.

2021-06-11 Ofrechnung vun ausseruerdentlechen Aarbechten.

2021-06-12 Prinzipienentscheidung iwwer d'Ausschaffe vun engem État de lieux fir d'Besoine vun der Gemeng am Beräich vun Integratioun ze ermëttelen.

2021-06-13 Subsidueroen.

2021-06-14 Verschiddenes.

Geméiss dem Artikel 13 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, hunn d'Conseillere Bender, Michels an Tobes schréftlech ugefrot fir folgend Punkten op d'Dagesuerdning derbäizesetzen:

2021-06-15 Informatiounsreunioun iwwer d'Kläranlag Chrëschtnech/Waldbëlleg.

2021-06-16 Waasserspender an der Gemeng.

1. De Gemengerot decidéiert no geheimer Ofstëmmung op 9 valabele Bulletinen mat 6 Stëmmen an 3 Enthaltungen, der Inneministesche d'Kandidatur vum Här Jean-Joseph Tholl, Gemengeconseiller, pensionnéiert, als Remplaçant vum Schäffen Theo Moulin, deen demissionnéiert huet, virzeschloen.
 2. De Gemengerot accordéiert eestëmmeg, fir den zousätzleche Punkt „Ufro fir d'Unhuele vu Kanner, déi net an der Gemeng wunnen, an der Grondschoul vu Waldbëlleg fir d'Schouljoer 2021/2022“ op d'Dagesuerdning vun der Sätzung bäizesetzen.
- De Gemengerot entscheet eestëmmeg, dräi Kanner, déi nach net an der Gemeng wunnen, fir d'Schouljoer 2021/2022 am Cycle 1 respektiv am Cycle 3.1 vun der Grondschoul vu Waldbëlleg unzehuelen.
3. Et ass keng schréftlech Fro virun der Sätzung eragereecht ginn.

Während der Sätzung renseignéiert de Conseiller Bender sech iwwer den neien Internetsite vun der Gemeng. Hien ass informéiert ginn, datt den Internetsite géif erneiert ginn, eréischt ewéi d'Gemeng eppes doriwwer bei der Kultur- an Tourissemkommissioun nogefrot huet. De Conseiller Bender freet, ob d'Membere vun der Kultur- an Tourissemkommissioun d'Preparatiounen fir deen neie Site kéinte presentéiert kréien. D'Buergermeeschtesch informéiert, datt de Projet

15. Le conseil communal décide unanimement de marquer son accord à la convention de collaboration dans le cadre de la collecte sélective des PMC (emballages plastique, boîtes métalliques, cartons à boisson) en vue de leur valorisation, conclue entre l'administration communale de Waldbillig et l'a.s.b.l. de droit luxembourgeois « Valorlux », aux termes de laquelle les parties ont, dans un intérêt réciproque, convenu de conjuguer leurs efforts.

16. Le conseil communal décide unanimement d'accorder un subside de 75 € aux associations suivantes :

- Aide aux enfants handicapés du Grand-Duché a.s.b.l.
- Parkinson Luxembourg a.s.b.l.

17. Le conseiller Bender se renseigne sur la réouverture de l'administration communale. Le collège échevinal fait savoir que les bureaux de la population sont de nouveau accessibles au public sans prise de rendez-vous. Il demande quel projet est réalisé auprès des tableaux d'affichage à Mullerthal. Le collège échevinal énonce qu'une station de réparation pour bicyclettes y est installée. En outre, les conseillers sont informés que le chantier de l'aire de jeux pédagogique sur le site de la Heringer Millen débutera dans les 2 à 3 semaines à venir.

Le conseiller Michels informe que l'herbe des accotements du chemin rural « Beim Basséng » à Waldbillig est très haute et devrait être coupée. Le collège échevinal transmet la remarque au service technique communal.

La bourgmestre fait savoir que des poubelles bio sont installées aux cimetières de la commune afin d'y déposer les déchets de verdure. Elle désire rendre attentif au fait que les pots à fleurs ne sont pas à jeter en même temps dans ces poubelles.

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2021/6

Séance du mercredi, 14 juillet 2021

Présents :

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre,
 // BOONEN Serge,
 // MOULIN Théo, échevins,
 // BARTHELEMY Marc,
 // BENDER Maxime,
 // MEYERS Corinne,
 // MICHELS Mike,
 // THOLL Jean-Joseph,
 // TOBES Romain, conseillers,
 // DIMMER Martine, secrétaire.

Excusé : /

Ordre du jour

2021-06-01 Proposition d'un candidat relative à la nomination d'un échevin.

Conformément à l'article 13, alinéa 2 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, la bourgmestre a demandé au début de la séance au conseil communal de bien vouloir approuver l'ajout du point supplémentaire suivant à l'ordre du jour :

2021-06-02 Demande d'admission d'enfants non-résidents dans l'école fondamentale de Waldbillig pour l'année scolaire 2021/2022.

- 2021-06-03 Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins.
- 2021-06-04 Approbation d'une convention de fourniture d'eau potable conclue avec la commune de la Vallée de l'Ernz.
- 2021-06-05 Projet relatif à l'agrandissement de la mairie à Waldbillig.
- 2021-06-06 Approbation d'un compromis de vente.
- 2021-06-07 Adoption d'une motion invitant le gouvernement à respecter l'échéancier et les taux de la directive européenne en ce qui concerne la mise en décharge des déchets municipaux au Luxembourg.
- 2021-06-08 Demande d'approbation d'un projet de morcellement de terrains à Waldbillig.
- 2021-06-09 Fixation des taux multiplicateurs de l'impôt commercial pour 2022.
- 2021-06-10 Fixation des taux multiplicateurs de l'impôt foncier pour 2022.
- 2021-06-11 Décomptes de travaux extraordinaires.
- 2021-06-12 Accord de principe pour l'élaboration d'un état de lieux afin d'obtenir les besoins de la commune en matière d'intégration.
- 2021-06-13 Demandes de subsides.
- 2021-06-14 Divers.

Conformément à l'article 13 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, les conseillers Bender, Michels et Tobes ont demandé par écrit à la bourgmestre de faire figurer aussi les points suivants sur l'ordre du jour :

- 2021-06-15 Réunion d'information au sujet de la station d'épuration Christnach/Waldbillig.
- 2021-06-16 Distributeurs d'eau dans la commune.

1. Le conseil communal décide après scrutin secret sur 9 bulletins valables par 6 voix et 3 abstentions de proposer à Madame la Ministre de l'Intérieur la candidature de Monsieur Jean-Joseph THOLL, conseiller communal, retraité, en remplacement de l'échevin démissionnaire Monsieur Théo Moulin.
2. L'ajout du point supplémentaire « Demande d'admission d'enfants non-résidents dans l'école fondamentale de Waldbillig pour l'année scolaire 2021/2022 » à l'ordre du jour est approuvé unanimement. Le conseil communal décide unanimement d'accepter l'admission de trois enfants non-résidents au cycle 1 respectivement au cycle 3.1

dans l'école fondamentale de Waldbillig, en attendant leur emménagement dans la commune.

3. Aucune question n'a été introduite par écrit avant la séance. Le conseiller Bender se renseigne durant la séance sur le nouveau site Internet. C'est par une demande du secrétariat à la commission de la culture et du tourisme qu'il a appris que le conseil échevinal a décidé de modifier ce site. Le conseiller Bender demande si ces modifications du site ou de la charte graphique pourraient être présentées aux membres de la commission de la culture et du tourisme. Le bourgmestre informe que le projet pourrait être présenté aux membres du conseil communal. Sur demande du conseiller susnommé, le collège échevinal confirme que le nouveau site devrait être implementé pour septembre/octobre.

Le conseiller Michels demande si, suite à l'aménagement de l'aire de rebroussement à Haller, l'arrêt de bus situé vis-à-vis de l'hôtel serait réactivé. Le bourgmestre affirme cette demande et informe qu'un autre arrêt sera mis en place dans la rue des Romains proche du nouveau PAP, pour lequel les démarches administratives sont en cours d'élaboration.

4. Le conseil communal décide à l'unanimité des voix de marquer son accord à la convention de fourniture d'eau potable conclue le 1^{er} juillet 2021 entre l'administration communale de Waldbillig et l'administration communale de la Vallée de l'Ernz, aux termes de laquelle l'approvisionnement en eau potable de la commune de la Vallée de l'Ernz ainsi que les droits et obligations de chaque partie sont définis.
5. Le conseil communal décide avec 6 voix et 3 abstentions, d'approuver le projet d'agrandissement de la mairie sise à Waldbillig, dressé le 2.07.2021 par le bureau d'architecte Witry & Witry architecture urbanisme SA avec un montant total de 6.007.644,61 €. Les conseillers Bender, Michels et Tobes se sont abstenus du vote.
6. Le conseil communal marque son accord au compromis de vente du 21 juin 2021 aux termes duquel l'administration communale déclare vendre à la société Normills une parcelle du domaine privé communal sise à Christnach, section C de Christnach, inscrite au cadastre sous le numéro 8/4694 d'une contenance de 42 centiares au prix de 25.200,00 € (vingt-cinq mille deux cents euros).

7. Le conseil communal décide avec 8 voix et une abstention du conseiller Bender, d'inviter le gouvernement à demander à la ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à procéder à une transposition fidèle du texte de la directive européenne (UE) 2018/850 et de respecter et de ne pas aller au-delà des délais et des taux de la directive en ce qui concerne la mise en décharge de déchets municipaux au Luxembourg.

8. Le conseil communal décide avec 7 voix de marquer son accord au projet de morcellement du terrain inscrit au cadastre sous le numéro 507/4630, section B de Waldbillig, contenant 7 ares 28 centiares en trois parcelles, d'après le plan soumis. Conformément à l'article 20 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, les conseillers Michels et Tholl ne participent ni aux délibérations, ni au vote du présent point.

9. Le conseil communal décide avec toutes les voix de fixer le taux multiplicateur de l'impôt commercial dans la commune de Waldbillig pour l'année d'imposition 2022 à 250%.

10. Le conseil communal décide unanimement :

- de fixer pour l'année d'imposition 2022 le seul et même taux multiplicateur de l'impôt foncier B pour les différentes catégories d'immeubles à 300% ;
- de fixer le taux de l'impôt foncier A à 300%.

11.

a) Le conseil communal marque son accord au décompte concernant les travaux de renouvellement des fenêtres de l'école préscolaire à Waldbillig au montant de 108.898,06 €. Le devis y relatif s'élevait à 110.000,00 €.

b) Le conseil communal marque son accord au décompte concernant les travaux de renouvellement de la conduite d'eau dans la rue de Christnach à Waldbillig au montant de 290.270,21 €. Le devis y relatif s'élevait à 193.400,00 €.

12. Le conseil communal décide unanimement de se prononcer en faveur d'un accord de principe pour l'élaboration d'un état de lieux par la commission

d'intégration afin d'obtenir les besoins de la commune en matière d'intégration.

13. Le conseil communal décide unanimement d'accorder un subside de 75 € à :

- Action pour un monde Uni
- APEMH Fondation,
- Rial (Recherche et information sur l'antisémitisme au Luxembourg),
- Objectif Tiers Monde Haïti
- Association nationale des victimes de la route asbl

et avec 6 voix contre 3 voix (les conseillers Bender, Michels et Tobes) de ne pas accorder de subside à la commune de Reckange-sur-Mess qui a lancé un projet de solidarité en collaboration avec l'asbl « Reckeng hëlleft » pour aider les personnes touchées par les inondations du 4 juin 2021.

14. Le conseiller Bender rapporte de la dernière réunion du comité de l'ORT, lors de laquelle un nouveau comité de gérance a été désigné et les statuts ont été modifiés. Il informe que lui-même représente dorénavant l'asbl Trifolion, que M. Robi Baden est devenu vice-président et M. Serge Pommerell remplit la fonction de trésorier. Il regrette que le collège échevinal ait contacté à son insu et sans le lui demander directement, l'ORT afin de se renseigner sur la légitimité de son double mandat. Le conseiller Bender est aussi le délégué effectif de la commune au conseil d'administration. L'échevin Boonen explique que le collège échevinal s'est informé, après la parution de cette information dans les médias sociaux, sur le double mandat et que l'ORT en a confirmé la légitimité.

Le conseiller Bender informe du projet Lëtzebuurger Schrëftzuch « Visit Luxembourg », lequel peut être emprunté par toutes les régions du pays. Chaque commune peut faire la demande afin de l'utiliser. Actuellement le Tourist Info Berdorf en fait usage.

Le conseiller Bender se renseigne sur la situation de parking à Mullerthal, il demande pourquoi les parkings n'ont pas encore été ouverts. La bourgmestre répond qu'elle suppose que le sol était trop mouillé et que la commune va le vérifier et demander qu'ils soient ouverts.

La bourgmestre informe des réunions du Club Senior, du Natur & Geopark Mëllerdall et du Sidest. Le conseil



communal va choisir une nouvelle date à proposer au Naturpark pour venir présenter ses projets actuels

- 15.** Conformément à l'article 13 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, les conseillers Bender, Michels et Tobes ont demandé par écrit à la bourgmestre de faire figurer aussi le point suivant sur l'ordre du jour :

Réunion d'information au sujet de la station d'épuration Christnach/Waldbillig.

Après une première interruption de la phase de planification de la nouvelle station d'épuration à Christnach et vu le nouveau moment des pluies torrentielles, les citoyens se montrent intéressés ce qui les attendra dans les prochains mois et années. Avec une charge du budget communal de 12 à 14 millions d'Euros, une réunion d'information donne la possibilité d'informer les citoyens.

Nous demandons au conseil communal de charger le collègue échevinal de convoquer les citoyens pour une réunion d'information sur le projet station d'épuration.

Le conseil communal décide à l'unanimité des voix qu'une réunion d'information portant sur les travaux d'assainissement des eaux usées réalisés à Waldbillig soit organisée dans les meilleurs délais pour les citoyens de Waldbillig et que, dès réception des informations nécessaires sur le projet de la station

d'épuration à Christnach, la réunion d'information pour les citoyens de Christnach soit tenue.

- 16.** Conformément à l'article 13 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, les conseillers Bender, Michels et Tobes ont demandé par écrit à la bourgmestre de faire figurer aussi le point suivant sur l'ordre du jour :

Distributeurs d'eau dans la commune.

Par la construction d'une nouvelle buvette pour le club de football, la possibilité de monter un distributeur d'eau se présente. Les citoyens utilisant l'aire de jeux, les terrains de beach volleyball et de football pourraient alors profiter de ce moyen pour étancher leur soif après un effort physique.

Vu que la réalisation de la proposition est en cours, il n'y a pas eu lieu d'en prendre une décision y relative.



DEM SCHÄFFEROT SENG ÄNTWERTEN

D'Conseillere Bender, Michels an Tobes hunn déi heite Fro fir d'Sëtzung vum 29. Abrëll eragin:

D'Wandmiessungen d.h. de Mast vu Soler fir d'Wandmillen - eis Gemeng betreffend - ass ofgebaut. D'Miessungen déi e Joer laang duerchgefouert goufe sinn deemno ofgeschloss. Leien hei schonn éischt Resultater fir a wéi eng Richtung et goe kann a Punkto Opstelle vun de Wandmillen?

De Schäfferot äntwert schrëftlech,:

Zwou Plazen zu Chrëschtnech ware fir Wandmille virgesinn. Soler huet matgedeelt, datt de Standuert „am Naassfeld“, wou de Mast fir d'Wandmiessung stoung, net kann zréckbehalen gi wéinst dem Routmilan. Dofir hu si ungebraang een neie Standuert um Uert „Hunsrueck“ ze ënnersichen. Fir dëse ginn aktuell Vigel- a Fliedermausetüde gemaach.

Beim anere Standuert Richtung Freckeisen, missten archäologesch Ausgruewunge gemaach ginn an en ass och wéngt dem Routmilan méi problematech. Dofir ënnersicht d'Soler en elo net méi weider.

Falls elo awer, aus wéi engem Grond och ëmmer, de Site „Hunsrueck“ näischt kéint ginn, kéint een der Soler no, awer nach op de Site um Freckeisen zreckgräifen, well deen net esou problematesch ass wéi deen um Naassfeld.

De Conseiller Marc Barthelemy huet déi heiten dräi Froen eragi fir de Gemengerot vum 29. Abrëll.

Fro 1

Et ass an de leschte Joere festgestalt ginn, datt et owes an de Weekend an der Gemeng zu schwierege Situatioune kënn, sief et op owes oniwwersiichtliche Plazen ewéi um Schoulterrain, sief et wéinst de ville Leit weekends am Mëllerdall. D'Police huet net d'Ressourcen, fir regelméisseg ze patrouilléieren. Och de Littering huet zougeholl.

De Staat bitt de Gemengen d'Méiglechkeet, Chômeuren anzustellen an dobäi de gréissten Deel vun de Käschte vum Staat aus ze iwwerhuelen. Esou Leit kéinte regelméisseg den Tour maachen.

Fro: Ass de Schäfferot gewëllt, dem Gemengerot an der nächster Sëtzung e Projet ze presentéiere fir dese Summer, fir weekends an owes eng regelméisse Präsenz op de genannte Sitten ze assuréieren?

Et sollt dann och gekuckt ginn, wéi wäit déi kéinten als Agent municipal engagéiert ginn, déi selwer kënne sanctionnéieren, wann dat neit Gesetz gestëmmt ass, dat als *Projet de loi 7126 relatif aux sanctions administratives communales et à l'élargissement des compétences des agents municipaux* vun der Regierung ugeholl gouf.

De Schäfferot äntwert:

Et wäert ee sech beim Aarbechtsamt informéieren iwwer d'Prozedur, fir Chômeuren anzestellen an iwwerpräiwen ob déi kéinten als Agent municipal engagéiert ginn.

Fro 2

Am leschte Conseil war d'Méiglechkeet vun direkte Videoiwwerdroungen ugeschwat ginn. Ech hu mech gefrot, ob do all Conseiller muss automatesch d'accord sinn, wann d'Majoritéit dat decidéiert.

Fro: Géif de Schäfferot offiziell déi heite Froen un déi kompetent Instanzen stellen?

- Muss e Conseiller domat d'accord sinn, am Conseil gefilmt ze ginn, wann d'Majoritéit dat decidéiert, oder muss jiddwer eenzelnen d'accord sinn? Oder muss dat fir eng Legislatur am Viraus decidéiert sinn, sou datt jiddweree weess, ob wat en sech aléisst, wann en sech opstellt?
- Wéi ass et mam Filme vum Personal vun der Gemeng, dat am Conseil derbäi ass?
- Wéi ass mat Bierger vun der Gemeng, oder Leit vu baussent der Gemeng, déi an de Conseil invitéiert ginn?
- A wéi mat de Leit, déi lauschtere kommen?

Da géif ech gäre wëssen, ob et an eiser Géigend vun der Gréisst hier vergläichbar Gemenge ginn, wou d'Sëtzunge vum Conseil live per Video iwwerdroe ginn.

Äntwert:

De Schäfferot huet déi Froen e Jurist vum Innenministère virugeleet, den der Meenung ass, dass prinzipiell näischt dergéint schwätzt, fir de Gemengerot ze filmen. Hie préift et awer nach gär, ier mir eng definitiv Äntwert kréien.

Zu lechternach ginn d'Gemengerotssëtzunge gefilmt, an der Fiels, zu Konsdrëf, Beefort, Bäertref an Hiefenech net



Fro 3

Dee rezenten Accident laanscht d'Schwarz lernz huet erëm gewisen, wéi geféierlech et ass, wa grouss Camionen mat vill Diesel am Tank a mat geféierlechen oder géftege Substanzen op den net ausgebaute Stroossen duerch e Naturschutzgebitt a laanscht Baache fueren.

Fro: Wien huet d'Recht, fir den Trafic op maximal 3,5 Tonnen, ausser Bussen, ze limitéieren op der Strooss laanscht d'Schwarz lernz, vum Blummendall bis de Grondhaff? Ass de Schäfferot wëlles, mat esou engem Projet un déi zoustänneg Instanzen erunzrieden?

Äntwert:

Um CR laanscht d'Schwarz lernz ass et Ponts et Chaussées, déi d'Reglementatioun mécht. Am allgemenge sti Schëlter, wou et verbueden ass an enger Wasserschutzzon mat „Gefahrgut“ ze fueren, et ass awer esou, datt d'Urainer fuere kënnen an och zum Beispill Mazout ka geliwert ginn.

Déi Strooss laanscht d'lernz läit ausserhalb vun eise Schutzgebiet an ass eng Hauptstreck fir Liwwerungen op Befort an op de Grondhaff.

LES RÉPONSES DU CONSEIL ÉCHEVINAL

Les conseillers Bender, Michels et Tobes ont introduit la question suivante pour la réunion du 29 avril.

Le mât de Soler pour mesurer le vent concernant les éoliennes projetées pour notre commune a été enlevé. Les opérations pour mesurer le vent sont dès lors achevées.

Les premiers résultats concernant le projet de montage d'éoliennes sont-ils déjà disponibles ?

Le collège échevinal répond par écrit :

Deux endroits étaient prévus pour l'installation d'une éolienne. Soler vient de communiquer à la commune que le lieu-dit « Naassfeld », où se trouvait le mât, ne sera pas retenu à cause de la présence du milan royal. Voilà pourquoi un autre lieu-dit « Hunsrueck » est examiné et des études concernant les oiseaux et la chauve-souris sont faites.

Pour l'autre site à Freckeisen, des fouilles archéologiques sont prescrites et la présence milan royal y est aussi probable. Pour cette raison, Soler a cessé d'analyser ce site.

Au cas où le site « Hunsrueck » ne pourrait pas être retenu, Soler est d'avis qu'on pourrait quand-même avoir recours au site de Freckeisen parce qu'il se montre moins compliqué que le site Naassfeld.

Le conseiller Barthelemy a introduit les trois questions suivantes pour la séance du 29 avril 2021. Le collège échevinal y répond aussi par écrit.

Question 1

Les dernières années, des situations compliquées se sont confirmées le soir et les weekends, notamment en des endroits avec peu de visibilité tel le site de l'école ou lors d'un rassemblement de beaucoup de personnes au Mullerthal. La police ne dispose pas de ressources afin d'y patrouiller régulièrement. Des débris sont jetés plus souvent sur la voie publique.

L'État offre la possibilité d'employer des chômeurs et d'en couvrir la majorité des frais. Ces personnes pourraient faire le tour régulièrement.

Question : Est-ce que le Collège échevinal est disposé à présenter, lors de la prochaine séance, un projet pour cet été, afin d'assurer une présence régulière sur ces sites?

Il faudrait alors aussi vérifier si ces personnes pourraient être engagées comme agent municipal, qui pourrait sanctionner, suite au vote du projet de loi 7126 *relatif aux sanctions administratives communales et à l'élargissement des compétences des agents municipaux* adopté par le gouvernement.

Réponse :

Le collège échevinal répond qu'il va se renseigner auprès de l'Adem sur la procédure d'engager des chômeurs et vérifier si un tel agent pourrait être engagé en tant qu'agent municipal.

Question 2

Pendant la réunion du conseil communal précédente, la possibilité de transmission vidéo des réunions du conseil a été abordé. Je me suis demandé si chaque conseiller est supposé être automatiquement d'accord, si la majorité le décide.

Question : Le collège échevinal serait-il disposé à poser cette question aux instances compétentes ?

- Un conseiller doit-il marquer son accord d'être filmé pendant la réunion du conseil communal, si la majorité le décide, ou est-ce que chacun doit être d'accord séparément ? Ou y a-t-il lieu de le décider à l'avance, avant le début d'une période législative, pour que chacun sache en avance à quoi il s'engage, quand il se présente aux élections ?
- Quelles sont les conditions pour l'enregistrement du personnel communal qui assiste aux réunions ?
- Comment sont traités les citoyens de la commune, ou des personnes habitant hors de la commune, qui sont invitées au conseil communal ?
- Et comment traiter le cas pour les personnes qui viennent dans les réunions en tant que spectateurs ?

Ensuite j'aimerais être renseigné si, dans les alentours, d'autres communes d'un même ordre de grandeur que waldbillig transmettent les séances du conseil communal par vidéo.

Réponse :

Le collège échevinal a transmis ces questions à un juriste du ministère de l'Intérieur, qui est d'avis, qu'en principe, rien ne s'oppose à enregistrer par vidéo les réunions du conseil communal. Avant de communiquer une réponse définitive au collège échevinal, il aime vérifier encore le sujet.

À Echternach, les séances du conseil communal sont enregistrées, à Larochette, Consdorf, Beaufort, Berdorf et Heffingen, ceci n'est pas appliqué.

Question 3

L'accident qui s'est produit récemment le long du cours d'eau « Ernz noire » a de nouveau prouvé le danger du transport de substances dangereuses et toxiques par de gros camions sur des chemins repris, à travers des réserves naturelles.

Question : Qui a le droit de délimiter le trafic à un maximum de 3,5 tonnes, excepté bus, sur la rue



logeant l'Ernz Noire, menant de Blumenthal vers Grundhof ? Le collège échevinal est-il prêt à le demander aux instances concernées ?

Réponse :

Le collège échevinal informe que l'administration des ponts et chaussées fait la réglementation sur le CR le long de l'Ernz noire. En principe, des panneaux sont posés dans les zones de protection des sources, dans lesquelles il est défendu de circuler avec des matières dangereuses. Les riverains sont autorisés à y circuler et le passage pour la livraison de mazout y est aussi permis.

La rue passant le long de l'Ernz se trouve hors de la zone de protection des sources de notre commune. En fait, c'est une rue principale pour les livraisons à Beaufort et à Grundhof.



ZIVILSTAND // ÉTAT CIVIL

Gebuerthen // Naissances

24/04/2021	Nunes Léo	Chrëschtnech
03/05/2021	Mühleisen Lilly	Chrëschtnech
20/05/2021	Huss Mil	Chrëschtnech
06/07/2021	Kritter Faria Eva	Waldbëlleg
28/07/2021	Stoque Mia-Lucia	Mëllerdal

Stierffäll // Décès

05/05/21	Tholl Léontine Elisabeth	Waldbëlleg
15/05/21	Lies Edouard Pierre	Waldbëlleg
02/07/21	Assunção Do Fundo António Carlos	Waldbëlleg

Hochzäiten // Mariages

04/06/2021	Unsen Marco & McCourt Angela	Waldbëlleg
------------	--	------------

Pacs // Partenariats

28/05/21	Mesen Andy Adèle Alex & Lemmer Sandy Anita Danièle	Haler
02/07/21	Stoque Stéphane & Casse Tiffany	Mëllerdall



MIR GRATULÉIEREN



De 04.06.2021 sinn d'Angela **McCourt** an de Marco **Unsen** bestuet ginn.



Den 28.05.2021 sinn d'Sandy Anita Danièle **Lemmer** an de Andy Adèle Alex **Mesen** gepacst ginn.



Den 02.07.2021 sinn d'Tiffany **Casse** an de Stéphane **Stoque** gepacst ginn.



Mir gratuléiere mam Schäfferot der Madamm **Juliette Majerus-Mamer** vu Chrëschtnech fir hiren 90. Gebuertsdag. Si ass de 24. Juli 1931 zu Chrëschtnech gebuer.



Mir gratuléiere mam Schäfferot der Madamm **Mathilde Goedert-Kohl** vu Chrëschtnech fir hiren 90. Gebuertsdag. Si ass de 27. Juli 1931 op d'Welt komm, zu Hueschert, deemools Gemeng Folscht, haut Gemeng Rammerech.

Fotoen: Gemeng Waldbëlleg, ausser Gebuertsdag
Madamm Goedert-Kohl: Camille Goedert

NATIONALFEIERDAG – 22. JUNI 2021

Léif Matbiergerinnen a Matbierger aus der Gemeng Waldbëlleg.

Um Virowend vum Nationalfeierdag 2021 ass et schonn dat zweet Joer, dass mir Groussherzoginsgebuertsdag net kënnen an där gewinnter Form zesumme feieren.

Während deem leschte Joer war villes anescht, u Masken huet een sech gewinnt, d'Pandemie huet eist Liewe bestëmmt, Reegelen hunn sech ëmmer nees geännert, keng grouss Manifestatiounen, all Restaurant war zou a Reesbestëmmungen hu Vakanze bal onméiglech gemaach.

Déi meescht Betriber an och eis Gemeng hunn den Télétravail agefouert, och Kanner hunn am Homeschooling geschafft.

An der Maison relais an och an der Schoul waren Enn Januar vill positiv Fäll opgetrueden an et gouf decidéiert, déi ganz Schoul eng Woch zouzemaachen.

Et war eng ustrengend Zäit fir d'Kanner, hir Elteren an d'Léierpersonal.

Den Impakt op eis Ekonomie ass grouss. D'Pandemie huet eis gewise wéi ufälleg Liwwerkette bei Stéierung sinn, de globale Wuereenaustausch ass krisenufälleg, et ass wichteg, dass liewenswichtig Gidder an Europa hirgestallt ginn.

D'Pandemie hat fir e kuerze Moment e positiven Afloss op eis Ëmwelt an eist Klima, laangfristeg gesi mussen awer weider Ustrengunge gemaach ginn.

Mir sollen eis lokal Betriber ënnerstëtzen a regional Produkter kafen.

Zanter der Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg gëtt den heitegen Dag als Gebuertsdag vum jeeweilige Monarch gefeiert an heescht dowéinst Kinneksdag, Kinneksgebuertsdag oder Groussherzogs- respektiv Groussherzoginsgebuertsdag.

Och wann et eis dëst Joer nach net méiglech ass fir beieneenze kommen, fir de Virowend vum Nationalfeierdag zesummen an der Gesellegkeet ze verbréngen, solle mir eis beschäftege mat eise Wäerter, eisen Traditiounen, mat eiser Geschicht a mat eiser Zukunft.

Et ass wichteg, dass mir eisen Zesummenhalt, eis Eenheet an eis Identitéit feieren. Den Zesummenhalt vun all de Leit déi hei bei eis liewen, egal vu wou se kommen a wéi laang se schonn hei sinn.

Et ginn ëmmer nees nei Etappen an Erausforderungen ze meeschten. Dat ass an der Famill esou, op der Aarbecht, an der Schoul an och an der Politik.

Mir sollen dofir suergen, dass eis Kanner an déi nächst Generatiounen och a Friden, Fräiheet, Sécherheet an enger gesonder Ëmwelt liewe kënnen.

Eis Politik ass gefuerdert! D'Immobiliepräisser klamme weider an d'Luucht a ginn duerch Wunnengsknappheet nach weider no uewe gedriwwen. Virun e puer Deeg konnt een an engem Artikel liesen, dass 15.000 Haushalten op enger Waardelëscht fir erschwéngleche Wunraum stinn.

Wéi schnell kënnen esou vill Wunnenge gebaut ginn, wéi ass et mat eise Ressourcen, virun allem mam Waasser; packen eis Kläranlagen dat alles?

Op alleguer déi Froen ginn et net ëmmer Äntwerten an dat wäerte grouss Erausforderungen fir d'Zukunft bliwen.

Mir selwer kënnen awer och oft mat upaken an hëllef, d'Welt ze verbesseren. Jiddwer eenzelne kann d'Welt verbesseren, am Klengen, bei sech, a sengem Handlungsfeld, a sief et nëmme – ganz einfach –, datt een anere Leit mat guddem Wëllen a Respekt begéint!

Respekt ass net selbstverständlech, dat huet ee bei de Walen an den USA gesinn, d'Demokratie gouf beschiedegt, wéi Unhänger vum ofgewielte Präsident de Kapitoul Washington gestiermt hunn.

Eist Land, mat senger Geschicht an Traditioun, mam Fortschrëtt an Innovatioun a mat eiser multikultureller an oppener Haltung, huet eis Wuelstand an Entwécklung bruecht, mir hunn zanter Jorzéngten eng eenzegaarteg demografesch Struktur.

An eiser Gemeng liewen haut 1925 Awunner, op d'Dierfer gekuckt sinn et zu Chrëschtnech 820 Leit, um Freckeisen 34 Leit, um Grondhaff 10 Leit, zu Haler 419 Leit, am Mëllerdall 56 Leit, zu Suewelbueren 13 Leit an zu Waldbëlleg 573 Leit. Op Nationalitéite gekuckt sinn dovun 1363 Lëtzebuurger a 562 auslännesch Matbierger vun



41 Nationalitéiten dovun 221 Portugisen, 57 Fransousen, 54 Belsch, 39 Däitscher, 22 Hollänner, 20 Italiener, 19 Rumänen, 15 Englänner, 14 Polen, 10 Brasilianer, a vun anere Nationalitéite sinn et der ëmmer manner ewéi 10.

Op Nationalfeierdag ass et Traditioun un d'Affer vun de Kricher ze denken, un déi vill Leit, déi sech an den donkelste Stonnen vun der Mënschheetsgeschicht dofir agesat hunn, dass dat Béist keng Iwwerhand kritt huet. Hiert Udenke soll geéiert ginn – hei zu Lëtzebuerg an iwwerall an der Welt.

Nationalfeierdag ass och deen Dag, fir de Kollegen aus dem Schäffen- an Gemengerot, de Gemengenservicer, de Kommissiounen, dem Léierpersonal, an dem Personal an dem Comité vun der Maison relais Merci ze soen fir hir Aarbecht, déi si iwwer dat ganz Joer ëmmer nees leeschten.

E besonnesche Merci awer och all deene Leit aus de Gesondheitsberufer a Rettungsdingechter. Dir sidd all Dag fir eis do.

Eise Veräiner och e grouse Merci. Dir huet, soubal et méiglech war, nees Aktivitéite gemaach oder sidd nees um Plangen.

Merci all deenen, déi gehollef hunn, fir dese Message op Video ze realiséieren.

Am Numm vun de Biergerinnen a Bierger vun der Gemeng Waldbëlleg wënschen ech dem Grand-Duc, der Grand-

Duchesse an der ganzer groussherzoglecher Famill all Guddes fir den Nationalfeierdag 2021, an eng glécklech Hand an hiren Entscheedungen.

Am Numm vum Schäffen- a Gemengerot an a mengem perséinlechen Numm wënschen ech Iech, léif Leit aus der Gemeng Waldbëlleg, e schéinen Nationalfeierdag. Ech sinn zouversichtlech, dass mir den Nationalfeierdag 2022 nees all zesumme kënnen feieren.

Vive de Grand-Duc, d'Grand-Duchesse an déi ganz groussherzoglech Famill. Vive eis Heemecht – Lëtzebuerg an engem vereenten Europa!

Vive eis Heemecht – d'Gemeng Waldbëlleg!



Foto: Marc Barthelemy

SCHNELLTESTER VUN DER GEMENG

Am Mee huet d'Regierung decidéiert, datt mer erëm dierften an de Restaurant goen!

Allerdéngs huet een dofir en Test missen hunn, manner wéi 48 Stonnen al. Nieft engem PCR-Test war och e Schnelltest valabel, deen och konnt vun engem Fonctionnaire ausgestallt ginn. Soss huet ee misse virum Restaurant en Test maachen an op d'Resultat waarden, ier ee konnt eragoen.

D'Gemeng huet bei der Santé nogefrot an ass gewuer ginn, datt net nëmmen d'Beamten, mee och d'Membere

vum Gemengerot, déi Beamte sinn, dës Resultater hunn d'äerfe certifiéieren.

Doropshin hu sech Beamten a Conseilleren bereet-erkläert, de Weekend, also freides a samschdes mëttes als Schnelltester (oder schnell Tester) unzetrieden, fir et de Bierger vun der Gemeng ze erlaben, esou en Test ze maachen, ier se an de Restaurant gaange sinn. D'Operatioun hat nawell Succès a war e puer Weekenter laang an der Cafetéria vun der Sportshal.

EN NEIEN TRAKTER!

De Service Technique vun der Gemeng huet e mega super neien Trakter kritt vun der Marque Massey Ferguson.

Hei op der Foto weist de Schäfferot sech ganz houfreg mat deem chicke Gefier.

Foto: Filipe Soares





De Jean-Joseph Tholl gëtt vun der Inneministesch Taina Bofferding vereedegt.
Foto: Inneministère

DEN NEIE SCHÄFFEN

De 14. Juli 2021 huet de Gemengerot de Jean-Joseph Tholl, genannt Jojo, ouni Géigestëmm als neie Schäffe gewielt. Den 29. Juli huet d'Inneministesch Taina Bofferding hie vereedegt.

De Jojo ass de 14. März 1960 gebuer a wunnt vu Klengem un zu Haler an der Rue des Romains. 1981 huet hien d'Tessy Majerus vun Esch bestuet; si hunn zwee Kanner kritt. De Jojo huet säi Liewen als Autosmécanicien gemaach an ass am Joer 2017 an d'Pensioun gaang.

Zanter 1970 ass de Jojo beim Fussball vu Chrëschtnech aktiv; hie war laang Joren de President vum Veräin.

Zanter 2011 ass de Jojo Gemengeconseiller. Him läit um Häerz, datt mer an der Gemeng d'Liewensqualitéit weiderentwéckelen a verbessern, d'Veräiner ënnerstëtzen, d'Servicer vun der Gemeng den neisten Erausforderungen upassen an awer de ländleche Charakter erhalen. Hie setzt sech a fir en nach besseren ëffentlechen Transport an och dofir, kleng Commercen an d'Gemeng ze kréien.



Den neie Schäfferot.
Foto: Gemeng Waldbëlleg

INTERVIEW LÉON NEUMAN

Wéini sidd Dir op d'Gemeng Waldbëlleg schaffe kumm?

De Mee 1997 hunn ech op der Gemeng ugefaangen.

Wat waren d'Statioune vun Ärer Karriär op der Gemeng?

Ech hunn als Gemengenaarbechter an der Karriär B ugefaangen. No ettleche Jore koum ech dunn an Karriär D.

2010 hunn ech mech gemellt fir de Poste vum Chef de Service technique adjoint. Dat huet och du geklappt an ech koum an Karriär E. Gläich drop hunn ech den nei gegrënnte Service Entretien vun de Gebaier iwuerholl.

Firwat hat Dir d'Gemeng Waldbëlleg gewielt a virun allem: Firwat sidd Dir do bliwwen?

Ech hunn zéng Joer als Elektriker geschafft. Op d'Gemeng Waldbëlleg hunn ech mech gemellt, well ech mir do berufflech méi Ofwiesselung versprach hunn.

Et huet mir dunn och gutt hei gefall, well ech genau déi Ofwiesselung kritt hunn. Ech schaffen am Holz, am Waasser, am Steen, am Metall, am Elektreschen, an an anere Beräicher.



Et ass ëmmer eppes Aneshtes ze dinn. Firwat ech heibliwwen sinn? Mir hunn eng gutt Equipe, an esou kommen ech gäre schaffen.

Wéi eng Erliednesser hunn Iech an der Gemeng Waldbëlleg perséinlech markéiert?

Spannend waren ëmmer d'Wale vun den neie Schaffen a vum Gemengenrot.

Wat gefält Iech un der Gemeng Waldbëlleg?

Waldbëlleg ass eng kleng awer eng gutt Gemeng fir hei ze liewen, well et ass alles do, wat ee brauch, Schoul a





Sportshal, Crèche, Maison relais, Spillplazen, Säll fir ze feieren. A praktesch all Veräin huet säi Sall.

Wat mir perséinlech och nach gutt gefält, ass d'Drénkwasserversuergung. Top modern, mat eegene Quellen an doduerch onofhängeg, an d'Waasser huet eng ganz gutt Qualitéit.

Bei wat fannt Dir, datt d'Liewen an eiser Gemeng kéint verbessert ginn?

Et kann een ëmmer Saache verbesseren, mee well ech selwer net hei wunnen, sinn ech villäicht net de richtegen Uspruechpartner.

Soll Ärer Meenung no eng kleng Gemeng wéi Waldbëlleg onofhängeg bleiwen, oder net?

Ech perséinlech denken, datt och kleng Gemengen sollen onofhängeg bleiwen, wann si et fäerdegréngen, esou wie hei, dem Bierger alles ze bidden, wat hie brauch.

*Interview: Maxime Bender
Fotoen: Léon Neuman, Damaris*



Foto: Damaris



SCHOUL & MAISON RELAIS // ÉCOLE & MAISON RELAIS



BEIEN AM C1

An der Spillschoul waren d'Beien eng gutt Zäitchen d'Theema: D'Kanner hu vill iwver dës nätzlech Insekten an hir Famill geléiert, si hu Beie gemoolt, gebastelt a Geschichten a Filmer iwvert se gekuckt.

Dunn haten d'Kanner vun der Joffer Joëlle hirer Klass d'Chance, richtig Beievëlker vun no ze beobachten. Si konnten nämlech de Beiestand vun hirem Kolleeg Matt Bormann sengem Papp besichen. Hei kruten si weider interessant Fakten iwver d'Beie gezielt an hunn dierften an de Stack era kucken, dëst natierlech geschützt duerch ee Voile. An all Stack konnten d'Kanner d'Kinnigin an esouguer en Dron upaken.

Dat war wierklech een Erliefnis!
Merci dem Matt a sengem Papp!





C1: VISITE BEI DE POMPJEEËN

Kuerz virun der Vakanz haten d'Kanner aus der Klass vun der Joëlle Niederweis déi grouss Chance, eng Visitt bei de Pompjeeën ze maachen.

Schonn am éischten Trimester haten si vill iwver d'Pompjeeën geléiert, mee coronabedengt waren du keng Visitten erlaabt. Dat ass dofir lo nach nogeholl ginn.

De Roland Wagner a seng Kolleegen Nathalie an Tom hu sech beméit, de Kanner méiglechst vill ze weisen an ze erklären. D'Kanner duerften an de Camion an an d'Ambulanz klammen, krute Material erkläert an hunn ausprobéiert, wéi et sech uffillt, op der Brëtsch ze leien, eng Armschinn ze droen oder dem Pompjee säi Schaffgezei unzehunn.

Et war immens interessant a léierräich. Merci dem Rol, dem Nathalie an dem Tom.





DEN C2 ZU MUNZEN

D'Klassen aus dem Cycle 2 vun der Joffer Laura an dem Schoulmeeschter Mike hunn hire Schoulausfluch zu Munzen verbruecht.

No engem klengen Snack hunn d'Kanner bei beschtem Wieder eng Rei Aktivitéiten um Site vun der Robbesscheier gemaach.

Ob Päerd, Ieselen, Geessen, Kanéngercher, Hénger oder Schnudelhénger: Alleguer d'Déiere goufe verwinnt a vun de Kanner gefiddert oder geheemelt.

Och an der Käerzefabrick kruten d'Kanner vill nei Saache gewisen. No

engem klengen theoreeteschen Deel konnten si mat Beiwuess hier eege Käerz maachen, déi si als Erënnung mat heem konnten huelen.

Tëschent den Aktivitéiten gouf et e gudden Maufel ze iessen, an eng gutt Glace als Ofschluss huet natierlech net dierfe feelen.

No der Mëttespaus gong et an der Bäckerei weider. Hei hunn d'Kanner sech hir Äppeltäsch fir am Nomëtteg selwer gebak an e klengen Abléck an d'Handwierk vum Bäcker kritt.

Déi flottsten Aktivitéit war awer fir vill Kanner d'Kutschefaart duerch Munzen. Ugedriwwen vun zwee Ardennerpäerd konnten d'Kanner

sech de Site vun der Robbesscheier an der Émgéigend aus der Kutsch eraus ukucken. Dës Begeeschterung konnt een hinnen am ganze Gesiicht ofgesinn. Nach Wochen nom Ausfluch hu vill Kanner vun dësem Erleefnes geschwat.

Och wann nach vill aner flott Saachen an Aktivitéiten ze entdecken gewiescht wäeren, gong dës schéinen Dag leider op en Enn, an d'Kanner an hir Enseignanten goufen erëm sécher mam Gemengebus hannescht bei d'Schoul bruecht.

Michels Laura & Wewer Mike



DEN C2.2. AM BEETEBUERGER MÄRCHEPARK

Mir Kanner vum Cycle 2.2 waren an de Beetebuerger Märchepark. Als éischt hu mir d'Zooschoul besicht a ganz interessant Déiere gesinn: Vu roude Pandaen iwver Stachelschwäin bis hin zu Wëllef war alles dobäi.

No engem gudde Picknick hu mir eis dunn op de Spillplazen ausgetoobt. E klenge Besuch bei de léiwe Geessen huet natierlech och misste sinn.

Um Heemwee sinn eis dunn emol schéin d'Guckelcher zougefall.
Et war e flotten Dag!







C4: DE VERKÉIERSGAART

De Verkéiersgaart mécht vill Spaass. Zesumme mat eiser Klass si mir zu Housen vun engem Polizist empfaange ginn. Hien huet eis an ee Sall gefouert, wou hien eis d'Reegele vum Verkéiersgaart erkläert huet. Duerno krut een ee Vëlo an noutfalls een Helm, wann een säin eegene vergiess hat. Ee Vëlo huet een net gebraucht selwer matzebréngen.

Mir sinn op deene klenge Stroosse vum Verkéiersgaart gefuer. D'Stroosereegele krute mir vum Polizist erkläert. Mir hu verschidden Aufgabe gemaach, wou mir eisen Teamwork gestärkt hunn. Hei huet een och vill Konzentratioun gebraucht.

An engem Spill ass et drëms gaangen, einfach ronderëm ze fueren an d'Verkéiersreegelen ze befollegen. Wann een ee Feeler gemaach huet, gouf een erausgeruff an de Polizist huet engem erkläert, wat ee falsch gemaach huet. Sou ass dat da weidergaangen, bis jiddereen erausgeruff ginn ass.

*Leo Meyers a Matthew Faber de Montigny
aus dem Cycle 4 mixte*



HËLLEF HIM, HËLLEF RICHTEG

Hëllef him, hëllef richtig ass cool.

De Polizist kënnst an är Klass. Dono schwätzt dir iwwer Drogen. Hien erkläert iech, wat Droge sinn a wéi se ausgesinn, wei se heeschen a wéi eng Niewewirkungen se hunn. Dobäi léiert ee vill.

Dat hëlleft iech, wann dir an de Lycée kommt, fir mat dësem Thema besser ëmzegoen. De Polizist erkläert iech och, wat dir am Lycée net maache sollt, zum Beispill net mat engem matfuere, dee gedronk huet.

Dir kritt och gesot, dass et legal an illegal Droge ginn a wéi eng Drogen dat sinn.

*Leo Meyers a Matthew Faber de Montigny
aus dem Cycle 4 mixte*



MINNEMUSÉE RËMELENG

Mir ware mam Cycle 4 an de Musée des Mines zu Rëmeleng.

Et huet ganz vill Spaass gemaach. An de Minne waren et 10 Grad. Ob Summer oder Wanter, d'Temperatur bleibt d'ganz Joer iwwer d'selwecht. Mir hu gesinn, wéi d'Aarbechter fréier geschafft hunn. Mir hu mat enger Spitzhacke geschafft a mat enger net elektrescher Buermaschinn gebuert.

Fréier goufe vill nach net volljäreg Kanner ausgenotzt, fir an de Minnen ze schaffen. D'Kanner hu misste schaffen, well d'Elteren aarm waren, an d'Kanner Geld hu misste mat heem bréngen. Mir kënnen frou sinn, dass mir sou eng schéi Kandheet hunn!

D'Madamm, déi eis begleet hat, war ganz fein: Si huet eis vill Informatiounen zu der Aarbecht an de Minne ginn.

Dee Musée huet de 4. Mee 1973 opgemaach.

Jordi Palmisano a Cristiano Dos Santos aus dem Cycle 4 mixte





AUSFLUCH OP DE STAUSÉI

Mir ware mam Cycle 4 um Stauséi. Den Ausflug war mega cool a mir hu ganz vill gemacht.

Mir si spadséiere gaangen a si mam Kajak a Kanu gefuer. Kanu fiert ee meeschtens zu 3 a Kajak ëmmer eleng. Mir konnten eraussichen, mat wat mir léiwer fuere wéilten. Déi meescht Kanner wollte Kajak fueren, mee dat ass awer net gaangen, well si net genuch Kajaken haten.

Ech souz mat zwee aner Kolleegen an engem Kanu an et war ustrengend awer ech krut gezielt, dass Kajak och ustrengend war.

Beim Spadséiere ware mir ee groussen Tour trëppelen. Mir waren an de Bësch an an d'Duerf trëppelen. A géint 12 Auer si mir an der Jugendherberge ukomm fir ze iessen. D'lesse war ganz gutt an den Dessert och. Géint 18 Auer ware mir erëm zu Waldbëlleg.

Jordi Palmisano aus dem Cycle 4 mixte





MERCI

D'Schouljoer 20/21 geet esou lues op en Enn
 En einfach Enn geet awer hei net duer
 Nawell hate mir dëst Joer vill d'Fleem
 Ustrengend Momenter hate mir der all e puer.

D'Pandemie huet eis all getraff
 Mir hunn eis missen upassen
 Eis Schoul war och haart betraff
 D'Maison relais ewéi esou munch Klassen.

A war et och nach esou haart
 Mir hunn all zesummegehal
 Mir hunn dat Bescht aus der Situatioun gemaach
 An haten dat ganzt Joer ebe Maskebal.

Mir hunn eis bescht Aarbecht gemaach
 Schoul, Maison relais a Gemeng
 Mir hunn zesumme geschafft
 Ausname gouf et keng.

Och d'Elteren hunn eis de Réck gestäipt
 An hate vill Gedold
 A mir wëssen, si ware vill gehäit
 Mee dat ass méi Wäert ewéi Gold.

Eis Helden sinn awer och d'Kanner
 Si hunn esou vill Fräiheete verluer
 Hir Motivatioun war awer doduerch net manner
 Si hu matgekämpft - alleguer.

An esou Zäite réckele mir all méi no beieneen
 Och wa „Social Distancing“ ass
 Jiddereen ass do fir jiddereen
 Mir maache weider - a lass!

Déi folgend Stroph reimt sech elo net
 Mee dat ass och net wichteg
 Wëll wat elo gläich gesot gëtt
 Ass och ouni Reim richtig:

Mir soe MERCI!
Dem Léierpersonal, der Maison Relais,
der Gemeng, dem Service Technique,
der Botzekipp, de Buschaufferen,
den Elteren a virun allem de Kanner!



MAISON RELAIS

Hei si Fotoe vun den Aktivitéiten an der Maison relais an der Sommervakanz.

Den 19. Juli hunn d'Kanner Batik T-Shirten designt. An den 21. Juli waren se op en Trëppeltour vu 6,2 Kilometer zu Houschent um Klangwee.

Da sinn hei nach Fotoen aus verschiddenen Aktivitéiten vun de Fiissercher, wéi z. B. vum Projet „Fiissis im Abenteuerland“.



Anne Roger, Maison relais







OFSCLOSS VUM CYCLE 4.2.

Den 2. Juli huet d'Elterevereenegung zesumme mat de Schüler a Léierinnen vum Cycle 4.2. d'Joer ofgeschloss.

Dëst Joer war och erëm ee schwieregt Joer an d'Eltere-vereenegung konnt alt erëm keen Antidrogendag am Cycle 4.2. organiséieren.

Dofir kruten d'Schüler all en Hoodie iwwerrecht.

Den Owend gouf gegrillt, e gudden Dessert genoss, Fussball gespillt a geschnësst.

E grouse Merci un d'Léierinnen, déi eis Kanner gutt op de Lycée virbereet hunn. Mir wënschen de Kanner all e gudde Start fir eng nei Etapp.

CLÔTURE DU CYCLE 4.2.

Le 2 juillet, les élèves du cycle 4.2 et leurs enseignants ainsi que l'association des parents d'élèves, ont clôturé l'année scolaire.

Cette année a encore été difficile et l'association des parents d'élèves n'a pas pu, à nouveau, organiser une journée anti-drogue pour le cycle 4.2.

Au lieu de cet événement, ils ont tous reçu un pullover à capuche.

Pendant la soirée, nous avons grillé, savouré un bon dessert, joué au football et bien discuté. Un grand merci aux instituteurs qui ont bien préparé nos enfants au lycée. Nous souhaitons à tous les élèves un excellent départ pour une nouvelle étape.





De Comité:
Chantal Albert, Catalina Baden,
Zara de Montigny, Martine Hahn,
Carole Marbes-Reuter,
Mireille Mathes, Annick Menster,
Nathalie Meyer-Chevalier,
Jessica Schmitz, Jessica Schumacher
an Katrin Tobes.





Inscrivez-vous à l'école régionale de musique de la Ville d'Echternach



Krabbelmusek (à partir de 6 mois)

Butzemusek (à partir de 2 ans)

Eveil musical (à partir de 4 ans)

Formation musicale

Instruments classiques et modernes

Chant

Danse classique et danse jazz

Pour tout renseignement supplémentaire, le secrétariat est joignable au **728254** et par courriel: secretariat@em-echternach.com

www.emechternach.com

www.facebook.com/ERMVE



Tu veux apprendre à jouer un instrument l'année prochaine, mais tu hésites encore sur le choix de l'instrument?

Alors inscris-toi pour un **Cours d'Essai!**

A PARTIR DE 5 ANS (AU 1. SEPTEMBRE) TU PEUX APPRENDRE LA FLÛTE À BEC, LE VIOLON, LE VIOLON ALTO ET LE VIOLONCELLE.

A PARTIR DE 6 ANS (AU 1. SEPTEMBRE) TU PEUX APPRENDRE TOUS LES INSTRUMENTS.

NOUS TE PROPOSONS UN COURS D'ESSAI POUR LES INSTRUMENTS SUIVANTS :

FLÛTE À BEC, FLÛTE TRAVERSIÈRE, HAUTBOIS, CLARINETTE ET SAXOPHONE

TROMPETTE, BUGLE, COR D'HARMONIE, TROMBONE ET BARYTON

PERCUSSION ET PERCUSSION LATINE

VIOLON, VIOLON ALTO, VIOLONCELLE, CONTREBASSE, MANDOLINE, GUITARE BASSE ET HARPE

ORGUE, CLAVECIN ET CARILLON



Intéressé(e)? Alors inscris-toi par e-mail ou par téléphone
E-Mail: marc.demuth@em-echternach.com
Numéro de téléphone : 72 82 54
www.emechternach.com

VERÄINER // ASSOCIATIONS

CIGR MËLLERDALL



*Am CIGR Mëllerdall gouf freides den 2. Juli
e Summerfest gefeiert.*

*Vum 15. Juli un huet de CIGR
du beim Opraumen no den
Iwwerschwemmunge gehollef.*





Den Turnveräin **Ëmmer Fit** vu Chrëschtnech,
eng Dammegrupp 18+ sicht **eng Monitrice / e Moniteur**,
fir **1 x an der Woch**

méindes vun 19:30 bis 20:30 Auer ze turnen,
an der **Sportshal zu Waldbëlleg**.

An de Schoulvakanzen gött net geturnt.

Club de gymnastique pour dames 18+

cherche **entraîneur de gym (m/f)** pour la saison 2021-2022,

tous les lundis de 19:30 à 20:30

au hall sportif de Waldbillig,

sauf vacances scolaires.

Informatiounen a Kandidatur - informations et candidature :

greischa@pt.lu

SOCIÉTÉ PRÉHISTORIQUE LUXEMBOURGEOISE

De Comité vun der Société préhistorique luxembourgeoise S. P. L. huet d'Chargen nei opgedeelt:

- Presidentin: Denise Leesch,
- Vize-President: Fernand Spier,
- Generalsekretärin: Marie-Paule Wagener,
- Tresorier: Georges Thill,
- Memberen: Marcel Ewers, Georges Jomé, Johny Karger, Jean-Paul Muller, John J. Muller, André Schoellen, Jean-Paul Stein, François Valotteau.

De Grupp, deen zoustänneg ass fir d'Bibliothék gëtt vun der Madamm Marie-Paule Wagener koordinéiert an huet ausser hir nach déi heite Memberen: Marcel Ewers, Georges Jomé, Johny Karger, Denise Leesch, Fernand Spier, Jean-Paul Stein.

Jiddwereen, dee wëllt, kann an d'Bibliothék an der Sportshal zu Waldbëlleg kommen an d'Bicher op der Plaz konsultéieren. Dofir soll een d'Madamm Marie-Paule Wagener kontaktéieren um Telefon: 23 62 08 59.

Den Här John Karger kuckt ewéi bis elo nom Material vun der S. P. L. an och no den elektronischen Archiven.

De Grupp „Cailloux“ gëtt vun der Madamm Denise Leesch an dem Här Fernand Spier koordinéiert. Membere sinn: Marcel Ewers, Georges Jomé, Johny Karger, Jean-Paul Stein, Georges Thill.

Hei sinn e puer Fotoe vun de Comitésmembere bei der Aarbecht. D'Nimm gi vu lénks no riets ugin.

*Matgedeelt vun der S. P. L.
Fotoen: © Johny Karger, S.P.L.*



Denise Leesch, Marie-Paule Wagener, Jean-Paul Stein



André Schoellen, Georges Jomé, Marcel Ewers



Georges Thill, Fernand Spier



Georges Jomé, Jean-Paul Muller, John J. Muller, Marcel Ewers

KULTUR A GESCHICHT // CULTURE ET HISTOIRE

2022: DE RENERT FEIERT GEBUERTSDAG

150 Joer kritt dem Michel Rodange säi Renert d'nächst Joer. Dorunner gëtt natierlech virun allem zu Waldbëlleg geduecht, dem Heemechtsduerf vum Nanettsméhel, wéi de Rodange hei genannt gouf.

Fir den 190. Gebuertsdag vum Nannettsméhel hat d'Gemeng Waldbëlleg e Buch erausbruecht: *De Michel Rodange a seng Heemechtsgemeng Waldbëlleg*. Doranner war ze liesen:

„Der *Renert* ist das Opus magnum des Dichters Michel Rodange. Es erzählt die Geschichte vom Fuchs, der, allem Glauben und Gesetz abhold, ohne Angst vor Kraft und Gewalt, listiger ist als alle seine Feinde. [] Der Stellenwert des *Renert* innerhalb der Luxemburger Literatur kann also nicht hoch genug veranschlagt werden.“

Sou heescht et am Katalog vu Germaine Goetzinger, Gast Mannes, Roger Muller iwwer d'Ausstellung am Centre national de littérature zu Miersch, déi vum 20. November 2002 bis den 18. Abrëll 2003 war.

An deem gläiche Katalog gëtt ausféierlech drop higewisen, datt de *Renert* wuel vum Goethe sengem Reineke Fuchs inspiréiert ass, mee datt et och staark Influenzen aus dem franséischsproochege Raum gëtt: „... er verleiht darüber hinaus dem Streben des Luxemburger Volkes Ausdruck nach mehr Freiheit und mehr Gerechtigkeit.“ (Op. Cit.) Dat an enger Zäit, wou just räich Männer hunn dierfe fir d'Chamber wile goen, nodeems se hiren Zensus bezuelt haten.

Sengem Fils Albert Rodange no huet de Rodange 1868 zu Wolz ugefaang, um *Renert* ze schreiwen a senge Kanner dorauer virzeliesen. 1871 war d'Wierk fäerdeg. D'Buch ass 1872 erauskomm; verkaaft huet et sech net.

„Die Enttäuschung des Wiltzer Autors bei dem stockenden Verkauf seines Werkes kann man sich leicht vorstellen. Das eisige Schweigen, mit dem sein *Renert* aufgenommen wurde, muss ihn bis ins Mark getroffen haben.“

Roger Muller. *Michel Rodange und die Stadt Luxemburg*.
Ons Stad Nr. 63. Abrëll 2000. S. 23

Dee gesellschaftskriteschen Aspekt huet laang dozou gefouert, datt de *Renert* ënner den Dësch gekiert ginn ass. D'Kritik um Klerus huet zu scharfe Reaktiounen aus dem politesch rietse Milieu gefouert. Dat gouf nach méi uerg, wéi 1904 de Skandal ëm e pädophile Schoulmeeschter an déi dubiéis Roll vum Bëschof an d'Chamber koumen an de sozialistesche Deputéierten Michel Welter Strophen aus dem *Renert* deklaméiert huet. De *Renert* ass als eng bësseg Satir net gutt ukomm, bei deenen, déi sech net zu Onrecht getraff gefillt hunn.

„In diesem Punkt greift er also, keck und unbewusst, über den deutschen und niederländischen Reineke hinweg auf den französischen und lateinischen Ur-Fuchs des 12. und 13. Jahrhunderts zurück. Wohl kommt auch in seiner Dichtung die Handlung, ohne die kein Epos zu denken ist, zu ihrem Rechte; doch wird ihr die Satire zur Hauptsache. [] für kleine Kinder hat Rodange nicht geschrieben. Et sucht seine Leser unter den Großen, die in ihrer Weise auch häufig Kinder sind, und zwar der schlimmsten und ungezogensten Art.“ (Nikolaus Welter. *Op. cit.* S. 253)

De *Renert* ass „von all denen als etwas Unerhörtes totgeschwiegen worden, die sich selbst und ihre Freunde, die Mächtigen des Tages wie die Unantastbaren um Thron und Altar mit abgerissenen Masken dastehen sahen.“ Sou stoung et richteg den 3. Januar 1927 am Tageblatt. Den Isi Comes huet vu Géftzonge geschwat, déi „in allen Tonarten den *Renert* als verderblich, gottlos, dumm, revolutionär, als ein Plagiat und wer weiß was noch“ diskreditéiert hunn. De *Renert* war d'Antithes vun der akzeptéierter Literatur vun Dicks a Lentz, déi jo séier schonns 1903 e Monument am Häerz vun der Stad krut haten.

„De Michel Rodange ass kee Stater Jong wéi de Lentz an den Dicks. Hie kënnst vu Waldbëlleg, aus engem *klengen Haus*, de Papp war *Napoléonsdénger* an huet sech a seng Famill duerno als Schouster duerchgeschloen; do gëtt et also kee Verglach mat sengen zwéi Schreiwerekolleegen. Si hunn och keng Notiz vun deem *hiergelafene Bauerejong* geholl, och wa si säi *Renert* oder säi *Léierchen* dach bestëmmt kannst hunn...“

*Lex Roth. „Sprooch-Helleger“.
Eng Klack fir eis Sprooch.
Luxemburger Wort. 6/7 Mai 2017.*

No an no ass am 20. Jorhonnert den Intressi um *Renert* gewuess an et goufen iwuer drësseg nei Editiounen. Datt et e puer Joer laang net eng eenzeg Versioun dovunner méi ze kafe gouf, war natierlech eng Schan. Dofir ass et gutt, dass elo déi kommentéiert an nei reviséiert Editioun vum Romain Hilgert erëm vun Éditions Binsfeld erausbruecht gouf, an dass et d'nächst Joer de *Renert* mat ville kompetente Kommentaren vum Educatiounsministère wäert ginn.

Mat dorunner geschafft huet eise lokale Spezialist, den Éierebuergermeeschter Jean-Luc Schleich, deen lech schonn direkt an dëser Editioun vum FUUSS e profunden Abléck an eisen nationalen Epos gëtt. Do dernieft ginn et nach e puer Bäitrag zu deem Thema, an op dëser Plaz déi wonnerschëin Zeechnung vum Ben Caspar.

Marc Barthelemy



Ben Caspar

150 JOER RENERT – EE RÉCKBLÉCK AN EEN AUSBLÉCK

Den 29. Oktober 1872 stoung an der *Indépendance luxembourgeoise* eng Annonce, déi e klenge Buch mat engem laangen Titel ugekënnegt hat, *Rénert oder de Fuuss am Frack an a Ma'nsgrésst - Op en neis fotograféiert vun engem Letzeburger*. Dëst konnt fir 1 Frang beim Stater Libraire Louis Schamburger kaf ginn. Den Auteur vum 18 op 10,5 cm gréng-groe Bichelche war net am Buch ernimmt. E *Letzeburger* hat op 254 Säiten eng Adaptatioun vum Goethe sengem Reineke Fuchs aus dem Joer 1794 geschriwwen. De Stoff hat dee *Letzeburger* op 254 Säiten a Lëtzebuurger Mondaart iwwerdroen, an d'Spiichte vum Renert a 14 Gesäng, 1513 Strophen an 6052 Versen an en typesch lëtzebuergesche Kontext gesat. Wann déi éischt dräi Gesäng sech nach ganz no um Goethe sengem Handlungsstrang orientéiert haten, esou hat dee Lëtzebuurger *Renert* sech duerno ëmmer méi dovunner emanzipéiert, a sech an der historiesch turbulenter Zäit tëscht 1867 bis 1872 ausgetoobt.

D'Bichelche war an der Dréckerei vum Jean Joris op der Plëss an der Stat erauskomm. De *Letzeburger* muss vu

sengem Wierk komplett iwwerzeegt gewiescht sinn, well en hat direkt dausend Stéck dovunner drécke gelooss. Esou eng grouss Oplo ass och nach haut schwéier ënner d'Leit ze bréngen. Ma deemols, wou meeschtens Zeitungen op Däitsch oder Franséisch gelies goufen, war d'Lëtzebuergesch als Liessprooch nach eng exotesch Aventure. Ausser a Lidder, Komédisstécker oder soss geschwollene Gedichter war se seelen am Gebrauch. Et war d'Sprooch vum Vollek. An der Chamber gouf eleng Franséisch parléiert.

Komescherweis war just Reklamm an der *Indépendance luxembourgeoise*, déi de Jean Joris erausbruecht hat, fir dee



Indépendance luxembourgeoise, 29. Oktober 1872



Buchdeckel vun der 1. Oplo 1872



Dräi verschidden Titelsäite vun der 1. Oplo 1872-1873

Renert gemaach ginn. Fir méiglechst vill interesséiert Lieser ze fannen, war et awer rotsam, fir a méi Zeitungen duerfir Reklamm ze maachen. Ma dee *Letzebreger* hat eenzeg eng zéng bezuelten Annoncen am Joris sengem Blietchen drécke gelooss. War en esou vu sengem Éischtlängswierk iwverzeegt, datt en duecht, et géif fir sech selwer Reklamm maachen, a sech bei de Leit ronderëmschwätzen?

Ma wouhier! Dausend där Bichelcher haten d'Dréckerpress grad eréischt verlooss, awer kee Mënsch hat dovunner Notiz geholl. Beim Schamburger an der Librairie um Krautmaart blouf et an der Fënster an am Regal leien. Keen hat et ernuecht geholl, an déi, déi et kaf haten a vläit och gelies haten, hate gutt doru gedoen, net vill doriwwer ze schwätzen. De *Renert* war nach bei senger literarescher Gebuert krepéiert. Méi schlëmm nach war, datt keng eenzeg Zeitung d'Buch bemierkt hat, an eng Rezensioun doriwwer geschriwwen hat. Et war, wéi wann dee Fuuss a Maansgréisst de Leit net geheier gewiescht wier.

De *Letzebreger* an de Joris konnten net gleewen, woufir den Ofsaz esou schlecht, an d'Ignoranz esou grouss waren. Ma et huet missen eppes geschéien! D'Käschten hu missen erageholl ginn! Kuerzerhand gouf beschloss d'Titelsäit ze änneren. Ware Buchdeckel an Titelsäit bei der alleréischter Editioun vum Oktober 1872 nach identesch, esou war elo op der Titelsäit am Februar 1873 de Phrenonym *Letzebreger* ersat ginn duerch den Numm vum Auteur, M. Rodange. Derbäi koum tëscht Klammern den Zousaz *in Luxemburger*

Mundart. Deen Zousaz war awer spéider an enger drëtter Titelsäit ewechgelooss ginn. Och d'Präzisioun, wou een d'Buch ze kafe kriit, koum direkt op d'Titelsäit stoen. Et ginn also dräi verschidde Variante vun der Titelsäit vum *Renert* a senger éischter Oplo.

De Waldbëlleger Méchel Rodange hat säin Numm schlussendlech awer nach an d'Buch drécke gelooss, well gemengt gi war, datt d'Identitéit vum Auteur fir de Verkaf hëllefträich kéint sinn. Dee selwechten Auteur hat sech scho virdrun e klengen Numm an der Literatur- an Zeitungswelt gemaach, duerch eenzel Publikatiounen vu sengen haaptsächlech däitsche Gedichter. Ma säin éischt grousst Wierk op Lëtzebuergesch sollt a senger Virstellung ee grousse Worf ginn. Hie wollt domadder genee esou bekannt ginn, ewéi den Dicks mat senger Lidder a Koméidistécker, oder de Méchel Lentz mat senger schmalzege Gedichter iwver eist Land.

Fënnef weider Annoncen an der *Indépendance luxembourgeoise*, déi de Joris op seng eegen Täsch geholl hat, sollten de Leit Loscht op de *Renert* maachen. Groussspuereg war et do ugekënnegt ginn als dat Gelongenst, wat jeemools an der Lëtzebuurger Mondaart geschriwwen gi war (oder dat Gelungenst, wat gläichermoosse richteg déi Zäit gewiescht wier). Ze kafe krut een et fir 1 Frang an der Dréckerei Joris, beim Libraire Schamburger oder et konnt een et esouguer fir de selwechte Präiss per Post heemgeschéckt kréien.



Indépendance luxembourgeoise, 18. März 1873

Ma och dat sollt alles näischt notzen. De *Renert* war een Ehec op der ganzer Linn, fir den Auteur, grad ewéi fir den Drécker. Nëmmen e puer Joer drop sollt de Méchel Rodange de 27. August 1876 un de Suite vum engem uerge Schwier, deen sech um Ausgang vum Mo an den Daarm zu Mokriibs entwéckelt hat, mat nëmnen 49 Joer zu Clausen an der Stad stierwen. Wéi esou dacks bei verkannte Genien sinn dem Méchel Rodange säin Numm a säin Hauptwierk eréischt no sengem Dout zu Éiere komm.

Nach am Doudesjoer 1876 hat den Dr. Auguste Neyen vu Wolz, deen de Rodange a seng Kränkt nach selwer kannt hat, am drëtten Deel vu senger „*Biographie Luxembourgeoise - Histoire des hommes distingués et originaires de ce pays*“ (1876, Jean Joris, Lëtzebuerg, S. 382) de *Renert* esou beschriwwen: « *Cette composition, de foyer domestique pourrait-on dire, offre bien des idées heureuses et parfaitement tournées ; surtout des descriptions de situations rendues suivant le génie patois luxembourgeois : c'est soi-disant la translation d'un poème allemand ; mais elle est convenablement arrangée pour l'appliquer, sous le point de vue critique, à certaines circonstances du moment, qui s'offrent naturellement à l'esprit de l'observateur patriote non prévenu.* ».

Am Joer 1885 schreift den Dr. Jean-Pierre Glaesener iwwer de *Renert* a sengem Wierk „*Le Grand-Duché de Luxembourg historique et pittoresque*“ (Dikrech, Justin Schroell, S. 296) : « *C'est l'épopée comique de même nom du moyen-âge remaniée, paraphrasée, parodiée et adaptée au caractère et aux localités du pays luxembourgeois. L'auteur a la diction coulante, le vers facile et de la verve comique ; il manie et rend bien les divers dialectes du pays, surtout le dialecte ardennais et celui de la Basse-Sûre ; il sait employer à propos les locutions proverbiales et spécifiquement luxembourgeoises et l'on voit qu'il a vécu au milieu du peuple qui a encore gardé ses expressions particulières ; mais des allusions obscures ou incompréhensibles mêlées à des personnalités blessantes déparent cet ouvrage dont le succès n'a pas répondu au mérite littéraire.* »

Vum 21. März 1896 bis de 6. März 1897 huet déi liberal a satiresch Wochenzeitung „*De Letzeburger*“ de *Renert* komplett ofgedréckt, mat Erklärunge vum Dr. Martin Klein. Deen hat dann och den éischte Rodange-Biograf, de Professor Nicolas Welter, derzou motivéiert, fir vun 1904 un Konferenzen iwwer de Rodange an de *Renert* uechter d'Land halen ze goen. 1906 publizéiert hie seng Konferenz am Buch „*Die Dichter der Luxemburgischen Mundart*“ (J. Schroell, Dikrech, 1906). De Professor Jules Keiffer wierdegt de Rodange an de *Renert* am Joer 1903 a sengem Wierk „*La littérature du Grand-Duché de Luxembourg*“ (Worré-Mertens, Lëtzebuerg). Am Joer 1909 kënnt beim



De Letzeburger, 21. März 1879, éischt Republikatioun vum *Renert*

Charel Praum (Lëtzebuerg) eng zenséiert zweet Oplo vum *Renert* eraus. Verschidde Versen, déi verschiddene Leit sauer opgestouss waren, goufen dora gestrach. An et sollt iwwer d'Joren ewech net déi lescht *Renert* Editioun sinn. Den definitiven Duerchbroch fir dem Méchel Rodange säi *Renert* koum awer duerch de Verdéngscht vum lechternacher Industriellen a sozialisteschen Deputéierten Caspar Mathias Spoo, deen am Joer 1911 am Cercle an der Stad eng triumphal Konferenz gehalen hat, vun där an der Press geschriwwen gouf: „*C'était enfin la résurrection due au poète méconnu, et c'était du beau travail de propagande populaire.*“ (scrib. Tresch, *Renert*, Krippeler-Muller, Lëtzebuerg, 1980, Cornel Meder, S. II.).

Vun elo un war dem Méchel Rodange säi *Renert* komplett am Bewosstsinn vun de Leit.

D'Ignoranz, déi sengem Hauptwierk *Renert* vun der Ëffentlechkeet entgéintbruecht gi war, war dem Méchel Rodange sécherlech béis op de Mo geschloen. Ma letztendlech ass et awer just dee *Renert*, deen hien aus



Foto vun 1864: De Méchel Rodange am Alter vu 37 Joer

dem Graf erausgeholl, an en hei am Land onstierflech gi gelooss huet. Wann d'Dokteren him och d'Liewen net rette konnten, esou waren et awer just grad si, déi de *Renert* verstanen haten, a wossten, wat fir eng Léier de fréiere Schoulmeeschter Rodange eis mat sengem philosophesch didaktesche Wierk mat op de Wee gi wollt. Et waren deemno keng Literaten, Schoulmeeschteren, Professerer oder Journalisten, déi de *Renert*, an d'Erënnerung u säi geeschtege Papp nees an d'Liewe geruff haten, ma Dokteren. Bei hiner Diagnos vum Mënsch baséieren se sech an der Reegel op hiert Wëssen an empiresch Fakten, an net op Suppositiounen oder iergend een Awerglawen. Si haten erkannt, datt de Rodange am *Renert* eng zäitlos richtig Diagnos vum Mënsch, seng Schwächen a Verfeelunge gemaach hat.

De Rodange ass no sengem Dout vun Enthusiasten vum *Renert* bekannt gemaach ginn. Och hautzedags fannen sech ëmmer nees nei Frënn vun deem Wierk. Et ass ouni Zweifel eent vun de beschte Wierker a Lëtzebuenger Sprooch bliwwen. Et ass net perfekt, ma et sicht Sengesgläiche bis haut!

Den Dichter Méchel Rodange war no sengem Dout eenzeg duerch de *Renert* nees zeréck an d'Ëffentlechkeet geholl ginn. Seng däitsch Gedichter an Aufsätz, och seng éischt lëtzebuergesch Wierker, hätten en net aus der initialer Ignoranz vun de Leit kënnen retten. Zum gréissten Epiker am Land ass hien eenzeg duerch seng messerscharf Satir ginn, déi sech am *Renert* zu voller Kraaft entwéckelt hat. Näischt wat de Rodange virdrun oder duerno geschriwwen hat, ka sengem Hauptwierk d'Waasser reechen. Wier de *Renert* net nom Dichter sengem Dout esou bekannt ginn, da wieren aner Wierker wéi dem Elisa säin Tagebuch, d'Waldbëlleger Chronik, d'Léierchen oder dem Grof Sigfrid seng Goldkummer warscheinlech ni publizéiert ginn.

Ma de *Renert* konnt just engem ausgeräiften Dichter an de Kapp klammen, engem Mënsch, dee vill ënner de Leit war, dee jett erlieft, erdroen a gelidden hat. Aus dem perséinlech Erlieften an Erliddeenen eraus war e Meeschterwierk entstan. Den lenger an d'Roserei iwwer d'Mësstänn an d'Ongerechtegkeeten a sengem eegene Liewen hat de Rodange och doranner verschafft, *facit indignatio versum*, wéi de Juvenal scho richtig erkannt hat.¹ De Mëttvéierzécher hat ni Reese gemaach, war just bis op Tréier komm, fir de Stierfschäin vu sengem Brudder ze ënnerschreiw. Alles wat hie wosst, hat hie gelies oder sech vun de Leit soe gelooss. Seng Frënn a Bekanntschaften koumen aus allen Ecke vum Land. Just am Süden war en

¹ D'Roserei inspiréiert d'Versen.



Postkaart aus dem Jubiläumsjoer 1926, d'Heemechtshaus zu Waldbëlleg

net ënnerwee. Datt et haut do esou vill Rodange-Stroosse ginn, ass de sozialisteschen Deputéierten wéi dem Michel Welter oder dem C. M. Spoo ze verdanken, déi de Rodange an deem Eck vum Ländche bekannt gemaach haten. Am Süden war de Rodange ugesinn als Klassekämpfer fir d'Saach vun de kleng Leit. Aner Gruppéierungen haten an him e Pafefresser gesinn. Anerer nees e Revolutionär, dee géint déi sozial a politesch Uerdnung ugoe wollt. Da war en een onzefriddene Kregéiler an Naschtbeschmotzer fir déi eng, an een onzefriddenen Emporkömmling aus der Mëttelschicht, dee sech mat de weltlechen a reliéisen Autoritéiten uleeë wollt, fir déi aner. Fir den Uewerwëlzer Paschtouer muss net nëmmen de *Renert* duerch an duerch onanstänneg gewiescht sinn, ma och säin Auteur. Jiddwereen hat also versicht aus dem Waldbëlleger Rodange säi Rodange ze maachen, an dat an him ze gesinn, wat just grad dee Moment an de Krom gepasst hat. Dat ass awer och net verbueden!

Well de Rodange hat kee Schlëssel fir sech a säi Wierk hannerlooss. Vu senger Biografie ass esou munches, awer nach laang net alles gewosst. Et ass also legitim, fir sech zu all Joerzénge nees op en Neits ze froen, wat


deen empfindleche Mënsch Rodange eis all mam *Renert* hannerloosse wollt. Jiddwereen huet deemno d'Recht fir sech säin eegent Bild vum *Renert* ze maachen.

Wouranner kann also d'Faszinatioun fir de *Renert* leien? Et sinn net eleng déi melodesch Versen, de Rhythmus, déi verschidde Landesdialekter, d'Anekdoten, déi schaarf Satir, d'national an international Skandalen, d'Uspillungen op bekannt Perséinlechkeeten aus där Zäit, d'Zäitgeschicht tëscht 1867 an 1872 asw. Et ass och net ausschliisslech d'Gesellschaftskritik oder d'Beschreibung vun de sozialen Zoustänn aus senger Zäit, un deenen de *Renert* sech eleng reiwe wollt. Och déi sëllege geschichtlech Evenementer aus där Zäit, op déi am *Renert* ugespillt ginn, spillen eng wichteg Roll. Da kommen nach all déi Beispiller iwwer déi méi oder manner real lokal- a kulturhistoresch Eegenaarten derbäi. Ganz Beruffskategorie gi beschriwwen, an zum Deel schaarf kritiséiert. Natierlech gëtt sech haaptsächlech un deenen e bëssi méi wéi 3000 Leit an hire Beruffer geriwwen, déi zu Lëtzebuerg déi Zäit alles ze soen, an am meeschte Goss haten. Ma geet dat dann duer fir de Rodange als Klassekämpfer am marxistesche Sënn unzegesinn? War hien dann éieren ee strenge

Sittepriedeger a Moralist, deen de Fanger an d'Wonn geluecht hat, just fir eis all ze soen, wéi et besser ze lafen hätt? Jo, wat dann elo? Der Rei no!

De Rodange staamt aus einfachste Verhältnisser. Mat Fläiss an Ausdauer konnt hien e puer Schoule maachen, déi duergaange ware fir Schoulmeeschter, an herno Beamten an der mëttlerer Karriär bei der Stroossebauverwaltung ze ginn. Hie war streng reliéis erzu ginn, a war bis u säi Liewensenn gleeweg bliwwen. Hie war e sensibele Mënsch, deen dacks a sech gekéiert war, vill iwver sech an d'Welt nogeduecht huet. Hien hat Wënsch a Suergen. Säin Doheem, seng Famill, Fra a Kanner waren him iwver alles wichteg. Duerfir hat e misse striewsam sinn, fir se kënnen ze ernieren, an nach e puer Su fir Bicher iwweg ze hunn. Seng Leidenschaft waren, d'Literatur, de Gesang an d'Musek. Fir deem nozegen, war hie gären ënner de Leit, a konnt a wollt a gudder Gesellschaft gären mol een dropmaachen, esou laang en dat duerft a konnt. Seng Mamm hat een ausgepräagte Gerechtegkeetssënn, an hat hie streng an deem Sënn erzunn. Ganz besonnesch sollt hien een oppent Ouer fir Leit hunn, deenen et méi schlecht gaangen ass wéi him. Hien hat och vu senger Mamm agetriichtert kritt, datt een net schlecht iwver aner Leit denken oder schwätze soll, wann ee se net kannt huet. Et sollt ee keng Leit oder hiert Handele verurteelen, wann een d'Ëmstänn net kannt huet. Hëllefsbereitschaft, Matgefill, Héiflechkeet an Éierlechkeet sollten am Ëmgang mat anere Leit un éischer Plaz stoen. Ligen, Heuchlerei, Hybris, Korruptioun, Falschheet, Egoismus, Habgier, spréich all Handelen dat just op den eegene Virdeel ausgeriicht war, war dem Rodange sengem Wiesen gänzlech friem.

Op sengem Liewenswee waren him munch Mënsche begéint, déi grad déi Ondugenden do awer méi oder manner ausgepräagte gewisen haten. Wann e mat esou Leit ze doen hat, déi em schlecht wollten oder him eng ausgewëscht haten, da konnt en immens tockskäppeg a rose reagéieren. Entweder huet en déi Leit dann direkt mat scharfe Wieder zeréck op hir Plaz gesat, oder huet se duerno a senge Schrëften néiergemaach. Hie war laang roueg a gedëlleg, konnt sech villes gefale loossen. Ma wann de Punkt bis erreecht war, da konnt en aus der Haut fueren. Natierlech hätt en sech ni géint e Virgesetzten oder eng aner weltlech oder reliéis Autoritéit am Toun vergraff. Hie war intelligent genuch ze wëssen, datt et heiansdo einfach besser wier, fir d'Fauscht an der Täsche ze maachen, wéi sech selwer ëm de Kapp mam Col ze bréngen. Hien hat ëmmer d'Wuel vu senger Famill am A ze behalen. Dobäi war hien am Déngscht ëmmer fläisseg a gewëssenhaft. A wann him eppes net gaangen ass,



Ex Libris J.L. Schleich, Hedwig Pauwels, 2019. De Méchel Rodange, de Renert um Schéissendëmpel

dann huet en sech héchstens erlaabt, fir der Hierarchie seng éierlech Meenung a beschem Beamtefranséisch matzedeelen.

Hie kann och net als Pafefresser ugesi ginn, well hien hat vill Frënn ënner de Paschtéier. Seng puritanesch Reliositéit hätt et him och verbueden sech an Heresie ze üben. Ma dat ongerecht an herrescht Behuelen vu verschiddene Paschtéier, déi vun der Kanzel erof gemengt haten, si eleng hätten Anstand a Moral gepacht, awer selwer net méi helleg wéi der Däiwel waren, hat hien bis a säin Déifstent era gehaasst. Datt zu Roum och nach en italieenesche Poopst gemengt hat, hie wier als Stellvertrieder Christi onfeelbar, dat muss em batter mat der Mosaier opgestouss sinn. Datt d'kathoulesch Kierch déi Zäit, am esou fromme Lëtzebuerg, an esou munch Skandalen verwéckelt war, an dacks méi ëm hir eege politesch a sakral Muecht, wéi ëm d'Wuelbefannen vun de Gleewege bekëmmert war, huet sengem Bild vun der chrëschtlicher Nächstelëft widersprach. Et ass him effektiv villes déi Zäit déck op d'Schlappe gaangen. Ma hie wollt net duerch Zeitungsartikelen, Rieden oder aneren Aktiounen en Opstand vun de klengen Leit géint d'Ongerechtegkeete vun der Welt lancéieren. Hie war éischer ee Revolutionär am Sënn vun der Opklärung. Hie wollt net a Ressentimenter

réiere goen, ma opmierksam maachen, datt munches am Uerge louch. Hie wollt scho guer net op de Wee vum oppene Konflikt an der Gesellschaft mat sengem *Renert* goen. Ma et war och onméiglech fir hien, roueg ze bleiwen. D'Zoustänn hate praktesch duerno gejaut, fir eng Satir doriwwer ze schreiwen.

A senge ganz perséinleche Momenter hat en sech a seng geeschteg Dichterwelt zeréckgezunn. Do konnt e lassgeléist vun allen Zwäng a seng ideal Welt andauchen. Seng pandeistesche Naturgedichter, seng idealiséierend Libesgedichter, seng philosophesch Reflexiounen sinn an deem Asechgekéiertersinn entstanen. Do war ee Mann, deen zwar ni gereest war, awer vill Länner a Welten a sengem Geescht, senger Fantasie besicht hat. Hie war mam Odysseus ënnerwee an hat sengem Liblingsauteur Goethe seng Schräfte verschlongen. Dat Diabolescht vum Mephisto an dem Faust säi Wiesen, dat nom richtege Wee sicht, an dobäi seng Séil verkeeft, huet hie kannt. An déi Bicherwelten konnt hien andauchen, wéi wann en d'Abenteuer an d'Irrungen a Wurrungen doranner selwer erlieft hätt. Seng Gefiller a Gedanken huet hien awer seelen direkt erausposaunt. Och seng Gedichter ginn eis kee kloert Bild vum Mënsch Rodange, si ginn eis awer vill kleng verspreeten Hiwäiser, déi zesummegeholl een net esou falschen Tableau vun him zeechnen. Hien hat eng Virléift, fir seng heemlechste Gedanke geschéckt a senge Schräften ze verstoppen. Am *Renert* huet en duerfir sämtlech Regëstere vun der Satir gezunn. Dat war en an senger kuerzer Zäit als Redakter bei der satirescher Zeitung *Wäschfra* geléiert ginn. Hie konnt Wouerechte ganz geschéckt op d'Tapéit bréngen, ouni d'Kand direkt mam Numm ze nennen. De Mënsch Rodange war ee Gerueden, a riichteraus dohem, an am Frëndeskrees, oder bei Leit, déi näischt mat him ze dinn haten. Ma verschidde Wouerechte konnt en diversen Dammen an Hären awer

nëmmen duerch d'Blumm oder duerch schaarf Satir zum Beschte ginn. Dem Goethe säi Reineke Fuchs vun 1794 hat en als Inspiratioun fonnt, fir seng Lëtzebuerger Wouerechten ze zeechnen.

Am Rodange sengem *Renert* ass eendeitig och vill Perséinlech dran. Hien ernimmt sech selwer um Fielsser Festival am Joer 1869, an zu Waldbëlleg an der

aler Schoul beim grouse Pull, wou de Wollef der uerg laanscht d'Panz krut. Hien ernimmt Leit mam Numm, do wou en hinne meeschtens gutt gesënnt ass, oder grad de Contraire, déi en iwverhaupt net leide kann. Hie bréngt Geschichten an de *Renert*, déi en ënner de Leit am Land héieren hat, wa se owes beim Kamäin an der Uucht souzen, a vum Néngser Stallbock oder anere Geschichte verzielt hunn. De Rodange war op Zeitungen abonnéiert, an huet sech iwver dee Wee gutt iwver déi national an international Politik an Zoustänn kënnen informéieren. Déi Zäit an där de *Renert* enstan ass, huet zu den emouvantsten an turbulentsten Episoden an der Lëtzebuerger Geschicht gehéiert. Net méi ewéi alles stoung um Spill. Zeitunge goufen et zu där Zäit vun alle politesche Stréimungen an Interessegruppen. D'Press gouf dacks nëmmen zu Popagandazwecker benotzt, an huet déi gelueft, déi se bezuelt haten, an huet déck op déi geklappt, déi déi politesch oder éischter déi wirtschaftlech Géigner waren. Et war deemools – grad wéi haut – alles nëmmen ëm Afloss, Muecht an de Goss gaangen. An de Schäin war dacks méi wichteg an zilféierend wéi de Sënn. De Rodange hat dat alles gemierkt a verstanen. Wann ee vill ënner de Leit ass, da gëtt een och vill gewuer.

A vill vun deem Erliedten, dat Schéint ewéi dat Schlecht, bréngt hien a sengem *Renert* ënnerdaach. Awer hie mécht dat ni plomp oder ze vill direkt. Hie péckt dat ëmmer a schéin Zeenen an, déi tëscht den Zeilen d'Wouerecht erkenne loossen. An déi Wouerecht war déi, wéi hien se gesinn an erlieft hat. Néierens am *Renert* schreift hien iwver d'Welt oder de Mënsch wéi se si sollen, ma just wéi hien se erlieft an empfonnt hat. Hie kënnt dem Lieser net mat enger fäerdeger Moral, a wëll eis léieren doen, wéi d'Welt an de Mënsch si sollen. Do goufen et scho genuch där Pharisäer, déi dat zu där Zäit gemaach hunn. Natierlech hat hien u sech selwer en ettlech Ongerechtegkeeten erlieft. Am néngte Gesang schreift hie vu sech selwer als Nannetts Méchel, deen do war, fir d'Saach opzeschreiwen. Dat war seng Roll. Hien hat d'Liewen an d'Leit aus där Zäit observéiert a verschidden Zoustänn erkannt. Hien hat dobäi méi Schlechtes wéi Guddes gesinn. Hien hat an de Séile vun de Leit kënne liesen an dat Schlecht am Mënsch gréisstendeels am *Renert* ënnerbruecht. Vum Gudden am Mënsch, vu Lëschtgkeet, Gesellegkeet, vun der Natur an anere schéine Saache schreift hien a sengen anere Schräften. De *Renert* awer bléckt an déi déif, däischter an erschreckend Ofgrënn vun der mënschlecher Séil. An déi mënschlecher Séil ass an der allzäitlecher Ambivalenz tëscht guddem a schlechtem Handele gefaangen. Dat ass d'Zwéckmillchen an där all Mënsch sech am Liewe beweegt. De *Renert* selwer, de Fuuss, steet fir dee mephistophelesche Geescht, deen iwver allem steet, a fir



Zeechnung Vic Engel,
1926, Privatdrock Linden,
Lëtzebuerg 1941

deen et keng Grenzen a Gesetzer ginn. Kee Mënsch an nâischt, egal aus wéi enger sozialer Positioun, kënn un de *Renert* erun, geschweig bréngt en zur Vernunft. Et ass net dem *Renert* seng kierperlech Kraaft, déi e vum Gaalgen ewechhält, déi en zum Grof mécht, déi en an engem Duell géint de méi staarke Wollef gewanne léisst. Et ass seng geeschteg Iwwerleeënheet, seng Intelligenz, seng Schluuheet, déi d'Déierewelt aus allen Aangelen hiewt. An trotz alle Sauereien, déi dee *Renert* driwt, an trotz senger schreckleche Charakterzich, mécht eis just grad dat deen Äerzschellem sympathesch. Eleng d'Kraaft vun deem zerstéierende Geescht bréngt et fäerdeg ëmmer nees déi aner, sief et de Bier, de Kueder, de Kinnek oder de Wollef, ze iwwertrompen, an d'Ier ze féieren, an esouguer an hiert eegent Verdierwen. Wann déi aner gelunn haten, fir zu hirem Virdeel ze kommen, well se Egoiste waren, a just no hirem Friesse gekuckt haten, dann huet de *Renert* do nach ëmmer een dropgesat.


An d'Géigestéck zu deem mephistophelesche Geescht? Deen aarme *Grimpert* war deen Eenzegen, deem de *Renert* nâischt ugedoen hat. De *Grimpert* ass den natierleche Géigepol zum *Renert*. Hie versicht him bäizebréngen, datt en sech bessere misst. Dat ass him och deels gelongen, wann de *Renert* him seng frevelhaft Dote beicht. De *Renert* huet sech viru sengem Gewësse verantwort, wéi et schéngt. Deels kann ee mengen, datt de *Grimpert* et fäerdegbruecht hätt, datt de *Renert* seng Sënnen no der Beicht bereit gehat hätt, an datt en sech bessere wéilt. Ma dat ass guer net de Fall. Beim *Renert* kann et *per se* keng Aussicht op Besserung ginn. Hie muss deen zerstéierende Geescht bleiwen, als ausgläichende Korrektiv géint d'Schlechtheit an d'Vefeelungen vun allen aneren Déieren. D'Gewëssen, de *Grimpert*, huet dat och missen agesinn. Hien huet sech esouguer selwer misse froen, ob de *Renert* net eventuell awer Recht huet, fir schlecht ze sinn, well déi aner och schlecht sinn? Fir d'Gewëssen, de *Grimpert*, ass déi Erkenntnis ze vill. En huet dorops selwer misse senger gréisster Schwächt nokommen, an ass wéi eng Onk saufe gaangen. D'Gewësse kann den diabolische Schellem net zëssen. En ettlech Biografe gesinn am *Grimpert* dann och dat Déier, dat dem Rodange senger Perséinlechkeet am nächste kéim. Dat och well en am Waldbëlleger Dialekt schwätzt. Grad esou awer de *Renert* och. Dat schéngt mir bewosst esou vum Rodange virgesi gewiescht ze sinn. Mir schéngt et, wéi wann de *Renert* an de *Grimpert* an all Mënsch bannendran eng permanent Ausernanersetzung féiere géifen. Soll een als Mënsch senger ondugenden Instinkter, Wënsch a Begierden nogoen, oder soll een se duerch dat eegent Gewëssen an der Gitt halen? Kann oder soll een alles hemmungslos maachen wéi ee wëll, wann een d'Mëttel oder d'Muecht duerfir huet? Dat sinn




D'Rodange Denkmal um Knuedler, Foto JLS

alles Froen, déi der Lieserschaft am *Renert* gestallt ginn. An all Mënsch huet de Choix op e méi dem *Renert* oder dem *Grimpert* follege wëll. All Mënsch huet gutt a schlecht Charakterzich a sech dran. Ma kee Mënsch kënn schlecht op d'Welt. Wéi een awer spéider agéiert, huet jiddweree selwer am Grëff. De *Renert* äntwert dorobber: „sief Fuuss a Wollef, als gudde Philosoph“.


De Rodange mécht am *Renert* also, a mengen Aen, eng Foto vum *Mënschsinn*. Hie weist a beschreift schounungslos, dat Mënschlecht, all ze Mënschlecht. Hie wëll eis am *Renert* soen, wéi de Mënsch ass, an iwwerléisst awer jiddweringem de Choix, wéi e Mënsch ee wëllt sinn. De Rodange hat sech entscheet fir éierlech an dugendhaft ze handelen, an am Respekt vu senger Matmënschen ze liewen. Hie war e Liewe laang Schoulmeeschter bliwwen, an hat no der Erzéiung vu senger Schüler mam *Renert*




Éischt Oplo 29. Oktober 1872, Jean Joris, Schreifweis vum Michel Rodange



Michel Rodange Gesamtwierk, J.-P. Krippeler-Müller, (Edi-Centre), Lëtzebuerg, 1974, Schreifweis vum Luxemburger Wörterbuch (LWB)



Lezebuurjer Gedichter a Proosashteker fiiir ons Schoulen, Drekeri Charel Munshausen, Lezebuurch, 1947, Schreifweis vun do Uawen



Méchel Rodange, Renert, 2019, offiziell Schreifweis vun haut

d'Méiglechkeet fonnt, fir eis erwuesse Mënschen e Léierbuch vum Liewen, a vum Mënsch mat op de Wee ze ginn. Hie wollt eis warnen virun alle Wëllef an de Geforen, déi am Liewen op eis waarden. Hie wollt eis weisen zu wat den zerstéierende Geescht alles fäeg ass, wann en net vun engem staarken a gudde Gewëssen an der Gitt gehale gött.

Am *Renert* beschreift de Rodange eis de Mënsch - *Ecce Homo*, esou ass de Mënsch! Net méi an net manner!

Dat Béist an dat Gutt stiechen allebéid am Mënsch dran. Dat Heldenhaft am *Renert* ass eenzeg d'Fäegkeet fir sech selwer erauszefannen an ze decidéieren, wéi ee Wee ee letztendlech aschloe wëll. Deen éierlechen an dugendhaften, oder de geneeë Contraire dovun. Dat eent schléisst dat anert aus. De Fuuss konnt sech net besseren, an de *Grimpert* konnt kee Fuuss ginn. A bei aller Satir a lëschtege Momenter am *Renert*, wëll de Rodange eis net mat enger reliéiser Léisung ëm den Eck kommen, ma an zwee Versen gött hien eis seng perséinlech lwwerzeegung

mat op de Wee, wann hien de *Grimpert* zum *Renert* soe léisst: „*Donk aanre wi dir selwer, Da'ss d'Wuerzel an de Bam*“. Deen duerch an duerch humanistesche Grondsaz ass d'Moral vun der Geschicht. Net méi, an net manner! *Nosce te ipsum*, erkenn dech selwer Mënsch, steet um Apollotempel zu Delphi. Lies de *Renert*, an erkenn dech selwer Mënsch, heescht et hei zu Lëtzebuerg.

Nom 190. Gebuertsdag vun eisem Nannetts Méchel, dee mer zesummen am Joer 2017 gefeiert haten, war de *Renert* kuerz drop just nach antiquaresch ze fannen. D'Editions Binsfeld an de Romain Hilgert hu vum *Lockdown* an der Pandemie profitéiert, an hire *Renert* aus dem Joer 1987 iwwerlies an iwwerschafft (1995, 2008 weider Oploen). Dobäi hunn si den Text an déi nei lëtzebuergesch Orthographie vun 2019 iwwerdreien. Ufanks 2020 koum déi iwwerschafften a komplettéiert nei Oplo vum Romain Hilgert (Editions Binsfeld) eraus (cf. *De Fuuss*, 1/2021, S. 101). Heiranner gi mir och gewuer, datt et 33 verschidden *Renert* Editiounen gëtt. De *Renert* ass een absolute *Bestseller* hei am Land, an dat bis haut. Vergläicht een déi verschidden Editiounen mateneen, kann ee gesinn, wéi sech d'Schreifweis vun der éischter bis zur 33. Oplo weiderentwéckelt huet. Verschidde Leit gesinn dorunner eng sproochlech Verhonzung vum *Renert*. Allerdéngs kann een dat net gëlle loossen. Eis Sprooch ass lieweg, an huet sech zënter 1872 staark virunentwéckelt. Si ass permanent weider am Gaangen sech ze entwéckelen. An esou ass et net verwonnerlech, datt d'Transkriptioun vum wichtegste Wierk an eiser Sprooch sech parallel dozou vun Oplo zu Oplo virunentwéckelt. Ouni laang wëllen an de sproochlechen Detail vun de verschiddene *Renert*-Transkriptiounen eranzegoen, gesi mir op der viregter Säit e puer Beispiller unhand vun deenen ee fir déi zwou éischt Strofen aus dem *Renert* erkenne kann, wéi sech den Text un déi jeeweileg orthografesch Reegelen zur jeeweileger Zäit ugepasst huet. Eng méi exotesch Transkriptioun aus engem Schoulbuch vun 1947 mécht dann d'Bëtschel fett. Esou wéi eis Sprooch an hirer Zäit lieft an sech iwwer d'Joerzëngte virunentwéckelt, esou geschitt et deemno dem *Renert* och. An dat ass gutt esou!

Am Oktober 2022 ginn et genee 150 Joer, datt de Méchel Rodange déi 1. Oplo vu sengem Meeschterwierk erausbruecht huet. Zënterhier ass viles am Land geschitt. Trotz alle Kricher a Krisen, ass de *Renert* nach do, a fënnt och haut nach de Wee an d'Lëtzebuurger Bibliothéiken. D'Faszinatioun, déi de *Renert* ëmmer nach bei der Lieserschaft entwéckelt, bleift ongebrach. Den Inhalt ass zäitlos aktuell, well de Mënsch ännert sech net. Där Fiiss, Wëllef, Grimperden an anerer méi gëtt et an all Joerhonnert.

Aktuell schafft den Educationministère un enger neier Jubiläumseditioun vum *Renert*, déi 2022 de Wee an d'Librairien, an duerno 2023 an d'Sproochesektioun am Lycée, fanne soll. Dës Editioun soll parallel zur Versioun vum Romain Hilgert lafen. Wien also *bis dato* nach kee *Renert* doheem sollt hunn, huet am Jubiläumsjoer 2022 genuch Méiglechkeete fir sech een ze besueren.

Et wäert net déi leschten Editioun vum *Renert* bleiwen, dovunner ass auszegoen. *Ad multos annos, Renert!*

Jean-Luc Schleich
Éierebuurgermeeschter

Quellen:

GOETZINGER, Germaine / MANNES Gaston / MULLER, Roger: „*De Michel Rodange – Op en Neis fotograféiert*“, In: *Ausstellungskatalog am Mierscher Literaturzenter vum 20. November 2002 – 18. Abrëll 2003*, Miersch 2002.

MULLER, Roger: „*Über die eigenartige Freundschaft zwischen Michel Rodange und Nicolas Steffen*“, In: *Galerie – revue culturelle et pédagogique, Centre Culturel de Differdange*, 12 (1994) N° 4.

TOCKERT, Joseph: „*Michel Rodange, Werke in Luxemburger Mundart*“, In: *Jubiläumsausgabe mit Biographie, Kommentar und Glossen. Im Auftrage des Rodangefestauschusses bearbeitet und herausgegeben von Joseph Tockert*. Ed. v. Linden & Hansen. Luxemburg 1927.

MANNES, Gast: „*Der Fuchs im Frack, Lose Gedanken zum Titelblatt des ‚Renert‘ von Michel Rodange*“, In: *Lycée Michel-Rodange, 1968-1993, 25^e Anniversaire, Luxembourg*, 1993.

HILGERT, Romain: *Méchel Rodange: Renert. De Fuuss am Frack an a Maansgréisst. Komplett Editioun mat historieschen a politeschen Explikatiounen vum Romain Hilgert*. Editions Guy Binsfeld. Lëtzebuerg 2020.

Bildmaterial: all Privatsammlung J.L. Schleich



DEM ROUDE LÉIW SÄI KAMP

Mir kennen de Roude Léiw als eist Wopendéier oder als kämpfereschen Ausruff am Fussballstadion *Roude Léiw, huel se!*

Hei zu Lëtzebuerg hunn déi meescht rout Léiwen eng Kroun op.

Hu se dann ënner där Kroun ee Kamp? Ech gouf dat virun enger Zäitche gefrot, a sinn där Saach op de Fong gaangen. Dat däitscht Wuert *Die Mähne* gëtt vum Lëtzebuenger Online Dictionnaire (lod.lu) als *De Kamp* iwwersat.

Bei den Déieren ass de Kamp vum Hunn, dee feierrou ass, bekannt. Ma och beim Päerd kann ee schéin Trëtzen an de Kamp maachen. Allgemeng kann een duerfir och soen, datt de Léiw ee Kamp huet, well *d'Löwenmähne* mécht aus där grousser Kaz de Kinnek vun den Déieren. Also jo, e Léiw huet e Kamp, awer anescht wéi e Päerd, an nach vill méi wéi en Hunn.

Dat Wuert Kamp kënnt sechsmol am *Renert* vir, fënnefmol am 12. Gesang an eemol am 13. Gesang. Hei geet et awer guer net ëm *d'Löwenmähne*, ma just ëm ee vun dräi Bijouen, déi de *Renert* dem Kinnek an der Kinnigin versprécht. An de Kamp hat d'Melusina schonn um Bock fir sech d'Hoer ze kämmen, respektiv fir se zesammenzehalen.

Et ass also am *Renert* just e wäertvollen Hoerkamp, an huet näischt mam Léiw senger Hoerpracht ze dinn.

Interessant ass, datt déi dräi Bijouen aus dem *Renert* sech och schonn am Goethe sengem Reineke Fuchs erëmfannen:

*„Das erste köstliche Kleinod / War ein Ring (...).
Ferner sollte Widder Belyn der Königin gleichfalls /
Kamm und Spiegel verehren.“*

(Goethe, X. 7-8, 50-51, vergl. mat R. Hilgert, Binsfeld 2020, S. 21).

Wann Dir lech also déi nächste Kéier mam Kamp d'Hoer kämmt, da kënnt Dir ruffen: *Roude Léiw, huel se!* Am beschten awer, ouni sech mam Noper an d'Hoer ze kréien.

*Jean-Luc Schleich
Éierebuengermeeschter*

D'BUCH IWWERT DE MICHEL RODANGE A SENG HEEMECHTSGEMENG

Fir den 190. Gebuertsdag vum Nannetsméchel hat d'Gemeng Waldbëlleg e Buch erausbruecht: *De Michel Rodange a seng Heemechtsgemeng Waldbëlleg*.

Vun de 750 Exemplairen goufen déi allermeescht verkaaft. Et sinn der nach e puer ze kréien!

D'Buch kascht 40 Euro. Déi kann een iwwerweisen op de Kont vun der Gemeng Waldbëlleg: CCPL LU31 1111 0112 2570 0000. Da kann een d'Buch op d'Gemeng siche goen.

Wat steet am Buch dran?

De Michel Rodange gëtt virgestallt mat sengem Liewen a Wierk.

Dat gëtt an de Kontext gesat vun der politescher Situatioun vu Lëtzebuerg am 19. Jorhonnert, déi ganz beweegt war an de Michel Rodange wéi wuel all Lëtzebuerger staark interesséiert a beonrouegt huet, virun allem, wéi den hollännesche Kinnek-Groussherzog wollt Lëtzebuerg un de franséische Keiser Napoleon den Drëttlen verschacheren. Eist Land hat et just dem Bismarck ze verdanken, datt et net definitiv franséisch gouf.

Am Buch si Reportagen dran iwwer d'Michel-Rodange-Feieren zu Waldbëlleg, vun 1926, vun 1951, vun 1977 a vun 2002.

D'Gemeng Waldbëlleg gëtt ausféierlech presentéiert, mat all den Uertschaften a ville Plazen aus der Gemeng.

Da ginn déi Texter ofgedréckt an ausféierlech kommentéiert, an deenen de Michel Rodange iwwer Waldbëlleg an de Mëllerdall geschriwwen huet. Am *Renert* kommen d'Dierfer aus der Gemeng an eng Partie Plaze vir, d'Hiergerbuerg, den Haarthaff, de Jomerdall ...

Den Albert Rodange gëtt virgestallt, de Fils vum Michel Rodange, deen als Chefingenieur vun der Stad Lëtzebuerg d'Pläng fir déi Nei Bréck an der Stad gezechent hat.

D'Buch vun 310 Säiten ass publizéiert an enger Série limitée vu 750 Exemplairen, mat engem haarden Deckel a Jacquette. D'Texter sinn op Lëtzebuergesch an op Däitsch.

Marc Barthelemy

Foto: Pierre Haas



FOX-TRAILS, -TALES & TROTS

*I am
the
fox
of the tale,
don't have to
give any other
name,*

De Pierre Joris ass hei zu Lëtzebuerg opgewuess, an der Stad an zu Ettelbréck. En huet Literatur zu New York studéiert an dono op Universitëiten dozéiert, an Algerien an an den USA, zanter 1992 op der State University of New York zu Binghamton.

De Pierre Joris fuerscht a schreift iwver Lyrik an ass och selwer Auteur vu Gedichter. En hält Virtrëg a gëtt Anthologien eraus an Editiounen mat Lyrikbicher ewéi z. B. *Poets for the Millennium*. Hien iwversetzt literaresch Wierker; an de 1970er-Joren huet e bekannte Bicher aus



der Beat-Generation, z. B. vum Jack Kerouac oder dem Carl Solomon, an d'Franséisch iwverdroen. Hie mécht och mat bei Performancë vun Jazz & Poetry, z. B. um Jack Kerouac Institute am Colorado. Als Iwwersetzer op Englesch huet hien sech en Numm gemaach z. B. vum Kurt Schwitters a virun allem vum Paul Celan. Hie krut den 23. März 2021 den PEN/Manheim Award for Translation, e prestigiéise Präis, dee säi Gesamt-Traductionswierk honoréiert. D'Jury huet an der Begrënnung festgehal, datt de Pierre Joris „has long been and remains essential in mapping currents and countercurrents of global modernity.“

Zu Lëtzebuerg ass de Pierre Joris sporadesch present bliwwen. Mam Jean Portante huet hien 1987 en internationale Poesiefestival zu Lëtzebuerg organiséiert. Gedichter vun him sinn a verschiddene Lyrikbänn ewéi *Anthologie luxembourgeoise* (1999) erauskomm. 2015 hat de Pierre Joris d'Autorenresidenz vum TNL a säi Stéck *The Agony of I. B. [= Ingeborg Bachmann]* gouf dat Joer drop opgefouert. 2020 krut hien de Batty-Weber-Präis fir säi Gesamtwierk a gouf domat dem Lëtzebuenger Public méi bekannt.

An dem lëtzebuergeschen Editiounshaus fir englesch Literatur *Black Fountain Press* koum elo e Sammelband eraus, *Fox-trails, -tales & trots* (2020). Doranner – an dat ass fir d'Waldbëlleger speziell interessant – referéiert de Pierre Joris sech op dem Michel Rodange säi Renert, fir op seng eege Relatioun mat dem Land vu senger Kandheet a senger Mammesprooch anzegoen:

„Once upon a time I was very young and lived in Lëtzebuerg and knew all the people who lived in Lëtzebuerg were Lëtzebuenger. At least all those who said moien. [...] To say moien in Lëtzebuergesch like a Lëtzebuenger is in fact very difficult. I know this because my brother-in-law who has lived in Lëtzebuerg three times as long as I have, and who took classes to learn Lëtzebuergesch beyond the word moien, still pronounces this word with a little accent that will make even a long-gone Lëtzebuenger like yourself notice that he must originally be from Belgium ...“

De Pierre Joris geet op déi laang Traditioun a vun de Geschichten iwver de Fuuss „the multifarious, not to say nefarious, deeds of the fox can be traced through the

Indo-European cultural heritage as far back as the Indian Panchatantra.", an op seng eegen éischt Erfahrung: „[...] it was on my grandmother's lap, when I was 4 or 5, that I first heard how Renert had to go to court for mistreating and conning the animals."

Hei gi mer dann och endlech gewuer, 150 Joer méi spéit, wéi déi richteg Geschicht war, an där de Renert dem Wollef senger Madamm „Schimmt ugedoen“ hat. Et ass eng laang Geschicht, déi net hei soll verzielt ginn, mee och do konnt de Renert sech erausraden. Wéi de Fuuss d'Madamm an eng enk Fielsspléck gelackelt hat, si do feststouch an de Fuuss hannert hier steet „using force“, du kënnt onverhofft de Wollef an eise Renert ass natierlech net verleeën:

*„Do save your breath
dearest uncle you'll need it all to
help your wife can't you see she's
stuck in a trap?
I've done my best to free her
but as you see my strength is
spent one thing though I can
promise you I never did as much
as pinch her ass & if you want
that in writing I'll oblige you it might
convince some of your friends“*

De Pierre Joris zielt iwwer Lëtzebuerg an doriwwer wéi e fortgaangen ass. Hien huet déi net schéin antisemitesch Attitude materlieft, déi hei am Land och nom Zweete Weltkrich net fort war: „this was a public anti-Semitic event and no one spoke up“. Mee en huet awer och matkritt, wéi erfreelech sech d'Zäite geännert hunn. En erzielt, wéi hien zu Dikrech engem Grupp vu jonke schwaarze Bouwen nogekuckt huet, déi sech ferm zermault hunn: „What did amaze me was not that all this happened in Lëtzebuergesch, but that they used the dialect and all the intonations that mark a speaker as born here, in the small town of Diekirch. That's when I knew there was still hope for the country, and that there would always be real Lëtzeburger.“

Marc Barthelemy

Fotoen: Black Fountain Press

Quellen:

<https://pen.org/press-release>

www.blackfountain.lu

www.autorenlexikon.lu

<https://en.wikipedia.org>

Pierre Joris.

Fox-trails, -tales & trots.

Black Fountain Press. 06/2020.

ISBN 978-99959-998-5-8

Online-Shop op www.blackfountain.lu



50 JOER LYCÉE MICHEL RODANGE



Fir säi 50. Gebuertsdag huet de Lycée Michel Rodange (LMRL), deen no eisem Nationaldichter benannt ass an hien ëmmer an Éieren hält, e Buch erausbruecht. Et geet do haaptsächlech iwwer déi lescht 25 Joer, well jo scho fir de 25. Gebuertsdag esou e Wierk erauskoum.

Et gesäit een déi weesentlech schoulesch Momenter, d'Feieren, d'Projeten a vill Proffen a Schüler, déi an dem Lycée waren a sinn.

Mee et ass awer och en décke Michel-Rodange-Moment dran. De Mars Klein, bekannte Kabarettist a Schrëftsteller schreift iwwer *Dem Renert seng Filosofi* a kommentéiert zwee manner bekannte Gedichter vun him, *Dem Bauer säi Schaz* an e *Luef op d'Bunn*.



JONKE FIISSCHEN, WANN S DU DEM RODANGE SÄI SCHATZ WËLLS FANNEN ...

Grad esou interessant ass eng aner Publikatioun aus deem Lycée, déi fir déi 20 Joer erauskoum.

Et ass e Comic vum Antoine Grimet, genannt Tunn, Absolvent vum LMR. Et gëtt do eng flott a geheimnisvoll Geschicht erzielt aus där Schoul, ob der Basis vun enger Schülerzeitung „De Wollef“, déi vun 1994 bis 1996 am LMRL funktionéiert huet, an déi also real existéiert huet. An och verschidde Raimlechkeeten am Comic sinn der Realitéit geméiss duergestallt.

„D'Geschicht par contre ass fräi erfionnt, mengen ech emol. An eventuell Ähnlechkeeten a Bild oder Text mat Persounen aus eiser Schoul sinn net beabsichtegt.“ Dat schreift den Direkter Claude Hemmer a sengem Virwuert.

Eng spannend Geschicht ënner dem Zeeche vun enger Fuussemask! Awer keng Angscht, alles geet gutt aus an et fält kee Schiet op déi sympathesch Schoul.

*D'Geheimnis vum verschwonnene Sall.
Tunn. Éditions Michel Rodange*

FORTIFICATIONS

Och en anere Comic ass et derwäert, gekuckt a gelies ze ginn, och wann do kaum en direkte Lien zu eiser Gemeng besteet. En ass erauskomm fir de 25. Gebuertsdag vu Lëtzebuerg Patrimoine mondial de l'Unesco.

Net manner ewéi sechs Zeechnerinnen an Zeechner hunn sech ofgewiesselt, fir d'Geschicht vum Bockfiels ze erzielen. Derbäi ass den op der Säit virdru genannten Antoine Grimée, mee och d'Sabrina Kaufmann, déi Dir schonns op de Säite vum FUUSS begéint hutt, a weider Marc Angel, Marion Dengler, Andy Genen a Pascale Velleine.

Et si verschidde Geschichte virun engem historesche Background, déi vun den dräi Zeenaristen Lucien Czuga, John Rech, Jean-Louis Schlessler ëmgesat ginn, mat der Hëllef vun der Historikerin Marie-Paule Jungblut.


Eng Geschicht féiert an d'17. Joerhonnert, eng Zäit, an där Adel, Klerus a Bourgeoisie sech d'Muecht gedeelt hunn an hir Vetrieder am Stadhaus um Neie Maart souzen a gesuert hunn, datt se hir Privilegie konnte behalen an ausbauen. D'Mumm Séiss aus enger Transgender-Perspektiv ass den interessante Usaz fir eng zweet Geschicht.

Do geet et ëm déi belsch Revolutioun vun 1830 bis 1839, wou déi preisesch Garnisoun an der Stad et dem Kinnek-Groussherzog Wëllem I. erlaabt huet, säi reaktionäre Regime ze retten, hei an dem ëstlechen Deel vun de belsche Provënzen, deen dunn dat heitegt Lëtzebuerg sollt ginn.

Zwou Kriminalgeschichten dréien ëm eng Visitt am Palais mam Kapitän Charles d'Ye, dee wierklech existéiert huet, a mat Humor ëm d'Geheimnis vun de verschwonnene Statuen.

Déi sozialkritesch Erzielung Kleines Schicksal vum Joseph Funck (1902-1978) ass d'Virlag fir d'Geschicht vum Jacko. Et geet ëm en aarmen Däiwel aus dem Gronn, deen déi onappetitlech Aarbecht als Knollereifer mécht, deen also Muppen hir Kéipercher opreeft an se un d'Gierwerei verkeeft. De Jacko ass mat sengem *Quinn* ënnerwee. Jo, och wann et net de Pafendall ass, da gétt iever vill Jéinesch geschwat. An do ass de Lien mat eiser Gemeng, wou et och eng Plaz gouf, wou Gierwer an Ofdecker gewinnt hunn, a wou och Jéinesch geschwat ginn ass, um Freckeisen.

Déi zwee Comicke kritt een an de Librairien ze kafen.



*FortificAtions.
Sechs Geschichten iwwer
eng Stad ewéi keng aner.
D'Frënn vun der 9. Konscht.*



D'HOUGERIICHT OP DER FIELSSER STROOSS

Op der Strooss téscht Chrëschtnech an der Fiels, nach an der Gemeng Waldbëlleg, steet e Monument, dat un d'Hougeriicht erënnert, wou fréier de Gaalge vun der Herrschaft Fiels stoung. D'Hougeriicht selwer ass duergestallt mat Fielsbléck, déi openee leien.

Haut ass op där Plaz e Parking laanscht d'Strooss, bei där (bal) all Joer d'Buerg gebrannt gëtt op Buergsonndeg. Do steet eng metalle Skulptur, déi am Kader vum *Projekt LandMarken* sougenannte *Standpunkte* geschafe gouf. Dëse Projet informéiert iwver exemplaresch ausgewielte Plazen, an Theemen, déi kulturhistoresch besonnesch interessant sinn.



Vun hei aus huet een eng schéi Vue iwver d'Land. No Westen hi gesäit een op en hallwe Kilometer de Kitzebuer; dee läit an der Gemeng Ärenzdall an der Region Norden. E bësse méi wäit läit de Schierfenhaff an der Gemeng Hiefenech an, no riets, de Leidebaacher Haff an der Gemeng Fiels, béides an der Region Zentrum.

Hei ass en Auszuch aus dem Schoulheft vun der Madamm Laure Penning, der Schwéiermamm vun der Mme Jacqueline Penning vu Waldbëlleg, déi eis dat Heft geléint huet.



D'Laure Penning-Wirolle (1914-1997) war Léierin zu Waldbëlleg vun 1935 bis 1965, an dono hat si d'siwent, d'aacht an d'néngt Schouljoer an der Fiels bis zu hirer Pensioun 1974. Si war eng energiesch a kultivéiert Persoun; net nëmme hat si oft nom Krich 40 Kanner


a siwe Schouljore beieneen am Kllassesall, mee si huet och gemoolt, geheekelt an am Gaart geschafft. An de 40 Joer, déi si geschafft huet, huet si ni gefeelt.

Die letzte Hinrichtung auf dem Hochgericht

Auf dem Hochgericht lag noch 1810 ein Balken von dem ehemals hier bestanden Galgen. Die 2 Letztgehängten, die in der Volkserinnerung fortleben, waren ein Student aus der Umgegend, welcher Kirchendiebstahl begangen hatte, und ein Strohecker genannt, „Mathes von Medernach“.

Dieser war, im letzten Jahr vor Ankunft der Franzosen von den Hochgerichtsherren zum Tode verurteilt, obwohl er nur 100 Reichstaler gestohlen, seinen Diebstahl eingestanden und bis auf 6 Taler zurückerstattet hatte.

Wie Augenzeugen erzählten, war er weiß gekleidet und mit scharzen Flore behangen auf einem mit 4 weißen Ochsen bespannten Heuwagen nach der Richtstätte gebracht. Ihm saß zur Seite Herr Gottlieb, Pastor von Bettendorf, welcher ihn unter Lauten Zurufungen zum Tode vorbereitete und bei der Exekution eine Anrede hielt an die herbeiströmenden Zuschauer.



Et war de 7. August 1793, wéi de Mathias Zimmer aus Miedernach um Hougeriicht gehaange gouf. Hien hat bei engem räiche Bauer zu Miedernach e puer Goldstécker geklaut. En huet se hannescht ginn, mee dat huet viru Geriicht net gezielt.

*Dee klengen Déif hänkt een,
de grouse léisst ee lafen*

Isabelle Oberlé, Marc Barthelemy

Literatur:

Dies Irae, Theaterstück von Michel Grevis.

Robert Medernach, Marco Lorenzini. Es gibt viele Mathes von Medernach in Luxemburg und in der Welt / Robert Medernach In: ZLV. - n 13 (2001, 19. Januar), S. 10

Seil, Gabrielle. Opfer wider Willen: Mathes von Medernach / Gabrielle Seil In: Revue. - n 2 (2001, 10. Januar), S. 50-53

Marcel Ewers. Kennt Dir Är Gemeng? Buet 3/2002

Johann Engling. De Mathes vu Miedernach. Oder: Die letzte Hinrichtung mit dem Strang zur Zeit des Feudalrechts. 1883. Éditions Emile Borschette 1994

*Fotoen: Isabelle Oberlé,
Pierre Haas, Gemeng Waldbëlleg*



LIEWEN AN DER GEMENG // VIE RURALE

DE CONOURS



Houfreg Gewënnerin vun eisem Concours ass dës Kéier **d'Madamm Nicole Bintener vu Chrëschtnech**. Hei op der Foto kritt si virun der Gemeng vun der Isabelle Oberlé a vum Marc Barthelemy aus dem Redaktiounscomité e kleng Praïs iwwerrecht.

Si wouss déi richteg Äntwerten: *Margréitchen a Bettseechesch (Pissblumm)*.

Margréitchen, Gänseblümchen, pâquerette, daisy, Bellis perennis,

D'Margréitchen wiisst iwwerall an Europa an ass eng vun den heefegste Blummen an eise Wisen. Et ass eng wäiss Blumm, heiansdo rosa, déi an der Mëtt e giele Knapp huet a bis an den August blitt. Si ass beléift bei de Beien, de Bommeler an de Mécken.

Zanter éiweg gött d'Margréitchen als Heelplanz genotzt. Se soll hëllefen, och wann dat net wëssenschaftlech bewisen ass, géint Hautproblemer, Houscht, Regelbluddungen, Schwindel a schlechte Schlof.

De Michel Lentz huet 1883 e schéint a bekannt Gedicht iwwer d'Margréitche geschriwwen, dat vum Laurent Ménager vertount gouf.



D'Margréitchen

't ass Fréijoer an d'Vullen, déi sinn rëm erwaacht,
an d'Margréitchen huet sech eraus och gemaacht;
si huet d'wäiss Kollrettchen rëm frësch ugedon,
soubal si de Poufank gehéiert huet schlön;
soubal si de Poufank gehéiert huet schlön.

A gréng ginn och d'Wise laanscht d'Weeën an d'Pied,
d'Vioule verstoppe sech heemlech am Schiet;
D'Beem kréien nei Blieder, den Nuechtegall schléit,
De Wand séngt duerch d'Bëscher, wou d'Meeréische
bléit;
De Wand séngt duerch d'Bëscher, wou d'Meeréische
bléit.

An d'Sonn déi rífft d'Blumme schnéiwäiss, rout a blo,
Wéi Stieren um Himmel, sou vill sinn der do;
Si rëschten a botze mat Faarwen sech räich,
A blénken a blétzen duerch Heck a Gesträich:
A blénken a blétzen duerch Heck a Gesträich.

Dach vun all de Blummen am Gaart an um Feld
Ass d'Margréitchen déi, déi mir am beschte gefält.
Et si wuel méi prächtig, méi schéi wuel déi meescht
Mä ech hunn eng Freiesch, déi Margréitchen heescht;
Mä ech hunn eng Freiesch, déi Margréitchen heescht.



Bettseechesch, Löwenzahn, pissenlit, dandelion Taraxacum

D'Bettseechesch gëtt och Pissblumm genannt. Et ass eis
wuel heefegste Blumm an de Wisen, a fierft dacks ganz
Wise giel, an dono wäiss mat de Käppercher aus dem
Som, de Blosblummen. Si ass bei de Beien immens beléift;
dofir gëtt et Hunneg aus Bettseechesch, deen e kräftege
Goût huet. Och e Sirup gëtt doraus gemaach. Bei eis am
beléifsten ass Bettseecheschalot, gäre mat gebrodenem
Speck.

Aus de Wuerzele gouf am Krich de berüümt-berüchtegte
Chicorée-Kaffi gemaach. Deemools gouf an Däitschland
doraus och en Ersatz fir Gummi hirgestallt.

Déi laténgesch Bezeichnung Taraxacum kënnt aus
dem Arabeschen an heescht genee dat selwecht ewéi
de lëtzebuergeschen oder de franséische Numm, deen
d'Wierkung vun der Planz beschreift. Et ass éiweg bekannt
an och wëssenschaftlech beluecht, datt Bettseechesch
diuretesch ass, mee och Laxativ, datt se d'Blutt rengen
an d'Wuesstem vun Tumeure bremse kann.

Deen Numm schéint awer manner ewéi d'Margréitchen
dofir gedéngt ze hunn, fir Poeten an hirer literarescher
Kreativitéit unzestiwelen ...

Marc Barthelemy

Fotoe vun de Blummen: Push Steffen

Foto vun der Laureatin: Pit Beckené



OLGA GOEDERT, HOBBYBEIEFRA ZU CHRÛSHTNECH

Wéi bass de zu dengem Hobby komm?

Mäi Papp hat scho Beien, an als Kanner hu mer him gehollef, den Hunneg ze schleideren.

Wéini hues de mam Beienhalen ugefaangen?

2010 hunn ech am Wanter mat menger Schwëster d'Theorie, an am Summer beim Wëlzer Beieveräin dee prakteschen Deel gemaach. Dunn hunn ech mat engem Vollek ugefaangen.

Wat gefält der un dësem Handwierk?

Et ass interessant, mat de Beien ze schaffen, well et sou villsäiteg ass; ze gesi wéi alles zesummenhängt; am



Vollek an an der Natur. Doduerch versteet een och méi iwver aner Déieren, z.B. d'Bommelen an d'Wëllbeien.

Wéi vill Beiestäck hues de a wou stinn deng Beiekëschten?

Lo hunn ech der 8 a si sti bei mir doheem ënner den Uebstbeem.

Wat sinn di aldeeglech Aarbechten? Wéi vill Stonne pro Woch schaffts du mat de Beien? Sinn d'Material an den Equipment opwänneg oder deier?

Et huet een net all Dag Aarbechten; ech kucken am Moment eemol d'Woch ob net zevill Varroamilben do sinn.

Am Fréijoer kuckt een ob d'Beien de Wanter gutt iwverstaan hun an ob se nach Fudder hunn; spéider kuckt een ob se schwärme wëllen. Wann d'Vëlker grouss ginn, a vill Blummen dobausse sinn, mécht een den Hunnegraum op. Spéider gëtt geschleider.

Fir unzufänke brauch ee Beiekëschten mat Rimmercher a Mëttelwänn (gepresste Placken aus Wues, fir datt d'Beien do kënnen weiderbauen), eng Schleider, e Beiekostüm, en Dämpfert (Smoker), e Stackmeessel, eng Biischt fir eventuell d'Beie vun der Rimmchen erofzekrazen. Am deiersten ass d'Schleider.



Op wat muss een oppassen, datt d'Beievollek gesond bleift?

Et muss ee kucken, datt se all Zäit genuch Fudder hunn. Soss gëtt een hinnen Hunnegwaben, déi een nach iwwereg huet oder et fiddert een eventuell mat Zockerwaasser no. D'ganzt Joer iwwer muss een d'Varroamilb kontrolléieren, datt se net iwwerhand hält.

Gëss de oft gepickt?

Nee, well ech hu mäi Kostüm un, an ech hu roueg Beievëlker.

Och wann ee selwer keng Beien hält, wéi kann ee säi Gaart beiefreundlech man?

Mat Blummen an all Saison, vum Fréijoer bis an den Hierscht, z.B. mat enger Blummewiss, oder



einheimischen Hecken, di schéi bléien (Mullebutz, also Weissdorn), mat Uebstbeem a Beemzorten wéi e Käschtbam oder eng Lann; a wannechgelift ni Gëft sprëtzen.

Wéi eng aner Produite méchs de ausser Hunneg?

Wandlichter, Kärzen aus mengem Wuess, Wuessdicher.

Tauschs de dech mat anere Beienziichter aus?

Ech hu vill Frënn, di Beien hunn, a mir hëllef en dem aneren. Et gëtt och ee Beieberoder am Land.

Well ech an engem Beieveräi sinn, kréien ech d'Beienzeitung. Do si ganz flott Artikelen dran, z.B. wat ee wéini mat de Beie mécht, Beieberodung an Datumer vu Versammlungen a Coursen.

Gëtt et eng Homepage vun de Lëtzebuenger Beienziichter?

Jo, dat ass www.apis.lu

Zu Chrëschtnech an an der Gemeng Waldbëlleg ginn et nach Beienziichter, zum Beispill de Nico Engling, de Gilles Bormann, d'Claire Larry zu Haler ...

Isabelle Oberlé

*Fotoen: Camille Goedert,
Susanne Hangarter*



PROJET AKERBLUMM

D'Catalina Baden ass 38 Joer al a vu Beruff Léierin am Fundamental zu Aangelsbiereg. 2009 huet d'Catalina eng Formatioun fir Agrarpädagogik gemaach, mat där si op hirem Haff d'Méiglechkeet hat, eng *Ferme pédagogique* opzemaachen.

Duerno huet d'Catalina ugefaangen, Aktivitéiten mat Kanner ze organiséieren, esou z. B. e Moien ronderëm den Iesel, e Kürbis-Nomëtteg a Gebuertsdeeg um Bauerenhaff.

2018 huet d'Catalina mat hirem Mann Peter den Haff *Am Aker* iwwerholl. D'Catalina huet och eng Formatioun iwwer *Lernen mit Pferden* fir Kanner mat Léierschwieregkeete gemaach.

D'Maison relais vu Waldbëlleg kënnt säit 2018 an den Vakanz op den Haff fir verschidde Vakanzaktivitéiten.

Säit Februar 2019 kënnt d'CPO-Klass aus dem Centre pour le développement intellectuel vun lechternach all zweete Mëttwochmoien op den Bauerenhaff fir ze schaffen.

D'Ashley, d'Lara, de Patrick an de Mathieu këmmere sech ëm d'Fiddere vun de klengen Déieren (Geessen, Kanéngercher an Hénger) a paken och soss bei verschiddene Saachen eng Hand mat un.

Säit September 2021 ass all Schüler fir een Deier verantwortlech a léiert mat Hëllef vu Pictogrammen, dëst Deier selbststänneg ze fidderen.

Fir d'Rentrée 2021 kënnt d'CPO-Klass all Freidegmoien op den Haff fir ze schaffen. D'Schüler sollen dann och léieren, wéi déi verschidden Déieren gemëscht ginn.

D'Schüler aus der CPO-Klass hunn an hirem kreativen Atelier an der Schoul verschidde Saache gebastelt. Dës Saache kënnt Dir am Haffbuttek *Kleng Buttik Am Aker* kafen. Hei fannt Dir ënner anerem frësch Mëlch, Eeër, Gebeess a Gromperen.

Um Haff *Am Aker* probéiert d'Catalina duerch dës verschidde Projeten, de Kanner a Jugendlechen d'Déieren, d'Natur an d'Liewen um Bauerenhaff erëm méi nozebréngen.


Corinne Meyers





KALATOU ASBL

Am FUUSS vum Januar 2021 konnt Dir liesen, wéi d'Madamm Thérèse Bagnah aus dem Togo, déi elo zu Waldbëlleg wunnt, eng Asbl mam Numm „Kalatou“ gegrënnt huet, fir Drénkwaasser un d'Schoul zu Dapaong an hirem Heemechtsland ze bréngen. An den éischte Méint vun dësem Joer sinn da Flyeren ausgedeelt ginn, fir d'Leit an eiser Gemeng iwwer Kalatou z'informéieren, an an engems Donen ze froen, sief et Suen oder och Schoulbedarf a Kannerkleedung.



Am Abrëll 2021 ass d'Madamm Bagnah an den Togo geflunn, fir déi éischt Liwwerung vu Schoulsaachen a Gezei, déi d'Leit aus der Gemeng Waldbëlleg gespent haten, op Dapaong ze begleeden. Bei där Geleeënheet huet si och eng Associatioun vun togoleeschem Recht gegrënnt, fir Suen op déi sécherst Manéier vu Lëtzebuerg an den Togo ze iwwerweisen.

Wéi d'Madamm Bagnah op Lëtzebuerg erëm koom, huet si déi traureg Nouvelle kritt, datt d'Lony Michels, d'Caissière vun der Asbl Kalatou, ganz onerwaart u Covid gestuerwen ass.

De Comité vu Kalatou seet der Famill Michels-Tholl vun déifstem Häerze Merci, datt si an der Doudesannonce un hir Associatioun geduecht hunn. Op dës Annonce hin, hu vill Leit en Don fir Kalatou gemach, wat d'Zil, e Pëtz fir d'Schoul zu Dapaong ze bueren, wesentlech méi no bréngt.

Hei bäi gesidd Dir Fotoe vun de Schoulkanner zu Dapaong, vun de Saachen, déi dohannen ukomm sinn, a vun der Madamm Bagnah mam regionale Schoulinspekter.

De Mercibréif, deen de Schoulinspekter u Kalatou geschriwwen huet, wou déi eenzel Donen opgelëscht sinn, kënnt Dir op dëser Säit och agesinn.

An nächster Zäit kënnt eng zweet Liwwerung un. Mir halen lech um Lafenden, soubal mir weider Noriichten hunn.

Am Comité vu Kalatou sinn elo:

Bagnah Thérèse (Presidentin), Wickens Henry (Sekretär), Stevens Elli (Caissière) a Baden-Lobitz Danielle.





KLIMAPAKT // PACTE CLIMA

NEI BESETZUNG VUM COMITÉ BEIM ORT REGIOUN MËLLERDALL



Foto: Pierre Haas

E Mëttwoch, de 7. Juli hat den Tourissemverband vun der Regioun Mëllerdall – Kleng Lëtzebuerger Schwäiz op seng Assemblée générale geruff.

De President Christophe Origer huet d'Begréissung iwwerholl, d'Geschäftsféierin Linda Salentin duerch d'Reunioun gefouert. Theemen op der Lee waren d'Projekter, déi amgaang sinn, mee awer och eng Ännerung vun de Statuten, déi den 1. Juli a Kraaft getrueden ass.

Mat där Ännerung konnten nei Memberen an de Comité de gérance kommen. Dräi Poste gouf et do: Ee fir nach eng Gemeng, ee fir e Syndicat an ee fir eng Associatioun. Déi dräi Poste si besat gi mat der Françoise Hetto-Gaasch

fir d'Gemeng Jonglënster, dem Pit Friederes fir de Syndicat d'initiative Ärendall an dem Maxime Bender fir den lechternacher Trifolion.

Als Observateur koum den Natur- & Geopark Mëllerdall an de Comité derbäi. Aner Observateure sinn den Tourissemministère, de Kulturministère a Luxembourg for Tourism.

De Fernand Schmit vun der RIM a.s.b.l. gouf fir seng laangjäreg Aarbecht als Trésorier geéiert. Dee Poste gëtt vum Serge Pommerell vun de Lëtzebuerger Jugendherbergen iwwerholl. Zweete Vizepresident ass elo de Robi Baden vum Syndicat d'initiative vu Waldbëlleg.



KLIMAPAKT UM FACEBOOK

De Klimapakt ass elo mat enger eegener Facebook-Säit vertrueden: www.facebook.com/pacteclimat

Op der Facebook-Säit fannt Dir allgemeng Informatiounen iwwer de Programm, flott Videoen an nach viles méi.

TOUR DU DUERF 2021

vum 10. bis den 30. September

Och dëst Joer huet sech d'Gemeng Waldbëlleg fir den TOUR du DUERF 2021 ugemellt. An och dëst Joer gëllt: Et ka jiddereen sech umellen, deen an der Gemeng wunnt oder schafft oder hei an d'Schoul geet oder an engem Veräin ass!

De 10. September ass et lassgaangen, mee et ass nach Zäit! Hei ass de Link fir méi Informatiounen:
www.tourduduerf.lu

Do kënn Dir lech umellen, mat aneren en Team forméieren, an do schreift Dir och déi gefuere Kilometer an.

TOUS À BICYCLETTE

du 10 au 30 septembre 2021

Pour la sixième année consécutive, la campagne TOUR du DUERF est organisée à partir du 10 septembre 2021 par le Klima-Bündnis Lëtzebuerg et le Verkéiersverbond.



**Waldbillig
ist dabei / participe !**
10.9. - 30.9.2021

L'objectif déclaré de la campagne est de sensibiliser les citoyens à l'utilisation quotidienne du vélo et de lui conférer un rôle plus important. En trois semaines, il s'agit de collecter autant de kilomètres parcourus à vélo que possible, que ce soit pendant les heures de travail ou de loisir, en équipe ou individuellement.

Chaque participant encode via Internet www.tourduduerf.lu ses kilomètres parcourus.

Lade dir die STADTRADELN-App herunter, tracke deine Strecken und hilf die Radinfrastruktur vor deiner Haustür zu verbessern!

Weitere Infos unter stadtradeln.de/app

Worum geht's?
Trete 21 Tage für mehr Radförderung, Klimaschutz und lebenswerte Kommunen in die Pedale! Sammle Kilometer für dein Team und deine Kommune! Egal ob beruflich oder privat – Hauptsache CO2-frei unterwegs! Mitmachen lohnt sich, denn attraktive Preise und Auszeichnungen winken.

Wie kann ich mitmachen?
Registrierte dich auf tourduduerf.lu für deine Kommune, trete dann einem Team bei oder gründe dein eigenes. Danach losradeln und die Radkilometer einfach online eintragen oder per STADTRADELN-App tracken.

Wer kann teilnehmen?
Kommunalpolitiker*innen und Bürger*innen der teilnehmenden Kommune sowie alle Personen, die dort arbeiten, einem Verein angehören oder die Schule besuchen.

Wann wird geradelt?
Die Gemeinde Waldbillig nimmt vom 10. bis 30. September 2021 an der TOUR du DUERF teil.

Wo melde ich mich an? Wer liegt vorn?
Alle Infos zur Registrierung, den Ergebnissen und vieles mehr auf unserer Website und Social Media.

tourduduerf.lu

TOUR DU DUERF
Responsible for many Germany

De quoi s'agit-il?
Prenez le vélo pendant 21 jours et soutenez ainsi la mobilité douce et la qualité de vie dans votre commune. Collectonnez des kilomètres à bicyclette pour votre équipe et votre municipalité. N'importe que vous soyez en route pour des raisons professionnelles ou privées – l'important est de protéger le climat en évitant les émissions de CO₂ !

Comment participer?
Enregistrez-vous sur www.tourduduerf.lu et prenez le vélo le plus souvent possible entre le 10 septembre et le 30 septembre. Introduisez les km parcourus sur tourduduerf.lu ou par l'application TdD/Stadtradeln (en allemand et anglais).

Qui peut participer?

- Les membres du conseil communal et des commissions consultatives.
- Toutes les personnes qui habitent la commune, y travaillent/vont à l'école ou y sont engagées dans un club/lune association.

Quand est-ce que ça se passe?
Du 10 septembre au 30 septembre!

Où trouver plus d'infos?
Tout sur l'enregistrement des équipes et participants, les règles du jeu et beaucoup plus est disponible sur www.tourduduerf.lu/org

TOUR DU DUERF
Responsible for many Germany

tourduduerf.lu

Eine Kampagne des Klima-Bündnisses
Europäische Kommunen in Partnerschaft mit indigenen Völkern – für lokale Antworten auf den globalen Klimawandel
klimabuendnis.org

Kontakt in Waldbillig
Dipl. Ing. Filipe SOARES
Commune de Waldbillig
Service des bâtisses
1, rue André Hentges
L-7680 Waldbillig

T. 837287-27 F. 837789
E. battisses@waldbillig.lu
W. tourduduerf.lu/waldbillig

Mit freundlicher Unterstützung in Waldbillig

Beweeg dech -Woch

Bewegungskommissioun
Gemeng Waldbëlleg
Zesumme beweegen a Spaass hunn

BEWEEG DECH – WOCH VUM 7. BIS DEN 13. JUNI 2021

Mir als Bewegungskommissioun vun der Gemeng Waldbëlleg soen all de Leit Merci, déi aktiv waren an dëser Woch.

Mir haten all Dag eng Propos gemaach fir mam Vëlo ze fueren oder zu Fouss ze goen, duerch eis Gemeng oder doriwwer eraus.

Leider konnte mir op Grond vun den Ëmstänn d'Tier net a Gruppen organiséieren oder begleeden. Dëst hate mir mat eisem Up-Date-Flyer matgedeelt, deen zesumme mam FUUSS 2021-2 verdeelt gouf. Mir entschëllegen eis op dëser Platz bei all de Leit, déi dës Message net sou verstanen hunn oder de Message guer net krit haten.



Fotoen: Ulrike Sauer an Olga Goedert



Foto: Chantal Albert



E ganz besonnesche Merci geet un déi, déi hir Fotoen erageschéckt hunn. Déi sinn dann och mat leckere regionale Produkter vum Touristcenter Heringer Millen belount ginn.

Mir hoffen, datt mir eis d'nächst Joer erëm kënnen zesummen mat lech beweegen a Spaass hunn.

Bewegungskommissioun vun der
Gemeng Waldbëlleg



Kulinaresch Highlights

Sorten Drive-In

Pléck-Aktioun

Aktivitéiten

Genoss fir déi ganz Famill

Traditiounsfester

Méi Infos op
 & www.naturpark-mellerdall.lu

FRÄIEN ENTRÉE

Oktober:
 Mount vum Bongert

NATUR- & GEOPARK MËLLERDALL
 8, rue de l'Auberge • L-6315 Beaufort • Tel.: +352 / 26 87 82 91-1 • E-mail: info@naturpark-mellerdall.lu
www.naturpark-mellerdall.lu [naturparkmellerdall](https://www.facebook.com/naturparkmellerdall) [naturpark.lu](https://www.instagram.com/naturpark.lu) [Naturparke Luxemburg](https://www.youtube.com/NaturparkeLuxemburg)

De Natur- & Geopark Mëllerdall streeft eng Memberschaft am internationalen Netzwierk vun den UNESCO Global Geoparks un.

MOUNT VUM BONGERT

Streuobstwiesen, im Luxemburgischen auch „Bongerten“ genannt, sind ein wesentlicher Bestandteil der Region des Natur- & Geopark Mëllerdall. Sie prägen die Kulturlandschaft und sind gleichzeitig ein wichtiger Lebensraum für verschiedene Pflanzen- und Tierarten.

Aber nicht nur Flora und Fauna wissen die Bongerten zu schätzen, auch der Mensch kann einen Nutzen aus einer Streuobstwiese ziehen. Immer mehr Menschen interessieren sich wieder für dieses Thema. Die Bongerten liefern uns die Hauptzutaten für eine Vielzahl an leckeren Produkten wie Marmelade, Obstsaft, Apfelwein, Apfelessig, Cider usw. die man in der Region vorfindet.

Der Natur- & Geopark Mëllerdall setzt sich für den Erhalt und die Neupflanzung dieses artenreichen Biotops ein und möchte den Monat Oktober dafür nutzen, um den Lebensraum „Bongert“ so richtig zu feiern.

Während des „Mount vum Bongert“ werden einzelne Aktivitäten für Groß und Klein rund um das Thema Streuobstwiesen angeboten. Wir informieren Sie auch über traditionelle Feste, wie „Vizfest“ oder „Quetschefest“, welche in diesem Zeitraum in der Region stattfinden werden. Zudem erwarten Sie kulinarische Streuobst-Highlights in einzelnen Restaurants. Die Aktivitäten, welche vom Natur- & Geopark Mëllerdall organisiert und angeboten werden, werden an die aktuellen Regelungen und Hygienemaßnahmen angepasst.

Die geplanten Aktivitäten sowie weitere Informationen werden auf der Website www.naturpark-mellerdall.lu veröffentlicht.



Die Apfelernte in den Streuobstwiesen findet im Herbst zum größten Teil per Hand statt und ist deshalb arbeitsintensiv. (© Caroline Martin)

„NATURA 2000 VERBINDET“

Aufwertung der Landschaft im Natur- & Geopark Möllerdall

In der offenen Landschaft gibt es oft nur noch wenige Bäume und Hecken. Etliche Bereiche sind regelrecht verarmt. Elemente, die unsere Landschaft strukturieren und bereichern, sind selten geworden. Zu ihnen zählen Einzelbäume, Hecken, Gebüsch, Lesesteinhaufen, Tümpel oder auch größere Elemente wie Streuobstwiesen (lux.: „Bongerten“).

Diese Landschaftselemente haben jedoch eine essenzielle Bedeutung für die Biodiversität. Sie sind Lebensräume für zahlreiche Tier- und Pflanzenarten und verbinden darüber hinaus verschiedene Lebensräume miteinander. So kann eine Hecke beispielsweise eine wichtige Verbindung zwischen zwei Waldstücken sein, die verschiedene Tiere, wie Frösche oder Kröten, für ihre jährlichen Wanderungen nutzen und die ihnen Schutz bieten. Wie wichtig es ist, dem dramatischen Rückgang der Biodiversität entgegenzuwirken, haben in der Vergangenheit zahlreiche Studien gezeigt.

Eine reich strukturierte Feldflur hat jedoch nicht nur positive Auswirkungen auf die Biodiversität, sondern auch

auf den Menschen. Die verschiedenen Elemente steigern die Attraktivität des Landschaftsbildes deutlich. Darüber hinaus tragen sie zum Wasserschutz bei und helfen, Erosion zu vermindern. Vielfältige und zahlreiche Landschaftselemente verbessern also auch den Lebensraum für den Menschen.

Um dem verheerenden Biodiversitätsverlust entgegenzuwirken, wurde das Projekt „Natura 2000 verbindet“ initiiert. Projektträger ist der Natur- & Geopark Möllerdall. Ziel des Projekts ist es, die heimischen Arten und ihre Lebensräume für die zukünftigen Generationen zu erhalten. Die geplanten Maßnahmen sind ehrgeizig: Insgesamt sollen 4.000 neue Obstbäume gepflanzt und rund 4.000 bestehende Obstbäume fachgerecht geschnitten werden. Darüber hinaus werden Nisthilfen für verschiedene Tierarten, neue Hecken, Blühstreifen und Steinhaufen angelegt.

Mit verschiedenen Sensibilisierungskampagnen wird das Bewusstsein für die wichtige Bedeutung der Landschaftselemente verbessert. Weiterbildungsangebote, wie z.B.



Der Steinkauz, die kleinste Eule Luxemburgs, ist eine charakteristische Art der „Bongerten“. (© Mikis Bastian)

Natur- & Geopark Mëllerdall - www.naturpark-mellerdall.lu

11 Gemeinden und der Staat haben sich unter dem Namen Natur- & Geopark Mëllerdall zusammengeschlossen, um die Region nachhaltig zu entwickeln. Hinter dem Titel steckt noch mehr, als Projekte in den Bereichen Natur und Geologie. Auf unterschiedlichste Art und Weise werden hier vielfältige Projekte umgesetzt und Beratungsdienste angeboten.

Dies in folgenden Bereichen: Klimaschutz und erneuerbare Energien, Trinkwasserschutz, Wissensvermittlung, Schutz und Erhalt des kulturellen Erbes, Beratungsdienst für regionale Produzenten, Beratungsdienst für kleine und mittelständische Unternehmen, Geologie, Schutz von Natur und Landschaft.

Dabei richtet sich der Natur- & Geopark Mëllerdall (kurz: NGPM) insbesondere an die Einwohner der Region. Folgende 11 Gemeinden sind Teil des NGPM: Beaufort, Bech, Berdorf, Consdorf, Echternach, Fischbach, Heffingen, Larochette, Nommern, Rosport-Mompach und Waldbillig. An dem Projekt „Natura 2000 verbindet“ beteiligt sich darüber hinaus auch die Ernzalgemeinde und die Gemeinde Reisdorf, die aktuell Beitrittskandidatin ist.

Kurse zur fachgerechten Pflege von Obstbäumen ergänzen das Projekt. Eine Baumwartausbildung (zertifizierter Lehrgang), die mit zahlreichen Partnern entwickelt wird, hilft, Kompetenzen in Sachen „Bongerten“ aufzubauen. Auch dem derzeit vorherrschenden Fachkräftemangel kann hiermit entgegengewirkt werden. Denn in der Tat fehlt es an entsprechend qualifizierten Unternehmen. Und damit das Obst wieder verstärkt genutzt wird, soll eine kostenlose „Bongerten“-Plattform Angebot und Nachfrage miteinander verbinden – indem alle Interessenten, Streuobstwiesenbesitzer, regionale Produzenten, Imker etc. miteinander vernetzt werden. Alle Maßnahmen des Projekts tragen dazu bei, unsere wertvolle Kulturlandschaft mit den für die Region Mëllerdall so wichtigen „Bongerten“ langfristig zu erhalten.

Finanziert wird das fünfjährige Projekt zu 100% durch den Umweltfonds des Ministeriums für Umwelt, Klima und nachhaltige Entwicklung. Die verschiedenen Maßnahmen werden in allen Gemeinden des Comité de pilotage Natura 2000 Mëllerdall umgesetzt, das sind alle Gemeinden

des Natur- & Geopark Mëllerdall sowie die Gemeinde Reisdorf, die aktuell Beitrittskandidatin ist und die Ernzalgemeinde. Die Umsetzung ist nicht nur auf Natura 2000-Gebiete beschränkt. Auch wichtige Verbindungswege zwischen Lebensräumen kommen für die Maßnahmen in Frage.

Am 6. Mai 2021 wurde die Konvention des Projekts offiziell von Umweltministerin Carole Dieschbourg im Rahmen einer Pressekonferenz unterzeichnet. Die Präsentation fand in der „Hierber Scheier“ in Herborn statt.

Kontaktdaten:



Jill Lucas

Projektleiterin „Natura 2000 verbindet“
8, rue de l'Auberge
L-6315 Beaufort
Tel.: +352 26 87 82 91-36
GSM: 621 61 62 87
E-Mail: jill.lucas@naturpark-mellerdall.lu

DE VĒLOSUMMER 2021

De Vëlosommer 2021 ass vum 31. Juli bis den 29. August gaangen. Et hu 65 Gemenge matgemaach. Et goufen 12 Touren iwwer zesumme 550 Kilometer, vun deenen der eng Partie just deen een oder anere Weekend konnte gefuer ginn.

Dat war och esou am Mëllerdall, wou den 31. Juli an den 1. August de Vëlosommer ugefaangen huet mam Regioun-Mëllerdall-Tour. Dat gong iwwer fir Autoe gesparte Stroosse vum Grondhaff laanscht d'Schwarz lernz bis an de Blummendall. Hannescht konnt een iwwer Jonglënster op Kéideng de schéine Vëloswee laanscht déi Wäiss lernz huelen an dann iwwer d'Fiels, Eppelduerf a Bigelbaach laanscht d'Sauer op de Grondhaff kommen, oder awer iwwer de Groeknapp an de Vëloswee op lechternach un d'Sauer fueren.

Hei sinn e puer Fotoe vun der feierlecher Aweigung vum Vëlosommer 2021 den 31. Juli am Mëllerdall. Eis Buergermeeschtesch huet d'Ministère François Bausch a Lex Delles begréisst, a si sinn natierlech och zesummen en Tour mam Vélo gefuer.

Fotoen: Konstanze Liskow





WAT ASS LASS? // QUE FAIRE ?

WAT ASS LASS?

Leider ass et nach ëmmer net méiglech fir virauszegesinn, wéi et mat der Pandemie an de Restriktioune virugeet. Dofir si kaum Manifestatiounen ugesot.

Mee mir hu jo zwou interessant Offeren an eiser Gemeng, de Bicherbus an d'Bichersail. Déi si corona-onofhängeg!

De Bicherbus fiert duerch d'ganzt Land a kënnt och regelméisseg bei d'Michel-Rodange-Schoul zu Waldbëlleg. E steet dann **ëmmer donneschdes vun 10:50 bis 11:20 Auer** um Arrêt vum Schoulbus.

Déi nächst Datumer sinn déi heiten:

30. September

21. Oktober

18. November

09. Dezember

Virun der Gemeng steet d'Bichersail. Jiddwereen dierf sech zu all Zäit e Buch oder Bicher eraushuelen a mat heem huelen. Et kann een d'Bicher halen oder se hanneschtbréngen. Jiddwereen dierf och Bicher a guddem Zoustand a mat manéierlechem Inhalt drastellen, esou laang Plaz ass.



RESTAURANTEN

Ob a wéi d'Restauranten an den nächste Méint ophunn, ass natierlech och onsécher.

Informéiert Iech doriwwer wgl. op den Internetsäite vun de Restauranten.

De Restaurant **Heringer Millen** am Mëllerdall
Telefon: 26 78 47 17
<http://heringermillen.lu>

De Restaurant **Cascades** am Mëllerdall
Telefon: 87 83 83
www.hotelcascades.lu

De Restaurant **Gudde Kascht** zu Haler
Telefon: 83 67 48
www.guddekascht.lu

De Restaurant **Cigalon** am Mëllerdall
Telefon: 79 94 95
E-Mail: cigalon@pt.lu
www.lecigalon.lu



LOST & FOUND

Mëtt Juli si Schlëssele fonnt ginn.

Renseignementer op der Gemeng: **83 72 87**



Foto: Camille Goedert



DEFUUSS
als PDF online!







WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG